

24.
OKTOBER
2025

Gemengebuet


#LIEWENZUESCH


ESCH

☑ = Jo
☒ = Nee
⊜ = Enthalen
🔄 = Procuratioun

24. OKTOBER 2025


Gemengebuet





esch

Voir les votes par conseiller →



Transkriptioun Gemengerot Esch-Uelzecht

24. Oktober 2025

Réunion à huis clos

1.1. Questions de personnel; décision

1.2. Office social ; questions de personnel ; avis

Réunion publique

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, léif Vertrieder vun der Press, léif Escherinnen an Escher, déi eis vläicht iwwert iergendwellech Kaneel de Moie scho suivéieren oder bäischalten am Laf vum Moien, ech begréissen lech dann an dëser Gemengerotssëtzung vum 24. Oktober.

Entschëllegt sinn den Här Avdic, dee seng Procuratioun ginn huet un den Här Pulli. D'Madamm Braz ass entschëllegt, déi eng Procuratioun ginn huet un den Här Faltz. Den Här Knaff huet eng berufflech Urgence, sou dass hien am Ufank vun der Sëtzung net kann dobäi sinn. D'Procuratioun geet do un d'Madamm Scholl.

Den Ordre du jour gouf am Delai verschéckt – et ginn awer e puer Ännerungen um Ordre du jour. Op der enger Säit huet den Här Pulli am Delai gefrot, fir nach e Punkt op den Ordre du jour bäizesetzen, nämlech de Punkt „Evolution des prix des loyers sur le territoire communal". Dat proposéiere mer dann, hannert dem Punkt vun der Fixatioun vum Impôt foncier ze stellen, well dat gutt dohi passt.

Et ass opgefall, dass beim Punkt vun der Charte nach en Avis feelt vun der Commission des Cultes. Dofir géinge mer déi dann nach eng Kéier zerécksetzen a vum Ordre du jour erofhuelen an d'Kommissioun nach eng Kéier consultéieren.

An da schlussendlech ass et esou, wéi ech grad gesot hunn, dass den Här Knaff eng Urgence hat, déi dotëscht komm ass, a mir net wëssen, wéini hien dann de Moien erëm wäert hei sinn. Dowéinst wollte mer froen, dass mer seng Punkten dann op dee Moment verréckelen, wou hien dann an d'Sëtzung bäikomme géing.

Ginn et Wuertmeldungen dozou? Da géinge mer dat ofstëmmen.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

2.1. Convention collective des Communes du Sud; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir kommen elo bei e Punkt, dee sécherlech mäi lescht Joer markéiert huet.

Ronn eelef Méint no der Opkënnegung vum Kollektivvertrag duerch d'Delegatiounen, no sechs Verhandlungsronnen tëscht Verhandlungsdelegatiounen – sechs Ronnen, bei deenen zesummegerechent iwwer 30 Persounen zu deem engen oder anere Moment matnegociéiert hunn – a séllege Versammlungen op béide Säiten, fir Positiounen ze definéieren an d'Verhandlungen ze preparéieren, konnt den 10. Oktober de Südgemengen-Aarbechterkollektivvertrag tëschent de Gewerkschaftsvertrieder an de gewielte Volleksvertrieder vun 19 Stied a Gemengen ënnerschriwwe ginn.

E Kollektivvertrag, dee fir d'Joren 2025, 2026 an 2027 zielt an dee ronn 4.300 Mataarbechter an deene verschiddene Gemenge betrëfft. E Kollektivvertrag, deen eng gemeinsam Volontéit vu Gemengen a Gewerkschaften ausdréckt, fir bestoend Dispositiounen un d'Realitéite vun der Aarbechts- a Liewenssituatioun vun eise Mataarbechterinnen a Mataarbechter unzepassen, genee wéi d'Volontéit, méi Transparenz a méi Kohärenz an den administrativen Ofleef ze festegen.

Et ass e Kollektivvertrag, deen op Aenhéicht verhandelt gouf, wou et falsch wär, ze behaapten, eng Säit hätt déi aner iwwertrompt. Et ass e Kollektivvertrag, deen och op Aenhéicht ënnerschriwwe gouf.

Ech wéilt e puer Upassungen ervirhiewen. D'Aféierung vun zwee neie Congéen, de Congé aidant an de Congé en cas de force majeure, d'Aféierung vun engem Delai vu maximal zwielef Méint no der Astellung fir d'Ofgi vun den Dokumenter fir d'Berechnung vun der Anciennetéit en compte ze huelen. Wann déi Dokumenter no dësem Delai ofgi ginn, wäert réckwierkend dës Anciennetéit net méi unerkannt ginn.

D'Period fir d'Berechnung vum Pecul de vacances ass un d'Period vum SAS-Kollektivvertrag ugepasst ginn, fir de Personal-servicer d'Demarchen ze vereinfachen. Bei den disziplinaresche Mesurë goufen den Avertissement an de Rappel à l'ordre frësch agestuuft. Fir d'Retrogradatioun gouf festgehalen, dass ee bis op déi véiert Valeur vum Echelon ka goen.

Wat de Congé de recréation betrëfft, kann e justifiéierte Refus fir eng Demande formuléiert ginn. An deem Fall gëtt dem Salarié eng aner Congésplaz proposéiert.

Anescht wéi gefuerdert, gëtt de Kollektivvertrag keng Delaie fir d'Approbatioun vun de Congéen, mee all Administratioun ass gefuerdert, sech en internt Reglement heifir ze ginn. Ausser am Fall, wou eng Persoun aus dem Congé de maternité oder dem Congé parental géing erëmkommen, kann de Congé sans solde nëmmen nach ab dem Éischte vum Mount zukünfteg accordéiert ginn.

Et gëtt am neien Accord och preziséiert, dass e Salarié nom Retour vum Congé sans solde keng Garantie huet, fir op säi fréiere Posten zeréckzekommen. Fir dass eis Personalservicer eng besser Tracabilitéit beim Congé pour raison familiale hunn, muss de betraffene Salarié dem Service e Certificat vun der CNS areechen, op deem preziséiert ass, wéi vill Deeg si oder hie scho geholl hun a wéi vill si oder hien nach an der Alterstranche zegutt hunn.

Am Fall, wou e Salarié am Krankeschäin Ausgang huet, fir iessen ze goen, kann hien den zoustännege Personalservice heiriwwer informéieren, fir all Malentendu, all Rumeur dès le départ aus der Welt ze schafen. Dëst zousätzlech zu der obligatorescher Informatioun un d'CNS.

An dann en neien Ajou, dee mir och perséinlech wichteg ass, well ech dovun iwwerzeegt sinn, dass dat e feste Bestanddeel vun all

Aarbechtsorganisatioun hautzudaags muss sinn. All Administratioun ass gehalen, sech eng Prozedur am Fall vun engem Harcèlement moral oder sexuel ze ginn, genee wéi och eng aktiv Preventiounsaarbecht géint all Form vun Harcelement muss geleescht ginn.

Eis Escher Prozedur- a Preventiounsaarbechte sinn iwwregens vun der Gewerkschaftssäit als Best Practises fir all d'Gemenge presentéiert ginn.

Wat déi monetär Neierunge betrëfft, sou wësst Der, dass schonn am leschte Kollektivvertrag festgehale gouf, dass den nationale Fonctionnairegehälteraccord am Südgemenge-Kollektivvertrag applizéiert gëtt.

D'Salariéë kréien also an hirer Pai net méi bäi, wéi hinne laut der Reegelung vum leschten Accord souwisou zousteet. Wat d'Prime unique annuel vun 1 % pro Joer aus dem leschte Kollektivvertrag betrëfft, sou ass déi fir 2025 op 1,25 % vum Joresgehalt ugepasst, fir 2026 chiffréiert se sech op 1 %, éier se dann ab 2027 komplett aus dem Kollektivvertrag gestrach ass.

2026 geet d'Prime fir d'Permanence vu 15 op 17 Punkte pro Woch erop, d'Prime d'astreinte klëmmt vun 23 op 24 Punkte pro Mount. 2027 gëtt d'Permanence-Primm dann definitiv op 20 Punkte pro Woch eropgesat.

A Chiffere mécht dat fir d'Stad Esch e finanziellt Méiengagement vun 1,84 Milliounen Euro fir 2025 aus – dat ass e Méi vun 3,28 % –, 1,04 Milliounen Euro fir 2026 – dat ass e Méi vun 1,79 % – an da fir 2027 sinn et nach eng Kéier 190.000 € - dat ass e Méi vun 0,32 %.

Dass mer eis richteg verstinn, dat ass net, fir ëmmer openaner dropzerechnen, well dat wier d'Rechnung falsch gemaach. Et muss een d'Rechnung esou maachen, dass mer eeben duerch de Gehälteraccord elo am éischte Joer dann 2 % souwisou schonn hunn an der Pai, an da kommen nach eng Kéier 1,25 % dorobber.

Nächst Joer duerch de Gehälteraccord kommen dann nach eng Kéier 0,5 % bäi, mee do geet jo dann d'Primm ëm 0,25 erof. An dann dat drëtt Joer, par rapport zu der Pai vum leschten Dag vum Dezember ass dann eeben de Gehälteraccord vun 2,5 %, deen ze applizéieren ass. Also par rapport zu der leschter Pai, déi se 2024 am Dezember kritt hunn.

Kolleeginnen a Kolleegen, ofschléissend wéilt ech, well et net nëmme meng éischt Kollektivvertragsverhandlungen als President vun enger Verhandlungsdelegatioun waren, mee meng éischt Kollektivvertragsverhandlungen tout court, nach zwou Reflexioune formuléieren.

An de leschte Wochen a Méint gouf vill iwwer Sozialdialog gesot a geschriwwen – vläicht souguer inflationär. Well op eemol hat jiddereen, awer wierklech jiddereen eng Meenung an et huet och jidderee sech expriméiert, och wann dat emol méi oder manner fundéiert war.

No eelef Méint Verhandlunge kommen ech zu der Konklusioun, dass net all Treffen tëschent ëffentleche Vertrieder a Gewerkschaftsvertrieder dat Prädikat vum Sozialdialog och tatsächlech verdéngt huet.

Déi nostalgesch an a verschiddene Kreesser idealiséiert Escher Duerstellung zum Beispill, dass e Buergermeeschter sech mat engem Gewerkschaftsvertrieder trëfft an dass allebéid beschtefalls och nach déi selwecht Gewerkschaftskaart hunn, sech dann einfach doheem iwwer verschidde Reegelungen eens ginn, dat ass iwwerlieft, dat ass Vergaangenheet.

An ech mengen, dass dat e Plus ass en faveur vun de Gewerkschaften, dass dat e Plus ass

en faveur vum Fonctionnement vun eis als Administratiounen, an dass déi Diskussiounen à la hauteur a grousse Gruppe mat Leit, déi dorop virbereet sinn, déi d'Dossiere kennen, musse gefouert ginn, fir dass och eppes Qualitatives wierklech kann erauskommen.

An no eelef Méint Verhandlunge woen ech och, soen ze kënnen, dass Sozialdialog och fir gewerkschaftsaffin Politiker virun allem vill Aarbecht an éischter Linn bedeit. Net nëmme fir eis als Administratioun dann als Politiker, mee och ganz sécherlech fir d'Gewerkschaft op der anerer Säit. Well Verhandlungsronne kënne wierklech laang an intensiv sinn.

Tëschent de Verhandlungsronne stinn d'Preparatiounsaarbecht an Diskussiounen innerhalb vun de Verhandlungsdelegatiounen un, Personalbüroe preparéieren onsëlleg Dokumenter vu Berechnungen.

Et ka virkommen, dass een no Stonnen Negociatiounen ouni Accord vum Dësch geet – dat ass och an dëse Verhandlunge virkomm. Wou mer ee Moment gesot hunn, mir sinn eis net eens. An da mengen ech, dass et eng Fro vun der Professionalitéit a vun der Wichtegkeet vun der Saach ass, fir sech awer erëm zesummenzesetzen.

An ech wéilt dann op dëser Plaz da jidderengem op béide Säite vum Dësch fir dat geleescht Engagement Merci soen. Ganz perséinlech awer virewech dem Claudia De Almeida, wat d'Sekretariat vun de Verhandlunge gefouert huet a mir e gudde Rot an de Verhandlunge war, genee wéi all Beamten, déi ëmmer erëm Expertise geliwwert hunn an de Buergermeeschteren a Schäfferéit aus den 19 Gemenge fir hiert Vertrauen an d'Verhandlungsdelegatioun, déi sech aus der Madamm Asselborn-Bintz, dem Här Altmeisch, dem Här Feiereisen, dem Här Fürpass, dem Här Haine, dem Här Lorang a mir selwer zesummegesat huet.

Virun allem awer woen ech ofschléissend ze behaapten, dass d'Resultat vun dem proposéierte Südgemenge-Kollektivvertrag fir béid Partneren eng Reussite duerstellt.

De Sozialdialog kann eeben net dora bestoen, dass eng Säit alles kritt an déi aner näischt. Wie mat deem Zil an de Sozialdialog geet, fir säi Vis-à-vis ze iwwertrompen, fir säi Vis-à-vis vläicht souguer blousszestellen, dee sollt eigentlech déi Demarche guer net maachen.

An dowéinst géing ech lech da bieden, léif Kolleeginnen a Kolleegen, no der Diskussioun, dësem Kollektivvertrag dann och zouzestëmmen.

Wie kann ech aschreiwen? Den Här Faltz huet d'Wuert.

M. Steve Faltz (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter.

Fir Är ofschléissend Wierder dann direkt opzehuelen, mir géifen eis da vun der LSAP-Säit natierlech deem Merci do och uschléissen.

Ech denken, Dir sot et, eelef Méint Verhandlungen. Dat ass also näischt, wat ofgekaartent Spill war. Dat si Saachen, et sinn haart Verhandlungen. Wéi Der sot, do geet een heiansdo frustréiert heem an et ass näischt dobäi erauskomm.

Mee ech kann lech soen – Dir wësst et genau esou gutt wéi ech –, dass vun deenen zwou Säiten deen do Kollektiv als Gewënn ugesi gëtt. An ech mengen, dat ass jo dat Bescht, wat bei esou eppes kann erauskommen. Dass net e Mee oder e Komma, wat nach ëmmer hannendru kënnt.

An och do hoffen ech, dass an der Stad Är Wierder héieren hunn, well et ass genau

dat, wat mer brauchen. Zéiheet, awer och de Wëllen, deem anere genuch Seel ze ginn, fir dass eppes Positives dobäi erauskënnt.

Dofir vun eiser Säit e grousse Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Faltz.

Den Här Baum, duerno den Här Bermes.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Jo, ech ka mech deem och just uschléissen. Dir hutt et selwer gesot, 4.300 Salariéen, déi an de Südgemengen dovu betraff sinn.

Et ass e gudde Kollektivvertrag, mengen ech, souwuel am Interêt vun deene Leit, déi schaffen, wéi awer och am Interêt vun de Gemengen. Et gëtt eis och Planungssécherheet, et gëtt eng Kloerheet, wou d'Südgemengen an deenen nächsten zwee Joer och weider tendéieren, hinzegoen.

Dir hutt hutt ganz zu Recht op d'Wichtegkeet vum Sozialdialog higewisen. An ech si frou driwwer, datt déi Gewerkschaften, deene jo dann an der Vergaangenheet scho mol virgeheit ginn ass vu verschiddene Regierungsmemberen, se wieren net konzessiounsfäeg – nämlech den OGBL an den LCGB, d'Union des Syndicat, déi jo hei den Haaptverhandlungspartner waren an deem heiten Dossier.

Datt et duerchaus méiglech ass mat e bësse guddem Wëllen, Kompromësser ze fannen, op e gemeinsame Wee kënnen ze goen.

An ech hunn natierlech och mat enger Rëtsch Leit geschwat, a jiddwereen huet och dat bestätegt, wat Dir gesot hutt. Datt déi Gespréicher an engem ganz konstruktivem Dialog, an engem respektvollen Dialog gefouert gi sinn. Och wann et natierlech op eenzele Punkten eventuell zu Meenungsverschiddenheete komm ass, an een dann awer d'Intelligenz muss hunn, fir doraus erauszekommen an eventuell eng nei Dier opzemaachen.

Dir hutt och zu Recht gesot, wann zwou Interessegruppen, engersäits d'Patronen, déi d'Gemenge sinn, an anerersäits d'Vertrieder vun de Salariéen, datt et do kann zu Reiwereie kommen oder zu Meenungsverschiddenheeten. Entscheedend ass awer, datt grad am ëffentlech Déngscht et wichteg ass, datt mer gemeinsam un engem Strang zéien. Dat, mengen ech, ass och Ausdrock vun dësem Kollektivvertrag.

An och eng Reflexioun, déi Der opbruecht hutt, déi, mengen ech, och wichteg ass, wann een an esou Verhandlunge wëll goen. Et sinn Dossieren – an den Här Zwally kann dat ëmmer erëm bestätegen –, wat d'Komplexitéit net nëmme vun all deene verschiddene Leit, déi op de Gemenge schaffen.

Et ass eng Komplexitéit vum Dossier, déi immens grouss ass. An am beschte kann ee Kompromësser fannen, am beschte kann een Dieren opmaachen, verwurelt Situatiounen entwurelen, wann ee selwer am Dossier dran ass.

An ech mengen, an dat hunn ech och bestätegt kritt, datt dat an dësem Fall och esou war. Dofir mengen ech, datt ech och vun eis aus just ka soe Felicitatioune fir dee Kollektivvertrag, deen do negociéiert ginn ass. A wou mer weisen, datt zumindest am Minett de Sozialdialog duerchaus funktionéiere kann.

Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Baum.

Den Här Bermes an dann den Här Schmit.

M. Pascal Bermes (CSV)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Ech schléisse mech natierlech och un. Ech felicitéieren der ganzer Ekipp, déi matgeschafft huet, an der Leedung vun eisem CSV-Buergermeeschter, fir dëse Kollektivvertrag. Well et ass net sou einfach, e Konsens ze fannen tëscht deenen 19 Gemengen, de Gewerkschaften.

Ech mengen, et ass och finanziell méi gefrot ginn. An et muss een och de finanziellen Impakt kucken. An dat ass och eng Konscht, well all Gemeng e bëssen anescht opgestallt ass. Dat heescht, wann eng Gemeng net esou finanziell kompakt ass wéi déi aner, e méi groussen, dat ass wierklech eng Konscht. A fir jiddereen zefridden ze stellen. Dofir meng Felicitatiounen.

Ech wëll awer op e puer Punkten agoen. Ech mengen, den Här Buergermeeschter huet eis se all opgezielt, mee ech fannen et wichteg, datt déi Mesurë géint Harcelement dra sinn. Ech sinn och frou fir déi verschidde Congéen, déi bäikomm sinn, well den Aidant an de Force majeure ass eng wichteg Saach, wat se kënnen asetzen.

An ech sinn och frou, datt mer da mat eisen Aarbechter zu engem Konsens komm sinn, dee jiddereen zefriddestellt an deen och an eisem Budget eng akzeptabel Repercussioun afënnt.

Dofir nach eng Kéier e grousse Merci an ech hoffen, datt dat ëmmer esou weidergeet.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Bermes.

Den Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Jo, solle mer soen, Gewerkschaftserfarung hat ech jo och e wéineg. An ech weess, datt déi Saachen zimmlech komplizéiert kënne sinn. Mee ech wëll mech awer och hei freeën. Ech reie mech dann trotzdeem an déi Rei hei a vun de Leit, déi lech felicitéiert hu fir déi Verhandlungen.

Ech si frou, datt en Accord fonnt ginn ass. Et huet zwar e wéineg gedauert, mee et ass och de Beweis, datt ee sech awer verstännege kann, wann ee wierklech drop eraus ass. A wann een op deenen zwou Säite Leit um Verhandlungsdësch huet, déi wou de Wëllen och dozou hunn an de Wëllen dozou weisen.

An dat ass, wéi gesot, op béide Säiten net ëmmer esou einfach. Well dat kënnt ganz drop un, wien am Fong geholl déi Stellen do besetzt, wou verhandelt gëtt. Also vu menger Säit aus nach e Merci fir déi Aarbecht, wou gemaach ginn ass.

Wéi den Här Bermes et awer och viru mir gesot huet, am Fong geholl huet hie mir do e bësse virgegraff. Esou Verhandlungen sinn natierlech ëmmer tricky, well dat kënnt drop un, vu wellecher Säit ee sech dat ukuckt.

Wann ee sech dat budgetsméisseg fir d'Gemengen ukuckt, ass dat natierlech eng Erhéijung vun de Personalkäschten, wou zwar gerechtfäerdegt ass, mee trotzdeem ass et – den Här Bermes huet et erwäänt, dat war och richteg esou. Well mir jo hei d'Perspektiv am Fong geholl an dësem Fall vun de Gemengen unhuelen, muss een dat trotzdeem awer dann an deem Bléckwénkel och gesinn.

Ofschléissend, fir 19 Gemenge mécht dat natierlech déi Verhandlungen nach ëmsou

schwéier. Dofir, Här Buergermeeschter, fir mech war dat do dann eng gutt Aarbecht.

Dobäi schléissen ech da meng Interventioun hei. An hoffe mer, datt et an Zukunft och nach esou weidergeet. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Vilmools merci fir Är Wierder, fir Äre Support, dee sécherlech och an deenen anere Gemenge gëllt an déi deen och héieren.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

2.2. Questions de personnel

2.2.A.1. Création d'un poste de chargé technique dans le statut du fonctionnaire dans le groupe de traitement B1, sous-groupe technique, auprès de la Police des Bâtisses ; décision

2.2.A.2. Création d'un poste de chargé technique dans le statut du fonctionnaire dans le groupe de traitement B1, sous-groupe technique, auprès du Parc Animalier ; décision

2.2.A.3. Création d'un poste d'agent polyvalent au sein du service Circulation dans le statut du salarié ; décision

2.2.B. Décision de classement de Madame A.R.N., agent administratif dans le statut du salarié à tâche intellectuelle auprès du service de l'Enseignement ; décision

2.2.C. Réduction de stage de Madame N.P., fonctionnaire dans le groupe de traitement B1, sous-groupe administratif ; décision

2.2.D. Primes d'astreinte variables d'un employé communal au Conservatoire pour l'exercice 2024 ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Haut huele mer d'Personalfroen eng Kéier vir. Den Här Zwally huet d'Wuert.

M. André Zwally (CSV), Schäffen |

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir maachen et da wéi ëmmer, d'Creation- an d'Suppression-de-posten.

An den Travaux municipaux maache mer eng Creation de poste vun engem Chargé technique a gläichzäiteg maache mer och eng Suppressioun. An dann hu mer an den Travaux municipaux am Parc Animalier eng Creation de poste vun engem Chargé technique am Statutt vum Fonctionnaire.

Do ass et elo esou, dass mer amgaange sinn, eng Organisatioun opzesetzen, wou Kanner dohi kommen, fir do uewen am Déierepark – dat huet vill Succès, an do si mer der Meenung, dass mer dat kënne viruféieren. An dofir wäerte mer dat och mat ënnerstëtzen an eng Kreatioun maachen.

Da maache mer bei den Travaux municipaux am Service Signalisation eng Creation de poste vun engem Agent polyvalent. Déi musse mer elo kreéieren, well deejéinegen an e puer Méint a Pensioun geet. An da gläichzäiteg natierlech och déi Suppressioun maachen.

An dann hu mer eng Decision de classement – Dir hutt dat bei lech dran –, eng Reducation de stage an zum Schluss dann eng Prime supplément fir d'Personal. An dat ass dann am Conservatoire.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

2.3. Office social : Création de poste d'un employé communal B1 adm 75% ; avis

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann huet den Här Cavaleiro d'Wuert mat Avise par rapport zu Creation-de-poste vum Office social.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Hei hu mer just eng Creation de poste als Agent administratif ënnert dem Regimm vum Employé communal, ënnert der Kategorie Groupe d'indemnité B1. An dat fir eng Persoun ze ersetzen op 75 %, deen den 1. Oktober 2025 opgehalen huet am Office social.

Ech géing lech dofir froen, fir dee positiv ze aviséieren.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

3. Charte communale du vivre-ensemble religieux; décision

4. Dénomination de rue; rue Coimbra; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den nächste Punkt ass d'Denominatioun vun der Rue Coimbra. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Punkt, deen ech haut virleeën, schéngt op den éischte Bléck technesch ze sinn, mee en huet eng staark symbolesch an europäesch Dimensioun. Ech proposéieren, datt déi aktuell Rue de Tilburg an Zukunft Rue de Coimbra heesche soll.

Dëse Changement ass kohärent, sënnvoll an ouni negativ Auswierkungen. Et geet ëm eng Strooss, wou kee Bewunner adresséiert ass, also ouni Konsequenze fir d'Post, d'Infrastrukturen oder d'Bewunner. Et ass eng Strooss, déi an engem Quartier läit, wou Stroossennimm un eis Partner- a Jumelage-Stied erënneren.

Esch ass eng Stad, déi ëmmer op Oppenheet, Diversitéit an Zesummenhalt gesat huet. Mat iwwer 38.000 Awunner an iwwer 120 Nationalitéiten ass si eng vun de symboleschste Stied vum lëtzebuergesche Süden. Eng Stad, déi d'kulturell a sozial Diversitéit net nëmmen akzeptéiert, mee och aktiv lieft.

An dësem europäesche Geescht sinn an der Vergaangenheet vill Stroossen no Stied benannt ginn, mat deenen Esch eng formell oder historesch Verbindung huet. Dat ass eng konkreet Manéier, d'Bezéiungen an d'Kooperatiounen vun eiser Stad am Alldag siichtbar ze maachen.

De 6. Juni 2005 huet Esch zesumme mat Coimbra e Protocole de jumelage ënnerschriwwen. Dëse Protokoll war an ass nach ëmmer en Engagement fir Zesummenaarbecht, Dialog a Frëndschaft tëscht zwou Stied, déi änlech Wäerter deelen – d'Verbindung vu Kultur, Wëssen, Jugend a sozialer Entwécklung.

An deenen 20 Joer duerno huet dëse Jumelage konkreet Gestalt kritt mat kulturellen an jugendlechen Austausch, mat Visitten an Empfäng, mat Kooperatioun tëscht Universitéiten.

Dës Relatioun huet sech als stabill a lieweg erwisen. Si spigelt genee dat duerch, wat Esch als Stad ausmécht: eng Stad, déi Brécke baut an net Grenzen zitt.

Dëst Joer feiere mir den 20. Anniversaire vun dësem Jumelage. Et ass also déi richteg Geleeënheet, dëst Bëndnis och visuell an dauerhaft am Stadbild ze verankeren.

D'Rue de Tilburg gehéiert zu deene Stroossen, déi deemools benannt goufen, fir d'Bezéiung mat eise Partnerstied ze symboliséieren. Allerdéngs besteet kee Jumelage méi mat der Stad Tilburg, an dofir ass et logesch an koherent, dës Bezeechnung nei ze orientéieren.

Fakt, datt an dëser Strooss keng Wunnhaiser oder adresséiert Bewunner leien – oder zumindest elo – mécht dëse Changement ouni praktesch Auswierkungen, a gläichzäiteg bitt en d'Méiglechkeet, eng Strooss no engem aktive Partner ze benennen, dee mat Esch eng staark europäesch Verbindung deelt.

D'Propositioun fir Rue de Coimbra ass also net nëmme symbolesch, mä kohärent,

konsequent a respektvoll géigeniwwer der Geschicht vun eisem Jumelagenetz.

Coimbra ass eng Stad mat enger aussergewéinlecher Geschicht an engem europäesche Profill. Si ass eng Universitéitsstad, eng Stad vum Wëssen a vun der Kultur – an domat en ideale Symbolpartner fir Esch. Eng Stad a Veränderung, mat stolzer industrieller Vergaangenheet an enger Zukunft gepräägt vu Bildung, Innovatioun a sozialer Kooperatioun.

Mat der Benennung Rue de Coimbra weise mir, dass d'Bezéiungen tëscht Esch an hire Partnerstied net theoreetesch sinn, mee eng Realitéit, déi mir erliewen an erhalen.

Dës Strooss wäert e Symbol vum Dialog, vum Zesummenhalt a vum géigesäitege Respekt tëscht de Stied an de Biergerinnen an Bierger ginn.

Sollt dëse Virschlag haut ugeholl ginn, wäert d'Gemeng d'entspriechend Administratiounen informéieren, d'Schëlder ersetzen an d'Kommunikatioun un d'Ëffentlechkeet organiséieren. Duerch de Fait, datt et kee bewunnte Sträif ass, ass dëst eng relativ einfach Prozedur.

Ech schloe vir, datt mir am Kader vum 20. Joer Jubiläum vun eiser Jumelage eng kleng feierlech Inauguratioun dann organiséieren, zesumme mat de Vertrieder vu Coimbra, fir d'Frëndschaft tëscht eise Stied symbolesch ze markéieren an dësen Anniversaire och ze feieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mat dëser Ëmbenennung maache mir méi wéi eng administrativ Aktioun. Mir setzen en Zeechen fir Zesummenhalt, fir Europa an fir d'Weiderféierung vun eis Stad als Plaz vum Dialog a vun der Kooperatioun.

D'Rue de Coimbra wäert e klengt Stéck vun Esch sinn, dat vu Frëndschaft erzielt, vun géigesäitegem Respekt a vun europäeschem Zesummenhalt. Ech bieden lech also, dëse Virschlag positiv ze stëmmen – fir d'Kohärenz vun eis Stad, fir d'Erënnerung un eise Jumelage a fir d'Verstärkung vun eise symbolesche Verbindungen an Europa.

Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Cavaleiro.

Den Här Baum huet d'Wuert.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Ech hunn dat hei am Dossier vum Gemengerot entdeckt an ech muss lech soen, datt ech awer e bëssen op mengem Honger sëtze bleiwen.

Ech si mat der Iddi selbstverständlech komplett averstanen, fir der Wichtegkeet vun der Städtepartnerschaft mat Coimbra eng Bedeitung ze ginn, andeem een eng Strooss no där Stad benennt. Sou wéi mer dat op anere Plazen hei zu Esch och schonn en place hunn.

Ech fannen awer, éierlech gesot, eng Stéchstrooss, fir bei en Akafszenter, wou kee Mënsch wunnt, Rue Coimbra ze nennen, dat ass awer net dat, wat Der elo grad gesot hutt, e staarkt Symbol vu Städtepartnerschaft. Mee dat fannen ech wierklech ënnert deem, wat Esch awer kéint als Symbol bei der gréisster Communautéit, der portugisescher Communautéit, awer setzen.

A wa mer wëssen, datt mer e ganze Quartier oder ganz Quartieren amgaange sinn,

nei ze erschléissen, mengen ech, datt ee Coimbra hätt am Kader dovun e méi grousse Stellewäert kënne ginn, wéi d'Rue de Tilburg elo an d'Rue de Coimbra ëmzebenennen. Dat fannen ech eng verpasst Chance.

Dann hunn ech den Text gelies, dee jo dann am Dossier loung. An do stoung eppes dran, wat mech e bëssen interpelléiert huet. „Dans le suivi d'une tradition datant des origines de nos différents jumelages et en vue du 20e anniversaire de la signature du serment entre Esch et Coimbra" gëtt eebe proposéiert, d'Tilburg-Strooss a Coimbra-Strooss ëmzebenennen.

An Dir hutt zu Recht gesot, dat ass de 6. Juni 2005 geschitt. Also zu engem Zäitpunkt, wou déi Lénk och mat an der Majoritéit waren. An ech hu mer d'Fro gestallt, ma wéi en Eed hu mer dann do ofgeluecht. Wéi en Eed? Dat steet hei: Signature du serment.

Mir hu kee Serment ënnerschriwwen, mir hunn e Protokoll ënnerschriwwen. An ech sinn awer e bëssen hannertzeg gaangen, wéi ech dat gelies hunn. Well ech mengen, datt d'Stad Coimbra an deem ...

(Interventioun)

Voilà. An dat ass eng weider Remark.

Do hunn ech mech dann e bëssen op d'Sich gemaach, wat dann do alles drasteet an ob et net awer vläicht e Serment war.

An do ass dat éischt, wat mer opgefall ass, datt op enger Google-Recherche ech de Protocole de jumelage um Site vun der Escher Gemeng net fonnt hunn. Awer um Site vu Coimbra. An en ass zweesproocheg. Dat heescht, um Site vu Coimbra konnt ech en dann och liesen, well en op Portugisesch a Franséisch ass.

A vläicht kann d'Städtepartnerschaft jo dann och dozou féieren, wa mer eis mat der Administratioun vu Coimbra zesummesetzen, datt mer dann och vläicht zu Esch léieren, Administration transparente et ouverte, dann d'Dokumenter och vläicht méi zougänglech ze hunn.

Ech sinn natierlech net géint d'Ëmbenennung vun der Rue Tilburg a Rue Coimbra, mee ech hätt mer wierklech gewënscht, datt een där Städtepartnerschaft e méi grousse Stellewäert géif zoumoossen.

Deen och ënner anerem hätt kënnen dora bestoen, andeem een da gesot hätt, all déi heer Ziler vun Austausch am kulturelle Beräich, am edukative Beräich – et stounge Saachen dran iwwer Studentenaustausch. Datt een do vläicht en éischte Bilan gemaach hätt an datt ee Perspektive gewisen hätt, wéi déi Städtepartnerschaft hätt kënnen nach eng Kéier verstäerkt gi fir déi nächst 5, 10 Joer, amplaz just wierklech eng Stéchstrooss no der Stad symbolesch ze benennen.

Dat anert hätt, mengen ech, e méi groussen Impakt op Esch gehat, an och e méi grousse Respekt virun der Stad Coimbra. D'Universitéitsstad.

Well dat ass jo och ëmmer gesot ginn, déi eelst Universitéitsstad mat der jéngster Universitéitsstad ginn eng Städtepartnerschaft an. Dofir, ech fannen et e bëssen eng verpasst Chance. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Här Schmit, Dir hutt d'Wuert gefrot.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci, Här Buergemeeschter.

Mat de Stroossennimm an den Ëmbenennungen, et wär vläicht och besser gewiescht, géif ech och soen, wéi mäi Virriedner dat am Fong geholl gesot huet, et hätt een eng nei Strooss fonnt, wou een hätt kënnen den Numm Coimbra huelen.

Vu que datt ech och, solle mer soen, des Ëftere gewëss konservativ Positiounen hunn, ass et mir ëmmer mulmeg, wann al Saachen einfach esou verännert ginn. Datt hei d'Rue de Tilburg op eemol soll anescht heeschen, ass am Fong geholl mir net direkt ersichtbar.

An dofir, wann een hätt wëlle Coimbra déi Éier ginn, fir e Stroossennumm ze kréien, dann hätt ee jo kënnen eng vun deenen neie Stroossen huelen an déi deementsprechend och esou benennen.

Dat hätt och domat nach méi Sënn gehat, datt dat jo soll am Fong den neien Zäitgeescht, solle mer soen, beliwweren. Den neien Zäitgeescht duerstellen. A wat wär méi logesch gewiescht, wéi dann enger neier Strooss am Fong geholl dann deen Numm ze ginn.

Dat heiten ass am Fong geholl hallef gebak. An ech fir mengersäits wäert mech an deem heite Fall enthalen. Ech wëll einfach net zwëschent am Fong geholl Tilburg a Coimbra an dësem Sënn wielen.

Wéi gesot, meng Argumenter hunn ech jo elo hei fräigeluecht. An ech mengen, do wäerten nach e puer Escher och menger Meenung sinn, déi wou einfach mat deem, wat existéiert, gewinnt sinn an dat net onbedéngt direkt agesinn, firwat een da muss déi do Strooss elo ëmbenennen, datt se elo soll op eemol Coimbra heeschen.

Wéi gesot, dogéint wäerte mer och net sinn, mee derfir an dësem Fall och net. Also fir mech wär dat hei kloer eng Abstentioun. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Déi Der jo elo scho begrënnt hutt, Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Nee ...

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dach.

Dir hutt elo d'Wuert net. Merci fir Äre Bäitrag.

Den Här Funck huet elo d'Wuert.

M. Bernard Schmit (ADR)

Heiansdo sot Der dann zu mir, ech géif dann am Fong geholl d'Abstentioun maachen an dann eréischt argumentéieren. Dir hat mer eng Kéier gesot, ech soll dat virdru maachen. An dofir hunn ech dat elo am Fong geholl kloer ...

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Funck huet d'Wuert.

M. Ben Funck (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter. Merci dem Här Baum fir seng Ausféierungen.

Mir kënnen eis deene prinzipiell uschléissen. Mee ech sinn awer e bësse méi positiv wéi den Här Baum. Mir léieren elo doraus, aus där verpasster Chance, well mir hu Partnerstied, wou nach keng Strooss hunn.

Meng Angscht ass, dass mer elo d'Rue de Rotterdam, well do de Jumelage e bësse méi schwéier ass, ëmbenennen a Rue de Stryi oder esou. Dat sollte mer vläicht verhënneren.

Ech mengen, virun net allze laanger Zäit hu mer Stroossennimm benannt an deelweis neie Quartieren, an deelweis Plazen, wou nei Stroosse komm sinn. Ech mengen, mir sollten dat op de Leescht huelen.

D'Fro stellt sech vläicht, wann d'Stroossen esou lues méi schwéier ginn, ze fannen, well se alleguer en Numm hunn a wou et keng aner Méiglechkeete ginn, fir eppes ze nennen. Eng Plaz, ech weess et net, ob et do vläicht Iddie ginn.

Déi aner Saach, déi ech lech dann awer wollt un d'Häerz leeën – a fir lech ass et e wichtege Sujet. A mir begréissen och, dass de Jumelage e wichtege Sujet ass. Ech géif proposéieren, dass mer an absehbarer Zäit – dat kascht net vill Geld an, ech mengen, och net vill Efforten. Hei virun der Dier hu mer d'Sail mat de Villes jumelées stoen, dass mer déi à jour setze mat Joao Monlevade drop, mat Stryi drop.

Ech war dofir extra nach virdrun erof kucken, ob déi dropstinn, fir dass mer dat och à jour hunn. An da mengen ech, dass dat an Zukunft net geschitt.

An ech géif awer och en Appell maachen – an den Här Baum huet et ugedeit – an da froen ech e ganz formell: Kënne mer vläicht e kuerze Resümmee kréie vun deem, wat an deenen 20 Joer geschafft, geleescht ginn ass, wat d'Inhalter vun deenen Austausche waren?

Well wéi gesot, mir mussen d'Rad net ëmmer nei erfannen, mee et wär mol gutt, wa mer géife gesinn, wat fir Sujete mer do abordéieren.

Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Wann et soss keng Wuertmeldunge ginn? Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Merci fir Är Remarken.

Här Baum, ech ginn lech net Onrecht, mee awer och net gläichzäiteg Recht.

Wann een dat esou kuckt, kann een dat esou behaapten. Okee, eng Strooss ouni Haiser. Mee et muss een awer och wëssen, esou vill Stroossen hu mer an Esch net méi, wou mer kënnen nach benennen.

Déi lescht Stroossen, wou mer benannt hunn, an dat an engem neie Quartier – an do sinn elo all d'Stroosse scho benannt. Dat ass d'Rout Lëns. An ausser d'Rout Lëns hu mer an Zukunft d'Metzeschmelz.

Metzeschmelz, dat ass vläicht a fënnef Joer, ech weess net, oder méi, oder wéi och ëmmer. Wou mer dann do vläicht eng Kéier en Numm kënnen dropsetzen. Okee?

M. Marc Baum (déi Lénk)

Dat wär fir de 25. Anniversaire.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Bon, ech mengen, hei geet drëm, fir tatsächlech déi 20 Joer och ze markéieren.

Natierlech datt Coimbra dee Moment och e Stroossennumm kritt, an engem Quartier, wou wierklech Europa gewidmet ass. Wou ronderëm Rue de Turin, Rue de Rotterdam – Tilburg war eeben drop – Puteaux an nach

aner Nimm vun eise Partnerstied. Dat heescht, egal wéi passt en an dee Quartier ronderëm d'Place de l'Europe.

Dir sot, e Stréch ouni Haiser. Ech mengen, mir baséieren op dat, wat haut drop gebaut ass. Mir wësse jo net, wat iergendwann eng Kéier sollt dropkommen oder ob do sech de Site nach ännert oder wéi och ëmmer. Ech mengen, et gi Garagen do.

Ech wëll elo hei net iergendeppes an d'Loft lancéieren, wéi wann do elo eppes virgesi wier oder wéi och ëmmer. Mee egal wéi ass et eng Strooss, déi zu Esch seng Plaz huet, an engem Quartier, dee wierklech Europa gewidmet ass.

An ech mengen, et ass méi einfach, en Numm ze ersetze vun enger Stad, wou eebe guer keng Bezéiung méi do ass, wéi elo an iergendengem anere Quartier higoen – sou wéi mer et zu engem bestëmmte Moment gemaach hunn an der Rue de Boers, wou et elo Rue Nelson Mandela ass.

Wou mer och begréissen, mee wou mer och wëssen, wat dat och vun administrativ Hürde bruecht huet. Mat sou vill Leit, déi an där Strooss wunnen a wou iwwerall d'Leit hu missen hir Dokumenter ëmänneren, fir eebe kënnen déi nei Adress ze verbesseren.

Ech mengen, hei hu mer probéiert, e Kompromëss ze fannen. Engersäits déi eenzeg Plaz, wou mer wierklech fonnt hunn.

An ech kann lech wierklech garantéieren, datt mer Plaze gekuckt hunn, datt mer Stroosse gekuckt hunn, wou mer souguer gesot hätten, jo, déi do Strooss misste mer vläicht eng Kéier ëmbenennen. Mee mam Problem, datt dat wierklech fir d'Leit, déi do wunnen, e ganz grousse Problem géing bedeiten an enger kuerzer Zäit. A fir eis als Gemeng och eng enorm administrativ Hürd wier.

An deem heie Fall – an do ass wierklech gekuckt ginn, wou sech déi Méiglechkeet géing ubidden. An dat wär eeben op där doter Plaz, Rue de Tilburg. An dofir proposéiere mer dat.

Par rapport zu der Remark, datt een e Bilan kann zéien – natierlech. Ech géing lech och invitéieren, an d'Commission des jumelages eng Kéier nolauschteren ze goen.

All déi Theeme ginn do reegelméisseg ugeschwat, gëtt do och all Echange diskutéiert a presentéiert. Sou datt och do lech déi Méiglechkeet ginn ass, fir do dat matzekréien. Mee n'empêche, datt mer awer eng Kéier en Exercice kënne maachen iwwer déi eenzel Echangen, respektiv all deem, wat dat och fir Esch bruecht huet.

Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Cavaleiro.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☲ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Esou wéi de Reglement et virgesäit: Wëllt Der nach eppes dozou soen, Här Schmit?

M. Bernard Schmit (ADR)

Ech hunn alles gesot.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Perfekt. Villmools merci.

6.1. Office social; renouvellement du Conseil d'administration; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann iwwersprange mer d'Punkte 5 a mer gi bei de 6.1. Dat ass de Renouvellement vum Office social.

Här Cavaleiro.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

De Punkt, deen haut virlält, betrëfft de Renouvellement vum Conseil d'administration vum Office social Esch, deen haut zum Vott virgeluecht gëtt.

D'Mandater vu véier Membere lafen den 31. Dezember 2025 aus, an eng Plaz ass duerch eng Demissioun zënter dem 1. August 2025 fräi.

No engem duebelen Appel à candidatures proposéiert de Schäfferot dräi Memberen, déi sech nees gestallt hunn, fir eng nei Mandatsperiod vu sechs Joer ze confirméieren. An eeben en neie Member op de Poste vun enger demissionärer Memberin, déi eebe bis Enn 2028 wäert am CA siegéieren.

E weidere Poste bleift vakant, an dofir wäert en neien Appel à candidatures gemaach ginn, fir de Conseil bis Enn des Joers komplett ze besetzen. Dës Decisioun ass net nëmme formell, si ass strukturell wichteg fir de Fonctionnement vun eisem Office social.

De Conseil d'Administration huet eng zentral Verantwortung. Hie garantéiert d'Orientatioun an d'Kontroll vun engem Déngscht, deen déi sozialstabill Basis vun eiser Stad duerstellt.

Mee mir mussen och feststellen, datt d'Realitéiten an de soziale Beräicher sech verännert hunn. Déi sozial Froen haut si vill méi komplex, mat juristeschen, finanziellen a gesellschaftlechen Aspekter. An dofir ass et net méi genuch, datt esou e Conseil just op Benevolat a gudde Wëllen opgebaut ass.

Ech soen et kloer, mir brauchen an esou engem CA Kompetenz, Fachwëssen an Erfarung am sozialen, juristeschen an och am finanzielle Beräich.

E moderne Conseil d'administration muss professionaliséiert sinn, mat Memberen, déi Versteesdemech fir d'Realitéit vum Terrain hunn, awer och d'Fäegkeet, d'Entscheedungen ze huelen, déi den Office social an d'Zukunft féieren.

Dat ass d'Richtung, an där mir wëlle goen. An d'Propositioun, déi haut virläit, geet an déi richteg Richtung. Si bréngt Kontinuitéit, Kompetenz a Stabilitéit. An dofir bieden ech lech, wéi gesot, dëse Virschlag positiv ze stëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Da kréie mer d'Ziedelen ausgedeelt.

Den Här Baum huet eng Fro.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Just ganz kuerz.

Unhakend dorun, wat den Här Cavaleiro zum Schluss gesot huet. Et ass och just en Denkustouss an dat ass sécher net an der Verantwortung vum Escher Schäfferot, mee ech mengen, datt ee sech wierklech eng Kéier muss um nationale Plang Gedanke maachen, ob déi Aart a Weis, wéi Conseil-d'administratione vun Office-sociallen, iwwerhaapt wéi d'Gestioun vun den Office-sociallen, ob dat wierklech nach zäitgeméiss ass.

Et ass eng enorm Aufgab, et ass eng enorm Veranwortung, déi Leit do hunn. Deelweis iwwer Schicksaler och vun anere Leit.

Mir hunn immens Problemer, Leit ze fannen, déi bereet sinn, dat benevoll ze maachen. Well dat si Stonnen a Stonnen Aarbecht. An ech hoffen, datt an dem dann iergendwann eng Kéier kommende Plan d'action national contre la pauvreté zumindest déi eng oder aner Reflexioun doran erëmzefannen ass.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Cavaleiro wëll nach eppes soen.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Nee, just fir dat ze confirméieren. Et ass genau an deem Sënn, wou ech dat och gesot hunn. Wou ech och der Meenung sinn, datt et esou muss gehandhaabt ginn.

[geheime Vott]

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da si mat 15 Stëmme jeeweils gewielt den Här Anzil, d'Madamm Thill-Bianchi Rita, den Här Wealer an den Här Bremer. A mir hunn ee Blanc.

6.2. Office social ; Fonds de roulement; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den nächste Punkt ass och den Office social. Den Här Cavaleiro behält d'Wuert.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

D'Propositioun, déi an Ärem Dossier virläit, betrëfft d'Augmentatioun vum Fonds de roulement vum Office social, vun aktuell 15 Euro pro Awunner op 25 Euro pro Awunner.

Et geet dobäi net ëm eng einfach technesch Adaptatioun, mee ëm eng néideg Mesure, fir dass eisen Office social seng Missioun och an de kommende Méint ouni Onsécherheet a mat den néidege Mëttele ka weiderféieren.

Zanter 2023 ass den Office social mat enger stänneg klammender Zuel vu Froe fir Hëllef konfrontéiert. An enger Gesellschaft, déi ëmmer méi Drock op déi vulnérabelst Stéit mécht, gesäit een dat och bei eis am Alldag. 1.455 Demanden am Joer 2022, 1.597 am Joer 2023, 1.903 am Joer 2024 a

bis Oktober 2025 schonn 1.781 Demanden. Dat heescht, mir wäerten d'Joer mat enger neier Rekordzuel ofschléissen.

Hannert dëse Froe stinn net Dossieren, mee Mënschen. Familljen, Elteren, déi sech net méi all Mount kënnen duerchhalen, trotz Aarbecht, trotz Effort. Et geet ëm Käschte fir Gesondheet, Logement, Alimentatioun oder Energie – d'Basis vun engem liewenswäerte Liewen.

D'Gesetz vum 18. Dezember 2009 iwwer d'Aide sociale seet kloer: D'Zil ass, jidderengem eng Existenz an Dignitéit ze garantéieren. A genee dat ass d'Aufgab, déi d'Office social all Dag erfëllt.

D'Problematik, déi mir haut behandelen, ass net eng Fro vu falscher Budgetiséierung oder vu schlecht Gestioun. Si ass d'Konsequenz vun engem strukturelle Mechanismus. Den Office social bezilt direkt d'Hëllefen an d'Avancen, déi et u seng Beneficiairë vergëtt, mee d'Recetten – also d'Remboursementer, d'Participatiounen oder d'Subventiounen – kommen verspéit oder versat eran.

Sou ergëtt sech eng temporär Lück vu Liquiditéiten, déi mat all Mount méi schwéier ze droe gëtt. Am Moment schwätze mir vun engem Mangel u fléissendem Kapital vun iwwer 770.000 Euro, wéi et d'Coordination sociale an hirer Nott vum 16. Oktober dokumentéiert huet.

Ouni dës Upassung riskéiert den Office social, Aide-sociallen ze verréckelen oder ze limitéieren, wat wéineg mat eiser sozialer Verantwortung kompatibel wier.

Déi virgeschloen Erhéijung vum Fonds de roulement vun 15 op 25 Euro pro Awunner ass also net e Luxus, mee eng zäitgemëiss a pragmatesch Moossnam, fir dem Service déi néideg finanziell Flexibilitéit ze ginn.

Et ass wichteg, sech an dëser Diskussioun och un d'Gréisst an d'Komplexitéit vum Service ze erënneren.

Den Office social huet haut eng Direktioun mat enger Chargée de direction an engem Adjoint administratif et financier am Recrutement, zwou sozial Ekippen – Inklusioun an Aide sociale – mat insgesamt iwwer 17 professionellen Aarbechterinnen an Aarbechter an eng administrativ a finanziell Ekipp, déi d'Ressource-humainen, d'Budgetsverwaltung an d'Paiementer managen.

Dat sinn eng 25 Leit, déi all Dag op de soziale Fronte schaffen – mat Dossieren, déi ëmmer méi schwéier ginn, a Situatiounen, déi ëmmer méi komplex sinn.

Mir schwätzen also vun engem professionnelle Service, net vun enger Benevoll-Struktur wéi fréier. An dat ass eng Entwécklung, déi ech wëll ënnersträichen. E modernen Office social brauch, wéi ech et virdrun och schonn erwäänt hunn, Fachwëssen a Professionalitéit.

Duerch dës Professionaliséierung huet den Office social un Effizienz a Responsabilitéit gewonnen. An et ass eis politesch Flicht, hinnen déi néideg Moyene fir hir Aarbecht ze ginn.

Dës Augmentatioun vum Fonds de roulement ass keen neie Budgetsposten, mee eng temporär Upassung vun de fléissende Mëttel, fir d'Sécherheet vum Fonctionnement ze garantéieren.

Gutt Gestioun bleift hei kloer eng Prioritéit. De Conseil d'administration vum Office Social huet scho Moossnamen ergraff, fir d'Situatioun strukturell ze stabiliséieren, andeems datt eng Limitéierung vun den Avances remboursables applizéiert gëtt, d'Automatisatioun vum Recouvrement, d'Evaluatioun vun de Fäll, wou e Recours net méi realistesch ass an eng méi prezis Budgetparticipatioun fir 2026.

Mir schwätzen also net vun enger blanner Hausse, mee vun enger kontrolléierter a justifizéierter Upassung.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir schwätzen hei iwwer d'Fäegkeet vun eiser Stad, de Mënschen an Nout ze hëllefen, wa se et am meeschte brauchen.

Den Office social ass kee Käschtepunkt, mee eng Investitioun an d'Dignitéit an d'Stabilitéit vun deenen, déi eis Hëllef brauchen. A mat dëser Decisioun weise mir, datt Esch net op Distanz geet, wann d'Liewen fir e puer méi schwéier gëtt.

Mir decidéiere fir Kontinuitéit, Seriö a Mënschlechkeet. Dofir bieden ech Iech dofir, dës Augmentatioun vum Fonds de roulement vu 15 op 25 Euro pro Awunner haut matzestëmmen.

Ech soen Iech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Gëtt et Wuertmeldungen zu dësem Punkt? D'Madamm Agovic als éischt.

Mme Enesa Agovic (LSAP)

Merci fir d'Wuert.

Ech wéilt hei och dem Office social mat all senge Mataarbechterinnen a Mataarbechter e ganz grousse Merci ausschwätze fir déi wierklech immens wichteg Aarbecht. An et ass och nëmme richteg, datt si eeben och hei déi néideg Mëttele kréien, fir deene Leit ze hëllefen, déi wierklech an deene ganz prekäre Situatioune sinn. An hei wär dat dann dës Erhéijung vum Fonds de roulement vu 15 op 25 € pro Awunner.

Ech wëll och direkt soen, dass mir dës Erhéijung definitiv ënnerstëtzen. Dat ass absolutt richteg. Mee et muss een awer weidergoen.

A wann een héiert, datt d'Demanden am Office social weiderhi vu Joer zu Joer eropginn – Här Cavaleiro, Dir hutt d'Zuele jo scho genannt. A mir si schonn dobäi, dëst Joer e Rekordjoer ze kréien an och ze gesinn, datt d'Problemer ëmmer méi dramatesch ginn. Da muss een awer och agesinn, datt dës Erhéijung kee Léisungswee ass, mee en Zeechen, datt de Problem méi déifgräifend misst analyséiert misst ginn.

Et misst ee sech froen, firwat ëmmer méi Leit a prekär Situatioune geroden, an deementspriechend och op den Office social ugewise sinn.

Ech gesinn och, dass mir all den Avis och kritt hu vun der Sozialkommissioun, déi eis Suergen och deelt. Ech hat déi och an der Versammlung geäussert. An eng vun den Haaptursaachen – an ech zielen hei kengem eppes Neies – ass oder läit wierklech kloer op der Hand déi héich a weider klammend Loyeren.

Vill Leit zu Esch kënnen hir Loyeren net méi bezuelen. A wa si d'Wunneng verloosse mussen, bleift dem Office social dacks eeben näischt Aneres iwwereg, wéi d'Leit iwwergangsweis och an den Hoteller ënnerzebréngen, wat natierlech och keng laangfristeg Léisung ka sinn.

Et wier also wierklech wichteg, dës grondleeënd Diskussioun iwwer d'Sozialentwécklung hei zu Esch ze féieren, fir och kënnen d'Ursaachen unzegoen an esou preventiv virzegoen. Amplaz Noutléisungen unzebidden an d'Demandë beim Office social ëmmer erëm klammen ze loossen.
Eis ass natierlech och bewosst, dass dës

Diskussioun net nëmmen hei zu Esch, mee national, a souguer och international gefouert muss ginn, mee mir hu jo och hei e puer Leit sëtzen, déi dat um nationalen Niveau dann och kéinten uschwätzen.

Den Här Pulli wäert dann och méi spéit nach eng Kéier op dëse Punkt zeréckkommen. Mee virun allem soll et eis hei wierklech drëm goen, d'Aarmut net ze verwalten, mee se wierklech och nohalteg ze bekämpfen.

Also wierklech ganz kuerz zesummegefaasst: Hëllef jo, absolutt. Aarmut als Normalitéit awer schleefe loossen, dat op kee Fall. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Agovic.

Den Här Bermes an duerno den Här Schmit.

M. Pascal Bermes (CSV)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Merci och fir d'Presentatioun, Här Cavaleiro. An och vun eiser Säit ass et ganz kloer: Mir ënnerstëtzen dat.

Wéi d'Madamm Agovic gesot huet, dës Augmentatioun ass wichteg. An ech géif souguer bäifügen, se ass net nëmme wichteg, mee se ass och richteg. Well et gëtt Leit, deenen et net esou gutt geet an eiser Gesellschaft, an et ass eis Éier, awer och eis Flicht, hinnen ze hëllefen.

A fir dat och richteg, effizient kënnen ze maachen, muss den Office social e Fonds de roulement hunn. An dofir ass dat hei guer keng Diskussioun. Mir ënnerstëtzen dat honnert Mol. An ech sinn och sécher, datt den Office social alles mécht, fir déi ganz Problematik nohalteg ze ënnerstëtzen.

Well ech hat och d'Chance virun e puer Deeg, an enger Konferenz dobäi ze si vun der Banque alimentaire vu Lëtzebuerg. Enger Associatioun, déi lesswuere sammelt an déi iwwer verschidden Associatiounen u Leit just hei am Land verdeelt, a wou och déi verschidde Problematiken, ënner anerem Loyer, mee et sinn nach aner Problemer, wou d'Leit hunn.

Mee ech si sécher, datt den Office social, eis Ekipp, alles mécht, fir an déi Richtung ze goen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci.

An dann den Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci, Här Buergermeeschter, fir d'Wuert.

Jo, et ass natierlech eng ganz schwiereg Diskussioun. Am Fong geholl, fir et kuerz ze maachen, mir ënnerstëtzen dat hei och.

Ech sinn awer och frou, datt den Här Cavaleiro genau gesot huet, datt et awer och kee Selbstläufer wär. Datt am Fong geholl och den Office social déi néideg Mesurë gutt kontrolléiert an oppasst, wéi en déi Suen da schlussendlech ausgëtt. Wien am Fong geholl Beneficiare dovun ass an ob dat wierklech esou begrënnt ass a korrekt ass.

Mir huelen natierlech un, datt et an deenen allermeeschte Fäll ass. Mee dat hat mer awer gefall, wéi ech dat héieren hunn, datt et am Fong kee Selbstläufer ass, mee datt och gutt gekuckt gëtt, fir datt mer am Fong geholl evitéieren, en Appel d'air ze maachen oder datt déi Fäll wierklech exorbitant

géifen ausuferen. Dat wär jo am Fong net de gewënschten Effekt.

Datt deene Leit gehollef gëtt, déi wou wierklech Hëllef brauchen, dat steet jo ausser Uecht. An do kann ech nëmme soen, an dësem Fall, a wann dat esou, solle mer soen, strikt an anstänneg gehandhaabt gëtt, da kann een dat hei nëmme matënnerstëtzen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Ech soen lech Merci fir Är Remarken. Ech soen lech och wierklech Merci fir Är Kommentarer zu dëser Thematik. Ech sinn och frou, datt mer op enger Linn sinn.

Kloer si mir och do, fir den Aarmut ze bekämpfen. An ech kann lech garantéieren, datt ech am Alldag och um Terrain sinn a wierklech och gesinn, wéi schwiereg et ass bei eis Professioneller, déi mat där doter Problematik all Dag ze dinn hunn, wéi schwéier et ass, engem ze soen, mir kënnen der do hëllefen oder do kënne mer der net hëllefen.

Ech wéilt net onbedéngt gär op där Säit sëtzen, fir do déi Decisiounen ze huelen. Well et ass net ëmmer einfach, déi Decisiounen ze huelen.

Op jidde Fall, mir hunn, an dat hu mer och scho bewisen an all eise Mesuren, déi mer en place hunn am Beräich vun eisen Affaire-sociallen, wat mer alles probéieren, ze maachen, fir eeben de Leit kënnen ze hëllefen.

An hei droe mer natierlech eis Verantwortung, andeem mer dat do och hei presentéieren. Well et eis wichteg ass, datt tatsächlech et net tatsächlech un de Mëttele feelt, datt de Leit ka gehollef ginn. Dofir soen ech lech Merci fir Är Ënnerstëtzung.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

6.3.1. Rapport d'activité CIGL Esch; présentation

6.3.2. CIGL Esch ; Budget prévisionnel 2026; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei de Rapport d'acitivité vum CIGL Esch. Den Här Cavaleiro huet haut vill an oft d'Wuert.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Also ech wousst net, datt ech haut eng One-Man-Show hätt.

Mir hunn hei den Dossier iwwer de CIGL Esch. De CIGL Esch ass net just eng Struktur ënnert villen, mee e richtege Pilier vun eiser Stad. Hie steet fir eng Politik, déi schafft a gläichzäiteg hëlleft. Eng Politik, déi Mënschen nees Perspektiven opmécht, déi oft laang Zäit keng méi haten.

Wann ech haut hei de Rapport d'activité 2024 an de Budget prévisionnel 2026 virleeën, dann ass dat net nëmmen eng administrativ Formalitéit, mee och eng Geleeënheet, fir ze soen, firwat dës Struktur fir Esch esou zentral ass.

Zanter méi wéi engem Véierelsjoerhonnert spillt de CIGL eng wichteg Roll an eiser lokaler Entwécklung. Hie gouf an enger Zäit gegrënnt, wou Esch a seng Regioun nach déif vun der industrieller Kris gepréägt waren.

Haut, méi wéi 25 Joer duerno, ass hien eng vun de Stäipfeiler vun der sozialer an ekonomescher Innovatioun ginn. Säin Zweck ass kloer a bleift onverännert: Mënschen, déi sech op dem Aarbechtsmaart schwéier dinn, eng Chance ze ginn, sech duerch eng reell Aktivitéit nees an d'Gesellschaft ze integréieren.

Am Laf vum Joer 2024 waren iwwer 260 Persounen am CIGL aktiv, dorënner méi wéi 170 Salariés en insertion aus iwwer 30 Nationalitéiten. D'Ekipp ass e Spigelbild vun eiser Stad: divers, engagéiert an opgekläert.

Hanner all Dossier, deen do behandelt gëtt, stécht eng Liewensgeschicht, eng Famill, eng Chance, déi erëmfonnt gëtt. Am Joer 2024 konnten iwwer 40 Persounen no hirem Passage beim CIGL eng stabill Aarbecht fannen. Dat ass keen Zoufall, dat ass de Resultat vun enger richteger Politik vun Integratioun duerch Aarbecht.

D'Joer 2024 war och e Joer vu Moderniséierung an Effizienz. De CIGL huet sech digitaliséiert, d'Koordinatioun tëscht senge Servicer verbessert an d'Prozedure méi transparent gemaach.

D'Resultater si konkreet: iwwer 315.000 Notzunge vum Vël'Ok, Dausende Stonnen Entretien an de Parken, Spillplazen a Gréngflächen, Honnerte vun Aktivitéiten am Beräich vun der Bildung, vum Nohaltegkeetsprojet „Geméisgaart" bis bei d'Initiativ „Rec'UP".

D'Mënschen, déi do schaffen, maachen eis Stad méi propper, méi gréng, méi nohalteg, an zur selwechter Zäit kréien si déi sozial a professionell Stabilitéit, déi si laang net haten.

Léif Kolleeginnen a Kollegen, De Budget prévisionnel fir 2026 läit bei 2.051.000 €, géintiwwer 1.995.000 € am Joer 2025 an 1.904.523,67 € am Compte 2024. Dat ass eng Erhéijung vu ronn 2,8 %, also eng kleng, zilgeriicht an novollzéibar Hausse.

Dës Upassung ass net de Resultat vun neie Projeten, mee vun objektive Facteuren: d'Indexéierung an d'Upassung un de CCT-SAS-Konventioun, déi d'Lounstruktur am sozialen a para-soziale Secteur reegelen. Déi gréisst Käschte leien also am Personalberäich, well de CIGL haut iwwer 200 Mënsche beschäftegt an domat virun allem a Mënschen a Kompetenzen investéiert.

Déi aner Hausse-Poste sinn bewosst gewielt: Eng staark Investitioun an Digitaliséierung, fir de Suivi vun de Beneficiairë méi effizient an transparent ze maachen, an a Formatioun a Sécherheet, fir dem Personal eng méi professionell an sécher Aarbecht ze erlaaben. Et geet net ëm nei Depensen, mee ëm méi Qualitéit a méi Effizienz.

D'Bäihëllef vun der Stad Esch bleift dobäi am selwechte Verhältnis a klëmmt vun 1.994.000 € ronn op 2.050.000 €, also ëm 56.000 € méi wéi d'Joer virdrun. Dat weist, datt d'Stad eng stabill a verantwortlech Finanzéierung féiert, fir dem CIGL den néidegen Handlungsspillraum ze ginn.

Am Fong sinn dës Zuelen e Spigel vun engem Modell, dee funktionéiert. De CIGL bleift eng Entreprise sociale ëm de Mënsch, eng Struktur, déi beschäftegt, integréiert a forméiert.

D'Erhéijung vum Budget 2026 ass also kee Leeschtungswuesstem, mee eng Investitioun an d'Stabilitéit an an d'Professionalitéit vun enger Struktur, déi fir Esch onersetzlech ass.

D'Stad Esch bleift an dësem Modell en haaptsächleche Partner. Mat enger Participatioun vun iwwer 2 Milliounen Euro, dat heescht ronn 60 % vum Gesamtbudget, weist si, datt si dës Missioun net nëmmen toleréiert, mee wierklech ënnerstëtzt.

Fir all Euro, deen d'Stad investéiert, kritt se e villfache Retour: an Aarbecht, an Dynamik, an Zesummenhalt. De CIGL ass kee Käschtepunkt am Budget, mee eng Investitioun an d'Dignitéit, d'Beschäftegung an d'Liewensqualitéit vun eiser Stad.

Mir sollen och net vergiessen, datt dës Form vun Economie solidaire net nëmmen eng sozial Moossnam ass, mee och eng wirtschaftlech Strategie.

De CIGL schafft wéi eng Entreprise, awer mat engem aneren Zil – net de Profitt, mee d'Wuel vun de Leit. Hie beweist, datt sozial an ekonomesch Verantwortung sech net ausschléissen, mee sech géigesäiteg stäerken.

Wa mir an de Beräich vum CIGL investéieren, investéiere mir net just an Hëllef, mee mir investéieren an d'Fäegkeet vun de Mënschen, nees selwer ze handelen, ze schafen an ze gestalten.

An der Zäit, wou vill Strukture mam Manktem u qualifizéierte Personal kämpfen, ass de CIGL e Beispill fir eng gutt Zesummenaarbecht tëscht Stad, Staat a soziale Partneren. Et ass grad dës Kooperatioun, déi d'Stabilitéit garantéiert, an et ass genee dës Approche, déi mir musse weiderféieren.

De CIGL steet dann haut fir e Modell vu sozialer Politik, dee funktionéiert. E Modell, wou d'sozial Ambitioun an d'ekonomesch Realitéit zesummekommen. E Modell, wou Solidaritéit net nëmmen e Wuert ass, mee eng konkreet Praxis.

An an där Zäit, wou d'sozial Ongläichheeten an d'Prekaritéit nees zouhuelen, ass et eis Verantwortung, esou Strukture konsequent ze ënnerstëtzen.

Léif alleguer, mat dësem Vott vum Rapport d'activité 2024 a vum Budget 2026 stäerke mir net nëmmen eng Organisatioun, mir stäerken, wat Esch ausmécht. Eng Stad, déi schafft, déi hëlleft an déi mat Häerz an Effizienz fir hir Leit do ass.

Ech bieden lech, dësen Dokumenter haut ze approuvéieren. Ech géif proposéieren, déi zwee Punkte mateneen ze stëmmen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Ginn et Wuertmeldungen heizou? Den Här Bermes huet de Mikro schonn un, da fänkt Dir emol un.

M. Pascal Bermes (CSV)

Pardon.

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Ech fänken als éischt un – et ass fir mech eng Éier, datt ech als Vizepresident och Member vum Bureau excécutif vum CIGL sinn. An ech wäert och elo hei no menger Ried einfach de Sall verloossen, well ech vläicht befaange sinn. Awer net datt et eng Laascht ass, mee et ass eng Éier. An ech sinn houfreg dorop.

Ech soen awer och als éischt dem ganze Personal vum CIGL Merci fir hir gutt Aarbecht an hiert Engagement. De CIGL, deen all deene Beneficiairen, déi sech schwéier um Aarbechtsmarché dinn, hëlleft a versicht, hinnen nees en Ënnerdaach ze ginn.

Awer de CIGL mécht och Saache fir eis Awunner. Ech wëll do just zum Beispill den Handkesselchen oder, wéi den Här Cavaleiro erwäänt huet, de Geméisgaart erwänen. An och ass de CIGL op anere Plazen an eiser Stad amgaangen. Ech mengen, en huet gehollef bei der Spillplaz um Brill. Se hëllefe bei eis Jongelycée un engem Projet verdissement mat Bänken ze maachen.

An dofir fannen ech et eng gutt Saach an ech fannen och all déi Investitiounen, déi se maachen. Déi sinn engersäits an d'Sécherheet, an d'Personal an an d'Infrastrukturen einfach noutwendeg a mir solle se ëmmer ënnerstëtzen. An dofir soen ech lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Bermes.

Den Här Faltz an duerno d'Madamm Scholl.

M. Steve Faltz (LSAP)

Merci, Här Cavaleiro, fir déi Explikatiounen. Merci, Här Bermes, fir den Anstand ze hunn, wann een an enger ASBL ass, fir dann erauszegoen, wann de Vott kënnt. Vläicht e klengen Ustouss fir d'Leit aus der FrEsch ASBL déi nächst Kéier.

Jo, Här Cavaleiro, Dir hutt Recht, et ass eng Successstory. Ech mengen och, mech ze erënneren, dass de CIGL gegrënnt ginn ass an engem Moment, wou den Objectif PlanEmploi agebraff ass oder esou, an dass de CIGL do war, fir déi all opzefänken.

An ech mengen, och eleng nëmmen deen Numm vum CIGL – alleguer déi an enger Gemeng schaffen, wësse mer et – dass de CIGL ëmmer esou enng Opfangstruktur ass fir d'Gemeng, wou mer soen, komm, da froe mer de CIGL.

An ech mengen, dat schwätzt jo fir si, dass si esou e bëssen d'Pompjeeë sinn a Momenter – Lückenbüßer ass de falschen Term, mee Dir wësst, wou ech hiwëll. Datt si dat maachen, wou et schwéier ass, fir eventuell en Entrepreneur dropzesetzen oder esou. An dass si einfach déi Aarbechten iwwerhuelen. Dat ass wichteg.

Dobäi kënnt och – ech mengen, alleguer heibanne kenne mer bestëmmt deen een oder aneren, deen effektiv duerch de CIGL opgefaange ginn ass an engem Moment, wou et him net gutt gaangen ass, wou et wichteg war, dass hien eng Aarbecht fonnt huet. An net nëmmen eng Aarbecht fonnt huet, mee och eng Ausbildung kritt huet an sech doduerch konnt am normale Marché herno presentéieren.

Well et haaptsächlech fir Leit, déi net onbedéngt 20 Joer hunn, mee vläicht 40, 45 Joer hunn, déi an iergendeng komesch Situatioun kommen. An do ass de CIGL do, an dofir ass et eng Successstory.

An awer wëll ech ee Punkt hei ernimmen – an ech wëll en elo wierklech net als Kritik gesinn, mee einfach als en … ech mengen, mir sinn eis jo eens, dass de CIGL gutt ass. Mee een Denge fir den Image vum CIGL. An dat sinn déi CIGL-Bikes.

Et kann net sinn, dass esou eng super Struktur wéi de CIGL duerch ee Wuert – also CIGL-Bikes steet bal Synonymm an Esch, a vläicht souguer am Minett, fir onziviliséiert Vëlofuerer.

An ech weess et net. Et ass komplizéiert. Elo am Summer ass en Hond iwwerrannt ginn, an et ka jo awer net sinn, dass de CIGL, dass d'Stad Esch, d'Vëlofuerer am Allgemengen e schlecht Liicht kréie wéinst e puer Dëlpessen. An et si jo just e puer Dëlpessen, déi do d'Uelzechtstrooss terroriséieren.

An ech mengen einfach, dass et do nach méi wichteg ass, dass mer do hannendru ginn. Ech weess, et ass ëmmer gesot ginn, mir kréien d'Abonnement iergendwéi blockéiert. Mee mir sinn eis jo awer eens, an der Uelzechtstrooss huele mer d'Vëlofuerer alleguer eraus – ausser si. Well déi sech un näischt halen.

Dofir mäin Appell, an et ass wierklech en Appell, et ass keng Kritik, mee mäin Appell wierklech un de CIGL, fir do hiren Image net duerch e Grapp voll un Dëlpesse sech ze versauen. Dofir en Appell.

Gratulatioun nach eng Kéier dem CIGL Esch fir déi wonnerbar Aktivitéiten, wou se maachen. An huelt déi Saach mat de CIGL-Bikes emol op de Leescht. Villmools merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

D'Madamm Scholl, duerno den Här Schmit.

Mme Daliah Scholl (DP)

Här Buergermeeschter, Dir Léif alleguer, ech géif och direkt emol dem Här Cavaleiro villmools Merci soe fir d'Presentatioun vun dësem Rapport d'activité.

Ech hunn en och ganz duerchgelies an ech mengen, mir wëssen alleguer, wat fir e Stellewäert de CIGL hei zu Esch huet. En hëlleft och den eelere Leit an ass eng Opfangstruktur, fir nees erëm Beneficiairen op den Aarbechtsmarché ze bréngen. Dëst kënne mer alleguer nëmmen zoustëmmen.

Ech fannen et och bemierkenswäert, dass si versichen, sech selwer nach intern aner Defien opzeerleeën, wéi notamment an der Digitalisatioun, wou se do gär ëmmer nach weider performéieren, fir alles wierklech ze maachen, dass se duerno op den Aarbechtsmarché kommen.

Also et ass eng fantastesch Struktur. A wéi gesot, eis Fraktioun kann deem nëmmen zoustëmmen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Scholl.

Elo den Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Jo, wéi gesot, de CIGL ass am Fong geholl eng Successstory. An do kann ee jo schlecht am Fong geholl Saache bemängelen.

Et ass zwar wouer – dat wollt ech nämlech och soen –, datt déi Affär mat de CIGL-Vëloen an, solle mer soen, déi Onziviliséiertheeten, déi

domat des Ëftere geschéien. Wéi och déi Affär vun deem Hond, dee wou iwwerrannt gi war, wou ech och e Facebook-Post doriwwer gemaach hat, ass trotzdeem bedauerlech.

Natierlech ass dat schwéier warscheinlech vum CIGL aus, fir dat direkt matzekréien, fir ze wëssen, wien et ass. Et ass an deem Sënn schwéier, och wann et meeschtens ëmmer déi selwecht Leit sinn, déi e komescht Verhalen an deem Beräich hunn.

Wat ech do wëll soen nach vläicht, ass, datt et awer net och nëmmen d'CIGL-Vëlosfuerer sinn, déi wou sech net kënne behuelen. Well wat d'Uelzechtstrooss zum Beispill ubelaangt, do sinn immens vill Elektrotrotinetten, déi wou am Fong geholl vu Privatleit gefouert ginn, déi wou och änlech, solle mer soen, komesch Behuelen un den Dag leeën.

Fir nach op d'Käraarbecht vum CIGL zeréckzekommen – Reintegratioun an d'Aarbechtswelt ass fir mech d'Häerzstéck dovun, vum CIGL. An dat ass och, solle mer soen, de gréisste Respekt, wou ech fir si an där Tâche hunn. Dat ass fir mech dat, wat erausstécht.

An dat ass och immens wichteg, well mer wëssen, an der Aarbechtswelt kéint jidderee concernéiert sinn, zemools déi, wou schonn e puer Joer méi um Bockel hunn. Wann d'Aarbechtssituatioun iergendwéi changéiert oder wann eng Societéit am Privaten opkaaft gëtt. Do ka schnell e Plan de restructuration kommen an do kann een och schnell onverscholt an eng Situatioun geroden, wou een net méi an an aus weess. A wann dann esou Strukture wéi de CIGL do sinn, dat kann engem schonn aus enger ganz misslecher Lag eraushëllefen.

Ech kenne perséinlech een oder zwee Fäll, wou dat de Fall war. An dofir kann ech nëmme soen, datt mir dat dann och richteg ënnerstëtzen an frou a stolz sinn, datt do eng gutt Aarbecht geleescht gëtt.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

Ech mengen, dass den Här Sehovic zwee Wierder zu de Vëloe wëll soen. An dann äntwert den Här Cavaleiro zum Sujet u sech.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Just, well elo zwee-, dräimol en opgedaucht ass, e puer Prezisiounen, puer Erklärunge vläicht zu den Efforten, déi mer zesumme mam CIGL, zesumme mat aneren Acteuren, wéi notamment der Police grand-ducale, ënnerholl hunn, fir déi Thematik vun der Uelzechtstrooss a vun den elektresche Scooteren unzegoen, déi thematiséiert ginn ass.

Dir hutt et matkritt, mir haten ënner der Regie vum Buergermeeschter a vum Regionaldirekter vun der Police iwwer e puer Woche Kontrollen an der Uelzechtstrooss, wou mer an enger éischter Phas eng Sensibiliséierung gemaach hunn, mat der Police a mat den Agente vun der Gemeng, fir déi, déi do mam Vëlo zirkuléieren, doriwwer ze informéieren, dass se am Feeler sinn.

Et war eis wichteg, eng éischt Sensibiliséierung ze maachen. An déi Woch drop war d'Police awer erëm do an do ass sanctionéiert ginn.

Mir haten Echangen op ville Plaze wéinst där Problematik vun den elektresche Scooteren. Wat och eng Problematik ass, déi der Police och duerchaus bewosst ass a wou mer zum Deel ganz abenteuerlech Geschichten hunn.

Dat ass menger Meenung no e Problem, dee mer net eleng hei an der Stad Esch wäerte léisen, mee wou mer onbedéngt och op

nationalem Niveau eng Initiativ huelen. Well déi elektresch Scooteren, déi haut sou verkaaft ginn dorëmmer – et fënnt een der an all Buttek mëttlerweil –, engersäits natierlech zu enger Demokratiséierung vun der Mobilitéit féieren, well et accessibel ass a sou weider.

Mee op der anerer Säit awer och eis gesot gëtt, dass ee se mat e puer Klicke kann deverouilléieren an da sinn dat Scooteren, déi net méi 20, 30 km/h kënne fueren, mee mat bis zu 90 km/h duerch Esch, oder wou se och ëmmer ënnerwee sinn, da fueren.

Et gëtt awer och do Efforten. An d'Police huet méi spéit wéi d'lescht Woch dräi E-Scootere confisquéiert an d'Fuerer dann och saiséiert. An do wäert et Saache ginn.

Wat dem CIGL seng Efforten ugeet am Beräich vum Vëlo, gëtt et natierlech de Vël'OK. Ech wëll awer och drop hiweisen, dass se e wichtege Partner sinn anere Projeten.

Mir hunn d'lescht Woch mat der Madamm Scholl a mam Här Cavaleiro de Rent a Bike inauguréiert, wat och e Projet ass, dee mer an Zesummenaarbecht maache mam CIGL. Mir hu virun enger Rei Méint och de Cargobike a Betrib geholl, wat och e Projet ass, dee mer zesumme mam CIGL maachen.

A mir hunn eis d'Wuert ginn, net méi spéit wéi d'lescht Woch, dass mer eis eng Kéier zesummesetzen elo mam CIGL an deenen nächste Wochen, fir d'Fro vum Vël'OK nach eng Kéier ze thematiséieren.

Net just aus der Perspektiv vun de Problemer, déi mer gesinn, mee och well mer der Meenung sinn, dass mer vläicht och missten no vir kucken, eng Kéier mat deem Reseau iwwer Esch eraus. A strateegesch kucken, wou wëlle mer hi mam Vël'OK, wéi eng nei Statioune brauche mer. Wat ass um Niveau vum Ekippement vun de Vëloen ze maachen.

Si hunn iwwregens en neie Modell vu Vëloen elo a Betrib geholl, dee méi liicht ass, méi effikass ass. All déi Saachen, do si mer drun an do schaffe mer.

An ech profitéieren dann och hei, fir eng Kéier dem CIGL Merci ze soen, net just an deem Beräich, mee och am Beräich vun den Espaces verts an a ganz ville Beräicher eigentlech e ganz wäertvolle Partner si vun der Stad Esch.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An ofschléissend den Här Cavaleiro.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Ech mengen, et ass alles gesot ginn. Ech soen lech Merci fir Är Remarken, déi huelen ech gär och mat bei de CIGL. Mee ech mengen, et ass net méi dorun ze fügen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

7.1. Transactions immobilières

7.1.1. Transactions immobilières ; Convention entre la Ville et M./Mme K-L, 15, rue de la Colline ; décision

7.1.2. Transactions immobilières ; Acte de vente entre la Ville et Mme M DS, maison 31, rue Michel Gloesener (lot 7N) ; décision

7.1.3. Transactions immobilières ; Acte de vente entre la Ville et S. – emplacement intérieur Résidence Nonnewisen Ilôt 4N ; décision

7.1.4. Transactions immobilières ; Avenant II – Hotel Seven am Park SA - Gaalgebierg ; décision

7.1.5. Transactions immobilières ; Avenant 4 – SNCH ; décision

7.1.6. Transactions immobilières ; Contrat de bail entre la Ville et M.L A – Cabinet de kinésithérapie aus sein de la piscine municipale des Bains du Parc ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei den nächste Punkt, wat d'Transaction-immobilièrë sinn.

Ganzer siwen Transaction-immobilièrë leien dem Gemengerot vir. Déi éischt sechs stellen ech elo vir, déi siwent, de COHSI ass en Dossier vum Här Knaff. Dee wäert dat da maachen dee Moment, wann hien erëm an der Sëtzung ass.

Als éischt ass et esou, dass mer engem Stot, deen op 15, Rue du Cinquantenaire, wunnt, eng Parcelle, déi der Stad Esch gehéiert, zougesti fir eeben eng Verlängerung vun hirem Gaart. Fir dës da kënnen ze notzen. Dem Ganze fält eng Redevance vun da 35 € d'Joer, wellech un den Index gebonnen ass.

Am zweeten Akt, dee méi signifikativ ass, verkafe mer en Haus am 7N. 130 m² fir 610.000 €, an enger Emphyteos vu 484 € pro Joer.

Am drëtten Akt, dee virläit, do verkafe mer eng Parkplaz am Lot 4N fir 25.000 €. Souwuel den Akt fir d'Vente vum Haus wéi och fir d'Parkplaz entspriechen deene Modeller, déi mer hei gestëmmt hunn.

An dann hu mer méi speziell Bail-emphytéotiquen. Als éischt d'Verlängerung vum Bail fir d'Parcelle, op där den Hotel um Gaalgebierg steet. Dëse Bail géinge mer ëm 40 Joer verlängeren, sou dass en amplaz 2047 dann 2087 ausleeft. D'Emphyteos ass op 100 € indexéiert.

Hei geet eeben drëms, dass mer dem Hotel an der Park SA d'Garantie ginn, dass si och iwwer d'Joer 2047 en Hotel op dëser Plaz hunn a bedreiwe kënnen. Wat dann op hirer Säit dës Kéier géing Investissementer dann och legitiméieren.

Eng zweet Verlängerung vun engem Bail emphytéotique ass dee mat der SNCH fir d'Parcelle, wou d'Kontrollstatioun dropsteet. Et gouf jo ëmmer Rumeuren, dass d'Kontrollstatioun aus Esch eventuell géing erausplënneren. Dat ass net de Fall. Mir verlängere mat der Kontrollstatioun ëm 49 Joer. Dat ass da vun August 2041 bis 2090.

Mir garantéieren domat den Erhalt vun dëser Struktur hei zu Esch. An d'SNCH engagéiert sech hirersäits, dann eeen och an nei Gebaier an nei Infrastrukturen op dësem Site ze investéieren, fir dann deem gerecht ze ginn, wat eigentlech dann och de Client, den Utilisateur verdéngt huet, wann en op déi Plaz kënnt.

De Loyer beleeft sech hei op ronn 87.000 € pro Joer.

Wat ech dozou nach ka soen, dass mer d'Joer vun 2090 gewielt hunn, well déi aner Parcellen niewendrun, déi och am Bail emphytéotique sinn an déi och der Stad Esch gehéieren à la base, do sinn déi meescht, déi och am Joer 2090 auslafen.

Dat heescht, mir ginn dann och hei op 2090, fir dass dann d'Stad Esch an deem Joer eigentlech kann decidéieren iwwer d'Globalitéit vun deene Parcellen, déi se do huet, wéi se domat wëll ëmgoen.

An dann eng lescht. Dat ass d'Locatioun vun engem Local commercial an der Escher Schwämm. Hei verlount d'Stad Esch en Espace un e Centre de kinésithérapie. Dëst iwwer zwee Joer fir e Loyer vun 1.250 € mat zousätzleche Chargë pro Mount.

Dat ass, mengen ech, Här Zwally, an der Logik, fir d'Schwämm och méi attraktiv ze gestalten an Akvitités op dëser Plaz unzebidden, déi iwwer déi vun der klassescher Badeanstalt erausginn.

Gëtt et Wuertmeldungen zu dëse Punkten? Dat ass net de Fall. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

7.2. Autorisations de lotissement

7.2.1. Autorisation de lotissement parcelle 1852/19004 ; décision

7.2.2. Autorisation de lotissement parcelles 1297/10878, 1297/19805 et 1297/19807 ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Op de Contrat de bail fir de COSHI komme mer zu engem spéidere Moment zeréck. Dann hu mer d'Autorisatioune fir Lotissementer vu Parcellen.

De Punkt, dee mer hei virleien hunn, ass fir Lotissementer an Zesummeleeung vu Parcellen. Dat ass als éischt de Fall fir d'Parcellen op den Haiser 97 an 99 an der Rue Clair-Chêne stinn.

Dir kennt déi Haiser. Dat sinn déi Haiser vis-à-vis vun der Auszéibréck, déi am Moment amgaange sinn, ze verkommen. An engem war, mengen ech, ëmmer e Café mat enger Keelebunn. Ech mengen och, dass Capitani fir déi Serie, déi Haiser genotzt goufen, fir wierklech do e Schmuddeleck duerzestellen. A mir hunn all Interêt dofir, dass sech dat verbessert.

Hei ass elo eeben d'Demande, fir déi Parcellen zesummenzeleeën, fir dass op dëser Plaz dann eng nei, flott, modern Residence kann entstoen, déi dann do soll ugaange ginn.

Dann hu mer eng zweet Demande, wou eng Upassung vun de Parcellen, op deenen d'Haiser 5 a 7 an der Avenue de la Gare an dann d'Haus 3 an der Rue Nothomb stinn. Wéi do sollen d'Schneide vun e Parcelle sinn, dat läit am Dossier vir.

Och hei sinn am Moment Diskussiounen, wéi kann een déi Parcellë beschtméiglech notzen, wéi kann een do d'Residence an déi Plazen nach anescht gestalten, fir se

méi attraktiv ze maachen. An dat géinge mer méiglech maachen duerch eeben dës Upassungen.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Dat ass net de Fall. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

8.1. Convention relative aux aides à la construction d'ensemble Rout Lëns, Lot 29A; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer elo bei eng speziell Situatioun.

Nämlech bei e Punkt, dee mer schonn eng Kéier am Gemengerot hei haten. Och wann d'Kompositioun deemools nach eng aner war. Nämlech geet déi zeréck op Abrëll 2023, wou mer schonn eng Kéier d'Convention relative aux aides à la construction fir de Lot 29A op der Rouder Lëns gestëmmt hunn.

Dat gouf, mengen ech, eestëmmeg souguer gestëmmt. Mee deemools, wou dat gestëmmt gouf, war d'Konventioun net als eenzele Punkt um Ordre du jour opgezielt, mee se war als Annex opgelëscht beim ganzen Dossier vun der Rouder Lëns.

An dowéinst huet de Logementsministère do elo eng Erreur matérielle festgestallt, soudass mer dës Konventioun nach eng Kéier musse frësch stëmmen.

De Lot 29A ass bekannt. Dee gëtt grad bebaut. Do sinn 43 Sozialwunnengen, déi fir eis, d'Stad Esch, am Bau sinn. D'Stad Esch huet déi deemools kaaft fir e Präis vun 29,5 Milliounen Euro. Dat war den Indexpräis 2022. A wa mer alles zesummerechnen, da kréie mer vum Staat fir déi dote Wunnengen 67 % Subsid zeréck.

Iwwregens, och wann deemools eng Faute matérielle war, hu mer awer scho Subsiden iwwerwise kritt iwwer 4,65 Milliounen Euro. Dat ass awer elo gestoppt ginn. Fir déi nächst Tranchen ze kréien, musse mer dann eeben dat hei alles an déi richteg Form bréngen, wat mer da géinge mam Stëmme vun dëser Konventioun maachen.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

8.2. Convention relative aux participation financières « PAP - Nonnewisen - Infrastructures »; avenant; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann hu mer eng Konventioun fir d'Particpation financière vum Staat beim PAP Nonnewisen, bei den Infrastrukturen.

Dir wësst, dass déi urspréinglech Konventioun fir d'Infrastrukturen och op d'Ufäng vun den Nonnewisen zeréckgeet an dass zanterhier mer ëmmer mat Avenanten zu dëser Konventioun fueren, fir dann ëmmer detailléiert Rapporte vum Staat op déi verschidde Loten ze verdeelen.

Hei ass elo d'Konventioun, déi d'Lote 7N a 6N betrëfft, wou mer kéinten e maximale Montant vun 3,1 Milliounen Euro zeréckkréien.

Wéi d'Berechnung ass, dat ass opgezielt. Et ass och e Montant mat agerechent, dee mer schonn eng Kéier virgestreckt krute vum Ministère, notamment fir an d'Infrastrukturen an den Nonnewisen. Dat ass alles chiffréiert an den Dokumenter.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

8.3. Convention constitutive d'un groupement de commandes site crassier Terres Rouges; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Elo kommen eng ganz Rëtsch Konventiounen. Als nächst d'Konventioun, déi den Här Sehovic presentéiert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir sinn hei um Crassier Terres Rouges, dee sech iwwer eng Surface vu ronn 72 Hektar erstreckt. An déi 72 Hektar leien zu engem Drëttel um Territoire vun der Stad Esch an zu zwee Drëttel op franséischem Territoire.

De Site gehéiert haut dem Grupp ArcelorMittal a gëtt aktuell nach vun der Entreprise Cloos exploitéiert, déi am Moment beschäftegt si mam Ofdroen an Traitéiere vun de Schlaken, déi hei um Site deposéiert goufen.

Dës Aarbechte wäerten zäitno ofgeschloss ginn, an uschléissend ginn um Site nach eng Rei vun Applanissementsaarbechten duerchgefouert. Ab dann ass de Site eigentlech e bedeitenden Entwécklungsterritoire an der grenziwwerschreidender Agglomeratioun.

Fir esou e Site mat där Envergure gemeinsam ze entwéckelen, tëschent zwee Länner eigentlech, gouf schonn am Joer 2021 e Groupement de commande per Konventioun opgestallt tëschent der EPA, dem Ministère de l'Aménagement du Territoire an der Stad Esch.

Mat deem Groupement goufen éischt Etüden ausgeschafft, déi follgend Missiounen ofgedeckt hunn. Éischtens eng Bestandsopnam vun de verschiddenen Thematiken, déi ze traitéiere sinn, mat hire jeeweilege Potenzialitéiten a Risiken.

Zweetens eng Analys vu méiglechen Hypotheesen, wat de Portage vun esou engem Projet ugeet. An drëttens eng Opstellung vun engem Plan d'action, fir aus dem Crassier Terres Rouges en neien, grenziwwerschreidende Quartier ze maachen.

Dës éischt Missioune sinn elo ofgeschloss a mir hunn elo eng gutt Basis virleien, fir déi nächst Etappen an dësem grenziwwerschreidenden Entwécklungsprozess unzegoen. Op Basis vun de bestoenden Etüde sollen elo Entwécklungszenarien entwéckelt ginn, mat och enger éischter méiglecher Programmation urbaine fir de Site. An dës soll dann an engem Schéma directeur d'aménagement zesummefléissen.

Fir dës méi konzeptuell Phas vum Projet, an déi mer elo eraginn, ass et wichteg, de Groupement, dee mer scho konstituéiert hunn, ze erweideren ëm de Proprietär vun den Terrainen. Deemno ass ArcelorMittal elo als zousätzleche Signataire an dëser Konventioun dobäikomm.

Uschléissend wäert eng nei Ausschreiwung vun de Missiounen dann ustoen. De Planning heifir läit bei der Konventioun als Annex mat dobäi; dat hutt Der gesinn. De Budget, dee fir d'Etüd virgesinn ass, beleeft sech op ronn 300.000 €, déi zu jeeweils 25 % vun de Porteure gedroe ginn. Dës sinn deemno 75.000 € fir d'Stad Esch.

Voilà, ech bieden ëm d'Ënnerstëtzung fir dës wichteg Konventioun.

M. André Zwally (CSV), Schäffen

Merci, Här Sehovic.

Ginn et Wuertmeldungen dozou? Den Här Funck.

M. Ben Funck (LSAP)

Merci, Här Zwally, fir d'Wuert. Merci, Här Sehovic, fir d'Presentatioun.

Mir wäerten dat do voller Freed kënne matstëmmen, well mer mussen eis als Stad Esch bewosst sinn, dass dat do dat lescht Filetstéck ass, wat mer nach hunn, fir zukünfteg Esch ze gestalten.

Et ass wichteg, dass mer fréi genuch domat ufänken, fir dat Ganzt ze gestalten. Dass mer déi richteg Leit ronderëm den Dësch sëtzen hunn, dass do keng Zäit verluer geet.

Ech mengen, wat awer och an deene ganze Gedankegäng wichteg ass, ass, dass et herno harmonesch soll ausgesinn zum Quartier Rout Lëns, wou mer elo amgaange sinn, auszeschaffen, a wou mer elo schonn amgaange sinn, drun ze bauen.

An ech mengen, all déi Gedanke si wichteg; och fir déi zukünfteg Majoritéiten. An dat hei ass e Projet, deen net just fir déi heite Majoritéit, mee och fir déi zukünfteg ass. An dofir kritt Der eis grouss Zoustëmmung.

A mir wären trotzdeem frou – an ech sinn iwwerzeegt dovun, dass mer dat gemeinsam wäerten hikréien –, dass mer a reegelméissegen Ofstänn iwwer de Projet schwätzen a kucken, wéi et weidergeet.

Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Funck.

D'Madamm Scholl huet d'Wuert.

Mme Daliah Scholl (DP)

Ma mir begréissen natierlech déi ganz Geschicht, déi do wäert dann analyséiert ginn.

A meng Fro ass eigentlech – ech weess, dass et net zum Site vum Crassier gehéiert, mee mir hunn nach ëmmer eng oppe Schwämm, d'ERA, déi op franséischem Terrain ass. An ech mengen, wéi gesäit et domat aus.

Et ass eppes ganz Spannendes. D'Escher freeë sech, wa se vläicht nach esou eppes kënne kréien. Mee gëtt dat mat an där Etüd beliicht? Dat war am Fong just meng Fro. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Här Sehovic.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, fir déi breet Ënnerstëtzung.

Bei 72 Hektar – dat ass wierklech e Risenareal. Wa mer natierlech vum Crassier Terres Rouges schwätzen, dann hu mer esou am Kapp, dat wär e Monolith.

Och ass den Areal esou grouss, dass mer e wierklech a verschidden Zonen, a verschidde Secteure wäerten denke mussen. Et ass ganz sécher, e Secteur do, dee wäert mussen urbaniséiert ginn. Et ass awer och e Secteur do, deen e groussen Intressi huet, wat d'Biodiversitéit ugeet an déi Aarten, déi mer do hunn.

Mir hunn zwee Flëss, déi op deem Secteur sinn. Dat heescht, och déi wäerte mer consideréiere mussen. A mir wäerte ganz sécher och – an dat ass Deel vum Perimeter vun den nächsten Etüden – un engem Parc transfrontalier schaffen.

Ausdrécklech Géigestand vun de weideren Etüden ass natierlech och d'Zukunft vun der ERA. Dat ass ausdrécklech am Perimeter. An natierlech géinge mer eis freeën – an dat ass eppes, wat mer, mengen ech, hei ganz eestëmmeg kënnen ënnerstëtzen –, dass mer do e Projet fannen, deen erëm eng oppe Schwämm fir d'Escherinnen an d'Escher géing bréngen. Dat wär eng grouss Plus-value, mengen ech, fir béid Säiten. Doru schaffe mer och an dësem Kader.

Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Au vote. Pardon, den Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Just vläicht zwou Remarken heizou. Wéi gesot, den Dossier ass wichteg. Zwee Drëttel vum Terrain ass also Frankräich am Fong geholl. Do wollt ech froen, wéi kann ee sech déi Zesummenaarbecht am Fong geholl mat hinne virstellen.

Vu que dass d'Regierungen an d'Gemenge jo och oft wiesselen – well et huet een am Fong geholl guer keng Virstellung dovun, wéi Der lech do mat hinne koordinéiert. Fir den Escher Deel, an der Rei, do si mir zoustänneg, mee wéi ass dat, wann een eng Gesamtvue am Fong geholl vun der Saach wëll hunn?

Et muss ee jo och kënnen am Fong geholl mat Frankräich zesummeschaffen a sech mat

hinnen zesumme koordinéieren. Do wollt ech am Fong geholl wëssen, wéi oft datt ee sech gesäit, wéi ee sech dat virstelle kann a wat de Point de vue och vun der franséischer Säit ass an dësem Dossier.

An dann, wann am Fong geholl d'Projeten elo wäerte sech kristalliséieren, wat mer wëllen domat maachen, da wäre mir scho frou, mir hätten esou Informatiounen esou fréi wéi méiglech, a wellech Richtung, datt Der mengt, et géif goen. Datt mer vläicht kënnen eis Meenungen an eis Conseile mat op de Wee ginn.

Dat wär vläicht an deem Fall ubruecht, well heiansdo ass dat, wa mer grouss Projeten hunn hei zu Esch, e bësse spéit, datt ee sech do ka mat abannen. Am Fong geholl eréischt, wann d'Decisoune lafen, gëtt een dann dozou gefrot. Awer dat wär gutt, wann dat hei vläicht am Virfeld e bësse méi aktiv kéint maachen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da kucken ech elo nach eng Kéier – et ass elo awer definitiv soss kee méi.

Dann den Här Sehovic nach eng Kéier.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Merci och, Här Schmit, fir déi Fro, déi eigentlech ganz pertinent ass. Wéi gesäit eigentlech d'grenziwwerschreidend Zesummenaarbecht aus, wann ee wëll e Quartier entwéckelen?

Et ass esou, dass mer hei eigentlech déi éischt Kéier am Land dat versichen, e Quartier iwwer eng Lännergrenz ewech ze developpéieren. Ganz konkreet, wéi gesäit déi Zesummenaarbecht aus. Op franséischer Säit ass eisen Uspriechpartner d'EPA,Etablissement public d'aménagement Alzette-Belval. Wat e bëssen eppes ass, wéi elo op eiser Säit géing ech elo mol soen – Dir kennt et vun der Metzeschmelz – d'Agora. Also eng Entwécklungsgesellschaft op franséischer Säit, déi eisen Uspriechpartner ass.

Zesummen an där Mataarbecht ass nieft de Servicer vun der Stad Esch och de Landesplanungsministère, wat och nach eng Kéier déi national Relevanz vun deem do Projet ënnersträicht. An eeben elo néierdengs, mat Ärem Accord hoffentlech zu der Konventioun, dann och de Proprietär vun deenen Terrainen, ArcelorMittal.

Et ass eng Zesummenaarbecht, déi bis elo ganz vill eigentlech domat ze dinn hat, fir ofzestiechen, wat sinn eigentlech d'Hürden, wat bedeit dat eigentlech, e Quartier grenziwwerschreidend ze entwéckelen. Wat bedeit dat, fir d'Waasserversuergung, fir d'Ofwaasserversuergung, fir d'Gestioun vun den Decheten? An esou weider an esou virun.

Do si ganz vill Froen, déi eigentlech nach ni beäntwert goufen. Eis Chefin vum Urbanismus, d'Daisy Wagner, koordinéiert dat hei. Dat ass e bëssen, wéi soll ech soen, eisen Neil Armstrong, deen elo déi éischt Schrëtt um Mound mécht mat där doter Missioun.

Do gëtt et och nach vill Saachen, déi mer eeben elo an der nächster Phas vun der Etüd och mussen ofklären. Dofir brauche mer dee Groupement. An dann ass dat awer virun allem eng wansinneg Opportunitéit, fir hei an der Groussregioun och nach weider zesummenzewuessen.

D'Zesummenaarbecht ass op Franséisch.

A fir de Rescht géing ech soen, komme mer elo aus der Phas vun der Grondlagefuerschung an déi nächst Phas, déi méi konkreet gëtt. A wou een effektiv – an déi Suggestioun huelen ech

ganz gär mat op – emol konzeptuell doru schafft, wéi wäert dee Quartier ausgesinn.

An dat ass, mengen ech, elo och déi richteg Phas, wou mer eis als Conseil communal sollten aschalten. Dowéinst huelen ech déi Propos ganz gär op, fir eng Kéier och hei de Point ze maache méi am Fong a méi am Detail vum Projet.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Au vote.

- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

8.4. Convention Eltereschoul; avenant; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

D'Konventioun mat der Elterschoul. Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Den nächste Punkt betrëfft d'Konventioun tëscht der Stad Esch an der Fondatioun Kannerschlass, déi d'Organisatioun vun der Eltereschoul Janusz Korczak reegelt. Dës Konventioun gouf am November 2024 vum Gemengerot ugeholl an am Dezember 2024 vum Ministère approuvéiert.

Si huet sech an der Praxis gutt bewisen. D'Eltereschoul spillt eng wichteg Roll an eiser Stad, andeems si Elteren begleet, informéiert a stäerkt am Alldag mat hire Kanner. Dat och an engem Quartier, deen et och brauch. Am Brill.

Allerdéngs huet sech an der Ëmsetzung gewisen, datt d'Fixéierung vun engem feste Montant fir d'Personalkäschten net méi realistesch ass. D'Entwécklung vun de Kollektivverträg an d'Indexéierung vun de Salairë sinn onofhängeg vun de Partner, an dat mécht et net sënnvoll, bei all Upassung d'Konventioun nei ze änneren.

Dofir proposéiere mir haut dësen Avenant, deen eng einfach a logesch Upassung bréngt. D'Personal gëtt vun der Fondation Kannerschlass weiderhin agestallt, mee d'Stad Esch iwwerhëlt d'Personalkäschten entspriechend dem Barème vun der Convention Collective de Travail vum Secteur des Soins et Aides, amplaz e fixe Montant festzeleeën. Sou wéi et virdru war.

Dat erméiglecht eng automatesch Upassung un d'gesetzlech a kollektiv Ännerungen, ouni datt all Kéier eng nei Decisioun muss geholl ginn.

Am Fong bleift d'Konventioun identesch. Dësen Avenant huet kee finanziellen oder inhaltlechen Impakt iwwer d'Essenz vum Projet, mee erméiglecht eng administrativ a praktesch Stabilitéit.
Ech bieden lech dofir, dës Propositioun och matzestëmmen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Wuertmeldungen? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**

9. Contribution financière GECT; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann hu mer erëm zwee Punkten, déi no hanne sech verréckelen. An da si mer beim Punkt 9, Contribution financière GECT.

Den Här Cavaleiro huet d'Wuert.

M. Bruno Cavaleiro (CSV), Schäffen

Merci Här Buergermeeschter.

Esch huet zanter Joren als eng aktiv a responsabel Partnerstad am grenz-iwwerschreidende Raum Alzette-Belval positionéiert. Dat heescht, duerch de GECT Alzette-Belval droe mir dozou bäi, gemeinsam Projeten mat eise franséische Partnergemengen ze entwéckelen op de Beräicher Mobilitéit, Energie, Nohaltegkeet, Aarbechtsmarché a sozial Kohäsioun.

Fir datt dës Zesummenaarbecht och 2026 ka weidergefouert ginn, proposéiere mir haut, d'järlech Participatioun vun der Stad Esch um Budget vum GECT oprechtzeerhalen. D'Bäiträg bleiwen onverännert am Verglach mam Joer 2025. D'Contributioun vun der Stad Esch beleeft sech also op 12.500 €.

Ech proposéieren Iech, wéi gesot, dat hei matzestëmmen.

Vläicht eng kleng Bemierkung. Et muss een hei awer och soen, et geet hei just ëm eng Proposition de contribution financière, déi mer hei stëmmen. Well schlussendlech d'nächst Joer, géint Abrëll, gëtt den eigentlechen Appel de contribution no dem Vott vum Budget primitif beim GECT dann och eréischt gemaach.

Ech soen Iech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**

10.1. Décomptes projets extraordinaires 2024; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Mir kommen elo da bei d'Finanzfroen. Als éischt sinn dann d'Decompten ze stëmme vun de Projets extraordinaires fir dëst Joer.

Also den Decompte opstellen an ofstëmmen, dat ass en Exercice, deen eigentlech de Startschoss fir d'Erstelle vum nächste Budget duerstellt. Et ass eppes, wat mer dofir all Joer hei maachen, éier dann de Schäfferot den Optrag kritt, fir de Budget fir dat nächst Joer opzestellen, ze definéieren an dann hei ze proposéieren.

Ganz einfach erkläert bedeit dëse Vott vun haut, dass mer decidéieren, all déi proposéiert an am Dossier opgelëscht Artikelen, déi am extraordinäre Budget 2024 stoungen, ofzeschléissen, an domat net méi an den nächste Budget anzeschreiwen.

Et kann dräi verschidden Ursaachen heifir ginn. Dräi Ursaachen, fir déi ech dann ëmmer wäert e Beispill ginn.

Éischtens, dass d'Aarbechten, déi virgesi waren, einfach ofgeschloss sinn. Dat ass bei deene meeschte proposéierten Artikelen de Fall. E Beispill heifir wier zum Beispill d'Amenagement vun de Büroe vum Service écologique. Dëse Projet gouf mat 460.000 € chiffréiert, an elo ass de Coût nach 308.000 € a kann ofgeschloss ginn, well et fäerdeg ass.

Dee Moment schreiwe mer dann och, wéi an enger sëlleg aneren Artikelen, en Epargne an den Decompte. Dat heescht, Suen, déi mer gespuert hunn. Hei sinn dat 151.000 €. Anert Beispill wier zum Beispill d'Parkhaus zu Lalleng, wou et änlech ass.

Zweete Grond, fir dass e Projet an den Decompte fält, ass, dass d'Aarbechten zwar net gemaach goufen, mee dass se esou och méi wäerte gemaach ginn. Entweeder well no genauer Analys et schlussendlech awer net néideg geschéngt huet, fir dat dann och tatsächlech ëmzesetzen. Oder awer och, well d'Devisen entre-temps ze al sinn an d'Montanten net méi den aktuelle Präisser entspriechen.

An dësem Fall gëtt den Artikel da léiwer zougemaach, an da beim nächste Budget och en aktuelle mam richtege Präis, Devis gestëmmt, fir dass mer net dann ëmmer mussen nostëmmen, wa mer wëssen, dass et souwisou méi deier gëtt wéi dat, wat am Devis stoung.

E Beispill heifir ass d'Renovatioun vun der Heizung am Schweitzer. Aktuell geet dës Heizung nach. An opgrond dovun, dass mer do elo eigentlech e Plang ausschaffen, deen net nëmmen d'Gebai Schweitzer isoléiert gesäit, mee och kuckt, wéi kënne mer eventuell eng gemeinsam Heizung oder en Heizsystem fir d'Gebaier an d'Stroosse ronderëm mat hei op dëser Plaz gestalten, wäert dat herno e ganz anere Projet ginn.

De Projet gëtt also komplett geännert, an da wäerte mer hei och en neie Projet presentéieren. An hei dann den Decompte stëmmen.

An da kann et en drëtte Grond ginn. Dat ass, dass zum Beispill op engem Artikel oder verschidden Artikelen déi selwecht Aarbecht virgesi war oder dass et en extraordinären Artikel gouf an dann awer mam ordinäre Budget d'Aarbechten ëmgesat goufen.

Dat geschitt zum Beispill oft am Logement, deemno wéi dann d'Aarbechten ustinn. En anert Beispill heifir wieren d'Archiven. Dëse gouf nei gegrënnt. Hei huet d'Ekipp dann eng Kéier eemoleg massiv a Stock-

ageméiglechkeete mussen investéieren. Dat heescht, do goufe ganz vill Këschte kaaft, dat richtegt Ekipement kaaft.

Elo wësse mer, dass si herno an d'Gebai, wou fréier d'LuxControl war, eraplënneren. Dat heescht, dat Material, dee Mobilier, deen dann nach ze kafen ass, dat wäert dann iwwer deen Artikel weiderfléissen. A mir kënnen dann den Artikel hei am extraordinäre Budget an den Decompte setzen.

An da freet et bestëmmt deen een oder aneren, wann en iwwer d'Lëscht kuckt, dass mer tatsächlech och Projeten hunn, déi dann awer méi bëlleg ginn. An heiansdo e gutt Stéck méi bëlleg ginn, wéi ufanks geduecht. Elo fir d'Joer 2024 kënne mer dann 6,2 Milliounen Euro an d'Ekonomie setzen.

Ech ginn net op all d'Artikelen an, Dir hat se am Dossier virleien. Ginn et Froen oder Remarken heizou? Den Här Faltz huet d'Wuert.

M. Steve Faltz (LSAP)

Jo, ech hunn zwee Projeten, déi mech e bëssen intrigéieren. An ech weess awer net, a wéi eng Kategorie dass déi solle falen.

Dat eent ass d'Marcel-Reuland-Strooss. Déi hu mer virun engem Joer eréischt gestëmmt. Déi Präisser si plus tôt an der Rei, do kann eppes maachen domat, well d'Strooss ass net immens laang. An elo gëtt se einfach integral emol erofgeholl.

Ech weess elo net, ob déi sech selwer geheelt huet oder ob do elo d'Reseauen op eemol gutt sinn. Et géing mech op jidde Fall mol wonneren.

An dat anert ass, mee dat ass awer e klenge Clin-d'oeil, de Fitnessparcours, firwat dass deen erofgeholl gëtt. Ech ginn emol dovun aus, well wann ech kucken, wéini dee gestëmmt ginn ass, den 23. Dezember 2022, géif ech dovun ausgoen, dass dat e sportspolitesche Walkampftitel war fir do de Fitnessparcours frëschzemaachen.

Dat géing mech awer elo wierklech interesséieren, firwat dass deen elo erofgeholl ginn ass. Well dee bräicht definitiv eng kleng Refonte.

Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Faltz. Wann et soss keng Wuertmeldunge ginn?

De Fitnessparcours ass net gestuerwen, mee tatsächlech gëtt hei de Projet nach eng Kéier nei iwwerkuckt. Dat war och tatsächlech déi viregt Sportkommissioun, déi ganz vill dorop geschafft hat. Wou dat einfach nei ze gestalten an nei ze iwwerdenken ass an dann d'Devisen och net méi passen.

Deen anere Projet vun der Marcel-Reuland-Strooss – dat ass richteg. Dee gouf hei gestëmmt, Devisë goufen hei gestëmmt. Wat do elo geschitt, dat ass, dass nach eng Kéier Diskussioune gefouert ginn iwwer dee ganzen Eck. Deen ass jo net isoléiert do, mee eigentlech déi Stroosse ronderëm sollen nach eng Kéier mat consideréiert ginn. An da wäert dat duerno nach eng Kéier hei mat frëschen Devisen zum Vott kommen.

Wat ech net preziséiert hunn – dat hei sinn elo Projeten, wou mer Devisë gestëmmt hunn. Dat heescht, et ginn och duerchaus Projeten, wou keen Devis gestëmmt gouf am Gemengerot a wou mer elo net explizitt hei op der Lëscht hunn. Dat sinn dann awer meeschtens méi kleng Projeten.

Ech hat elo net gesinn, Här Schmit, ob Dir nach d'Wuert gefrot hat, muss ech soen. War dat de Fall oder hutt Der d'Wuert net gefrot.

M. Bernard Schmit (ADR)

Ech hu mech gefrot, ob ech et froe soll. Mee nee, ech hat et net gefrot.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Mee Dir hutt et net gefrot. Da war alles richteg an da kënne mer ofstëmmen.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☒ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**

10.2. Fixation du taux de l'impôt commercial communal pour l'exercice 2026; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Fixatioun vum Taux vum Impôt commercial communal.

Eigentlech hu mer mat deenen nächsten zwee Punkten zwou Taxen, déi mer all Joer hei am Gemengerot mussen an der leschter Sëtzung virum 1. November stëmmen, fir dass déi da kënnen am November vun deem Joer dann applizéiert ginn.

Den ICC, also den Impôt commercial, an dann nach eng Kéier den Impôt foncier. Mir fänke mam ICC un.

Am Koalitiounsaccord ass ageschriwwen, dass mir, d'Majoritéitsparteien, sech bereet weisen, eventuell Upassungen ze analyséieren an ze diskutéieren. No enger interner Analys mat de Servicer hu mer eng Diskussioun am Schäfferot gehat, a mir proposéieren dann, beim aktuellen Taux vun 275 % stoenzebleiwen. Dëse bäizebehale wéi an de viregte Joren.

Wat genee d'Recettë vun der Tax sinn, dat léisst sech net direkt chiffréieren, well jo och e ganzen Deel vum ICC an de Fonds de dotation globale afléisst, deen op d'Gemengen dann herno opgrond vun anere Krittäre renverséiert gëtt.

Mee mir wëssen awer, wat den Deel ass, deen direkt un eis ausbezuelt gëtt. Do lounge mer an de Virjoren ëmmer tëschent 5,5 a 6 Milliounen Euro. A mir ginn dovun aus, dass mer och an deenen nächste Joren erëm op déi 6 Milliounen Euro kommen.

Et ass esou, dass ganz einfach Iwwerleeungen domat ze féiere sinn. Mir hunn eng Situatioun, dass mer op der enger Säit wéineg Flächen hunn, déi am Moment fräi sinn. Dat heescht, den ICC erofsetzen, dat bedeit jo dann och, probéieren, dës Flächen ze féllen. Dat ass fir Esch am Moment eng Realitéit, déi net ginn ass.

Also eis Büroe sinn eigentlech gutt gefëllt. Do wou Bürosfläche sinn, do si Projeten, déi drop sinn. An et ass elo mat der Entwécklung vun

deenen neie Quartieren, wou sécherlech déi Diskussioun dann nach eng Kéier opgrond vun deem do Krittär ze féieren ass.

Déi aner Fro, déi sech stellt, ass, wéi wëll een ëmgoen nach eng Kéier mat de Societéiten, de groussen, awer och de klengen, déi dann tatsächlech um Escher Territoire sinn. An do ass dann de Message, dass mer net wëllen eropgoen, mee einfach bei deem Pourcentage bleiwen, wou mer hunn, fir dass dat hinnen och zeguttkënnt.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Ma dann huet den Här Funck d'Wuert.

M. Ben Funck (LSAP)

Merci, Här Buergermeescher.

Alle Jahre wieder säit dem 6. Juli 2018 hunn ech d'Gefill. Mee ech war awer ugestréckt. Ech hu geduecht, elo komme se hei mat de groussen Nimm vun deenen dichtege Societéiten, déi dann op Lëtzebuerg kommen, déi mer 2018 ugedeit kritt hunn. 2019, 2020 an 2021 nach eng Kéier gesot kritt hunn, mir sinn do a Verhandlungen, dat leeft.

Bon, okee. Ech weess, wat fir e Beispill herno kënnt. Et ass eng Bank um Belval.

Klasséiert. Wie sinn déi nei?

Mee, an dat muss ech elo soen, 2018, wou Der déi Decisioun als Mojoritéit geholl hutt, war d'Änwert, déi éischt Effete gesäit een an zwee bis dräi Joer. D'Finanzkommissioun hat deemools gesot dräi bis véier Joer.

Bon, elo si mer siwe Joer duerno. Wat sinn dann d'Effeten?

Ech weess et net, ob déi Firmen, déi wierklech wëllen op Esch kommen, den ICC als Argument huelen. Fir mech ass d'Fro, maache mer d'Promotioun vun der Stad Esch, wa mer op Cannes op soss Foirë ginn, fir d'Stad Esch ze promouvéieren, als Slogan, komm op Esch, well den ICC ass gënschteg.

Ech mengen net, dass dat e Grond ass, firwat mer d'Stad Esch sollen an d'Vitrinn stellen.

Mir sollen d'Stad Esch an d'Vitrinn stelle wéinst deenen Atouten, wou mer hunn. Mir hunn nach Plazen, wou mer – Frichen, mir hu virdrun iwwer eng geschwat, déi an Zukunft wäert kommen. De Crassier Terres Rouges.

Mer hunn awer och – an do ginn ech elo op dem Här Cavaleiro seng Äntwert op dem Här Faltz seng Fro par rapport zur EschTechWeek zeréck. Do hutt Der d'Argumenter u sech ginn, firwat et wichteg ass, op Esch ze kommen.

Mir wëllen am Beräich vun der Informatik, am Beräich vum IT eng Virreiderroll spillen. Do heescht et, eng virbildlech Ubannung un déi grouss Huben hunn, do heescht et, kuerz Latenzzäiten hunn, grouss Bandbreeten hunn.

An ech mengen, dat sinn d'Argumenter, déi mer an de Vierdergrond setze sollen, anstatt dass mer den ICC hei an de Vierdergrond setzen.

Ech hunn déi Jore virdru gesot, dass dat do schonn eng Kéier probéiert ginn ass zu Zäite vun der LSAP-Majoritéit ënner der Buergermeeschtesch Lydia Mutsch, déi duerno erkannt huet, dass et dann awer vläicht net déi richteg Entscheedung war.

D'Hoffnung bei eis war, dass Der Iech dorun inspiréiert hutt, well net alles aus der Vergaangenheet schlecht Decisioune waren. Ech ginn d'Hoffnung net op, dass et d'nächst Joer de Fall wäert sinn.

An ech hoffe wierklech, dass mer erëm dee solidareschen, dee gerechte Gedanken och mat den Nopeschgemengen hunn. Well deemools d'Decisioun, en erofzesetzen, war net gerecht an net solidaresch. An dass mer an Zukunft einfach d'Stad Esch mat hire Valeuren, déi mer hunn, mat eisen Atouten an d'Vitrinn stellen, an net just iwwer den ICC diskutéiere mussen.

Ech soen Iech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Funck.

Den Här Baum an duerno den Här Schmit.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter.

Jo, wéi den Här Funck gesot huet, et ass e bëssen alle Jahre wieder und täglich grüßt das Murmeltier.

D'Diskussioun an d'Argumenter sinn zënter siwen, aacht Joer onverännert bliwwen. Dat eenzegt, wou mer alleguer op eisem Honger sëtze bliwwe sinn, dat ass déi riseg Successstory, déi 2018 versprach ginn ass, wat d'Senkung vum ICC der Stad Esch géif bréngen.

Mir hu bis haut nach wierklech kee seriöe Bilan kritt, wat dat entweeder finanziell oder en terme vum Emploi da wierklech engendréiert hätt fir d'Stad Esch.

Wat bleift, dat ass, egal ob een elo seet, mir kréien déi Suen direkt oder mer kréie se indirekt, andeem se virdrun nach déi national Gemengendëppe kritt. Wat bleift, ass e Steierausfall. Dat ass dat, wat bleift.

A wann een da weess, datt och um nationalen Niveau eng Politik bedriwwe gëtt, wou innerhalb vun deene leschte sechs Joer de Prozentsaz vun der Gewerbesteier ëm insgesamt 3 % erofgesat ginn ass, elo eng weider Senkung ëm 1 % ugekënnegt ginn ass, do muss een awer wierklech soen, do si mer amgaangen, eng Race to the bottom ze maachen.

An dat ass, mengen ech, net am Interêt vun eiser Ekonomie, dat ass net am Interêt vum Land, an et ass och net am Interêt vun deene Service-publicen, déi mer awer mat deene Steiersue finanzéiere wëllen.

An, Här Buergermeeschter, Dir hutt elo eigentlech selwer dat bescht Argument geliwwert, firwat mer déi Senkung, déi 2018 geschitt ass, am Fong sollten nees erëm réckgängeg maachen. Well mer hunn am Moment wéineg Flächen, wou nei Betriber sech kënnen usidelen.

An dat Argument ass awer ëmmer benotzt ginn, firwat mer et sollen erofsetzen, fir nei Betriber op vakant Flächen zu Esch sollen domat unzezéien. Ob dat wierklech esou ass, ob déi Betriber dat wierklech just wéinst der Steier komm sinn oder ob net aner Facteuren, wéi zum Beispill eng Ubannung un den ëffentlechen Transport, wat Iwwerleeung sinn, ob ee sech an eng Gemeng implantéiert oder net. Oder aner infrastrukturell Iwwerleeungen.

An et ass och net richteg, wat dacks gesot gëtt, datt ee mat där Senkung och kleng Betriber wéilt entlaaschten. Well kleng Betriber bis zu engem gewësse Benefice – ech mengen, et sinn eng 37.500 € - ass komplett steierfräi.

Dat heescht, do kënnt Der et op Null setzen oder op 350 eropsetzen; dat ännert fir déi reellement näischt. An dat sinn déi kleng

Betriber, wou mer jo awer och an eiser Ekonomie probéieren, esou eng Startup-Nation ze ginn. A grad déi sinn, déi heivun iwwerhaapt guer näischt hunn.

Wou et wierklech an d'Geld spillt, dat sinn zu Esch e puer ganz grouss Betriber, wou mir als Lénk op jidde Fall der Meenung sinn, datt si weiderhin och sollen, oder nees erëm sollen hir Verantwortung iwwerhuelen.

An datt mer och do sollten, sou wéi dat fréier ëmmer erëm de Fall war, solidaresch si mat eisen Nopeschgemengen. An net iwwer den Hiewesaz vun der kommunaler Gewerbesteier eng Konkurrenz tëschent de Südgemengen ufeieren. Dofir wäerte mir och hei dogéint stëmmen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Den ICC kënnt alljoers erëm. Dat ass wierklech wouer. D'Virriedner hunn dat och schonn erwäänt.

Et ass ëmmer erëm am Fong geholl déi selwecht Decisioun. Et ass scho bal eng philosopesch, géif ee bal soen. Well et sinn am Fong geholl zwou Schoulen, déi wou sech do géintenee bekämpfen, géinteneen afrontéieren.

Wat eise Point de vue am Fong geholl dozou ugeet, ass et am Fong geholl, dat pragmatesch ze kucken. Mer versichen, dat pragmatesch ze kucken. Ech versichen, dat pragmatesch ze kucken.

Also, et ass versicht ginn, erofzesetzen, wéi gesot. Ech mengen, dat ass 2018, et ass scho gesot ginn, d'Decisioun geholl ginn, fir den ICC erofzesetzen. Den Impôt commercial.

De Problem ass, war dat mat engem Boni duerno verbonnen? An dat ass hei d'Fro. An do kënnt Der vläicht da méi spezifesch äntweren, wéi Dir dat gesitt a firwat datt Dir mengt, datt dat gutt esou wär. A firwat datt Der mengt, datt ee kéint op deem Wee weiderfueren.

Ech gi wierklech elo pragmatesch hei op dee Fall an. Ech géif gär, solle mer soen, de Wee och matgoe vun de Reductiounen oder vun engem niddregen ICC par rapport vun den Nopeschgemengen. Do gesinn ech net onbedéngt elo direkt e Problem par rapport vun der Solidaritéit. Mee wann awer wierklech och e Plus dovun ass.

A wat ech mech froen, wann ee gesäit, datt kee Plus do ass – dozou wäert Der jo elo nach Stellung huelen –, da stellt sech d'Fro: Kënnt Der lech dann och am Fong geholl selwer a Fro stellen? Ass dat de richtege Wee?

A wann ee gesäit, datt ee mat enger Strategie net weiderkënnt, da kann ee se jo och erëm änneren. Ech mengen, dat musse mer all alt emol maachen. An dofir sinn ech da gespaant dorop, Är Erklärungen dozou ze héieren.

Am Moment, wéi gesot, sinn ech mer och net honnerprozenteg sécher, wat de richtege Wee heizou wär. Mee wann awer elo bal keng Resultater kommen, weider Resultater kommen, déi wou Äre Wee am Fong geholl géifen ënnerstëtzen, dann hätt ech d'Tendenz, fir an Zukunft dat net méi, solle mer soen, mat ze ënnerstëtzen.

Dës Kéier géife mir eis der Majoritéit an deem Fall nach uschléissen. Awer wéi gesot, ech hoffen, datt d'Zukunft eis da Recht gëtt an datt do da Resultater erauskommen, déi wou

ee ka verwäerten a wou ee kloer gesäit, datt déi Decisioun eng richteg war.
Ech soen Iech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Wëll nach een? Den Här Bermes.

M. Pascal Bermes (CSV)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Och e grousse Merci un d'Servicer, déi all d'Analyse gemaach hunn.

Mir ënnerstëtzen d'Propositioun, fir den ICC stoen ze loossen. Ech mengen, et ass wouer, mir sollen d'Argumenter gebrauchen, déi virdeelhaft fir Esch sinn. Do ginn ech dem Här Funck ganz Recht. Mee och e finanzielle Volet kënnt ëmmer dran.

Wann e Betrib kënnt, da gëtt e Bilan provisoire gemaach. An do zielt och den ICC mat dran. Dat heescht, deen ass awer och een Atout, fir op Esch ze kommen.

Mee souwisou, ech mengen, d'Fläche sinn am Moment hei voll a mir kréien andauernd Demanden. An ech mengen, datt dës Majoritéit awer vill gemaach huet fir d'Commercen. Ech mengen, d'Uelzechtstrooss huet erëm misse beliewen, an dat beweist dat Ganzt jo.

An ech mengen, ech hunn och Vertrauen an dës Majoritéit, wann déi nei Terrainen opginn, datt mer do déi richteg Saache maachen, fir nach Commercen eranzekréien.

Ech soen Iech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Bermes.

Virewech wëll ech der Oppositioun Merci soen, dass se tatsächlech déi Atouten, déi mer als Stad Esch hunn – eng gutt Entwécklungspolitik vun eise Frichen an deenen Terrainen, déi mer nach hunn, eng exzellent Mobilitéitspolitik, wou mer probéieren, d'Leit op Esch ze kréien an d'Leit op hir Aarbechtsplazen ze kréien.

E Liewen an eng Offer u Servicer, déi et mécht, op Esch ze kommen, dass et agreabel ass, heihin ze kommen, dass Der dat ervirhieft an dorop de Fokus setzt. Well dat ënnerschreiwe mir komplett mat zwou Hänn.

Mir hunn och Gespréicher ëmmer erëm mat Societéiten, déi verschidden Elementer vun der Stad Esch, praktesch Elementer mat an d'Diskussioune werfen. An do probéiere mer, och drop ze reagéieren an et nach besser ze maachen.

Här Funck, Dir hutt ugeschwat an Dir sot elo schonn, et ass ee grousse Grupp, deen ass komm. Den Numm hu mer schonn alleguer 20-mol hei héieren. An et gëtt keen aneren Numm gesot, deen dann tatsächlech komm wier duerch d'Upassung beim ICC.

Ech kann Iech do net Recht ginn, well ee verschidden Aspekter muss consideréieren. Bei grousse Gruppen, déi kommen, do muss ee wëssen, dass jo den ICC net nëmme vun der Adress ofhänkt an dass et och net nëmmen dovun ofhänkt vun de Leit, déi tatsächlech do schaffen, mee dass et vun den Aktivitéiten ofhänkt.

An esou kann et sinn, dass e grousse Grupp an der leschter Zäit Aktivitéiten op Esch verlagert huet, déi e virdrun nach an der Stad oder op anere Plazen am Land hat. Dat wësse mer, dass dat de Fall war an dass dat dann och e positiven Effet huet.

D'Gréisst vun enger Societéit dréckt sech jo net onbedéngt an der Fläch aus oder um

Territoire, wou dann ageholl gëtt. Mir hunn andauernd Societéiten, déi sech bei eis mellen, déi ëmmer erëm froen, fir op Esch kënnen ze kommen. An do ass den ICC ëmmer erëm e Facteur, deen ugeschwat gëtt.

Mir hunn zum Beispill am House of Biohealth komplett Sucessstoryen, wou dat do och e Facteur ass, ouni awer dass déi elo grouss Produktioun bei eis hätten.

A wou een dann och de Message muss matginn, mengen ech, dass een net eng Fluktuatioun erop an erof mécht, mee dass een eng Linn hält an e klore Message un d'Societéiten, déi wëllen an deenen nächste Jore bei eis kommen, déi mat eis diskutéieren. A wou mer déi méi hätten, déi wéilte bei eis kommen, wéi tatsächlech mir kënnen hinnen ubidden.

Fir deenen och e Message ze ginn, dass se bei eis net en fonction vu politesche Changementer oder Diskussioune Wiesselen a Schwankungen hunn, mee eng Linn hunn.

Fir dann de finanziellen Aspekt och ervirzehiewen, mir hunn duerch déi Upassung entretemps 1 Millioun Euro an deem, wat mir méi erakréien am Impôt commercial, wou mir direkt ausbezuelt kréien. Wat elo de Chiffer ass, wat tatsächlech nach alles mat an de Fonds de dotation leeft, dee kann ech lech elo net hei nennen.

An et ass fir eis einfach e Facteur, fir Verhandlunge kënnen ze féieren. Et ass e Sujet, wou mer ëmmer ugeschwat ginn. An ech kann lech soen, dass sech wierklech reegelméisseg Societéiten an deene verschiddenste Gréissten a Forme bei eis mellen, an dat do dann awer e méi grousse Sujet ass, wéi ee vläicht kéint mengen.

Dowéinst ass et wierklech e ganz pragmateschen Usaz, dee mer hei wëllen ugoen, fir eng Richtung ze weisen an net hinan hierzeschwanken.
An d'Solidaritéit vun de Gemengen. Ech mengen net, dass mer déi Solidaritéit brieche par rapport zu deenen anere Gemengen. Ech mengen, dass mer op villen aneren Dossieren an an de grousse Linnen e grousse Facteur als Stad Esch vun der Kohäsioun a vun der Solidaritéit duerch déi ganz Minettregioun sinn.

Au vote.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☒ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

10.3.1. Fixation du taux de l'impôt foncier pour l'exercice 2026; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei den Impôt foncier.

Léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, nom ICC stëmme mir dann och an dësem Gemengerot den Taux vum Impôt foncier fir d'Joer 2026. Nee, mir stëmmen e fir d'Joer 2025, pardon.

Et gëtt zwou Kategorië beim Foncier. Dat ass d'Kategorie A an d'Kategorie B, woubäi d'Kategorie B nach eng Kéier a sechs Kategorien ënnerdeelt ass. D'Kategorie A betrëfft déi landwirtschaftlech Flächen – där hu mer der net vill hei zu Esch. Mir hunn der nach e puer, mee net vill. An d'Kategorie B betrëfft dann déi Flächen, op deene gebaut ass oder gebaut ka ginn.

D'Proprietäre vun alle Bienen a Fläche bezuelen den Impôt foncier. Dësen huet d'Stad Esch 2024 eng Recette vun ongefeier 2,5 Milliounen Euro abruecht.

Ronn 61 % vun dëse Recettë kréie mer eleng duerch d'Kategorie B1 eran, also d'Fläche mat Constructions industrielles et commerciales. Déi aner B-Kategorien, dat si B2 Constructions à usage mixte, B3 Constructions à autres usages, B4 Maisons unifamiliales et Maisons de rapport, B5 Immeubles non bâtis, autres logements an de B6 Terrains à bâtir à des fins d'habitation.

Bei de Kategorien A a B1 bis B5 proposéiere mir, einfach de Punktwäert wéi an de viregte Jore bäizebehalen. Dat liesen ech lech elo net nach eng Kéier vir, dat stoung am Dossier, wéi deen ass.

Beim B6 proposéiere mer, en och ze behale wéi am Virjoer. Wou ech nach eng Kéier preziséiere wëll, dass mer d'lescht Joer eng Verduebelung hei gestëmmt hu vu 600 op 1200 %, déi mer da wëlle bäibehalen.

Ech weess an ech erënneren drun, dass et d'lescht Joer hei Diskussioune gouf, fir tatsächlech nach weider eropzegoe mat deem Pourcentage. An et war och d'Fro, ob mer dee Pourcentage net all Joer automatesch kéinte weider eropsetzen.

Ech huelen elo net nach eng Kéier de ganzen Argumentaire eraus vum leschte Joer, fir duerzestellen, firwat d'Majoritéit sech deemools géint deen héijen Taux ausgeschwat huet. An net nach eng Kéier déi ganz Konklusiounen, firwat den Taux vun 1200 % räsonabel a proportionell vertrietbar gehale gouf.

Just e kuerze Rappell: Mam Taux vun 1200 – dee maachen ech dann awer – hu mer hei am Süden den drëtthéchsten Taux. An am Land si mer den aachthéchsten. An aner Gemenge ronderëm eis, déi meescht sinn e gutt Stéck drënner, och wa verschiddener, notamment eng, e gutt Stéck driwwer ass.

An der Finanzkommissioun ass gesot ginn – ech hunn de Rapport gelies –, dass net e Bilan gezu gi wier, wat déi Erhéijung bruecht hätt. Ech hunn d'Zuelen awer gesinn, mir hunn och d'Zuele beschwat. An ech ginn lech awer dann e puer Konklusiounen. Wou eigentlech d'Haaptkonklusioun ass, dass et net wierklech zu engem signifikanten Impakt gefouert huet, dass mer déi Verduebelung do decidéiert hunn.

2024 waren 145 Parcellen onbebaut, hate kee Projet, sinn hei an den Impôt foncier gefall. 2025 sinn et der nach 120. Dat heescht, et sinn der 25 manner. Wou sech elo eppes gedoen huet.

Déi 25 Parcellen, dovu sinn der 23, déi der Stad Esch gehéieren. Dat heescht, wou mir selwer Baugeneemegungen accordéiert hunn an drop aktiv sinn. Eng aner Parcelle gehéiert IKO, wou se e Logement bauen, wat herno bei eis zeréckkënnt.

An et ass ee Privatprojet, e gréissere Privatprojet, wou dann nach realiséiert gëtt vun enger Societéit. Dat ass dann déi lescht Parcelle, déi bebaut gëtt vun deene 25, wou dann den eenzege richtege Privatprojet ass.

Wann ee vun deenen 120 Parcellen, op deene kee Bauprojet besteet, d'Analys mécht, da fält d'Majoritéit dovun un d'Stad Esch, un de Fonds du Logement, un IKO, un Agora, un ArcelorMittal an u Bausocietéiten, sechs Stéck, fir déi alleguer e Projet a Planung ass.

An ech wëll och soen, dass dat wierklech déi grouss Parcellë sinn, déi hei betraff sinn, an et net déi Baulücke sinn, déi nach iwwreg bleiwen. Dat sinn da 55 Baulücken, déi da Privatpersounen zeréckfalen, déi deene gehéieren.

Dat sinn entweeder verschidde Privatleit, et sinn awer och, wou mer d'Informatiounen hunn dass et Konsortiume vun lerwe sinn, wou sech Froe stellen. An da sinn et och verschidde Koproprietéiten.

Dës Parcellë sinn awer wierklech net ze vergläiche mat deene grousse vun deene Partneren – an ech woen ze behaapten, dass de Fonds du Logement, dass d'SNHBM, dass Agora Partnere si fir eis sinn an der Entwécklung. Dass déi wierklech déi gréisst Surfacen hunn.

An ech woen och, ze behaapten, dass souguer, wa mer elo nach eng Kéier géingen eng Upassung maachen zum Beispill op nach eng Kéier 300 % erop. Dat wieren dann 1500 %.

Dat ass eng Zuel, déi ech net annodin wielen, mee dat eng Zuel, déi ech huelen, well dat deen Taux ass, deen d'Stad Dikrech applizéiert huet, nodeems se vum Geriicht gesot kritt hunn, dass hiren urspréngleche Taux deräsonabel gewiescht wier, a si sech duerno op deen Taux zeréckbesënnt hunn an deen applizéiert hunn.

Dass dat, mengen ech, net deen Effet op d'Mobilisatioun hat vun den Terrainen, déi mer wierklech wëllen treffe bei der Mobilisatioun.

Dass mer net déi Acteuren uschwätzen, déi mer wierklech missten uschwätzen.

Ech wëll och nach eng Kéier bei der Berechnung soen – et ass jo esou, dass bei der Berechnung vum Impôt foncier, déi geet jo och iwwer nationaalt Gesetz no dräi Joer automatesch an d'Luucht. Dat heescht, et ass schonn eng Strof nach eng Kéier do, wou et eng Verzéngfachung da gëtt zu deem Moment vum Impôt foncier. An och dat huet net d'Leit bedriwwen, déi Privatflächen nach hunn, fir dës weider ze mobiliséieren. Soit.

A well et eeben ass, dass mer déi wëlle viséieren an dass mer net déi Acteure wëlle bestrofen, déi tatsächlech grad u grousse Projete schaffen, déi grad elo an dësem Moment un eiser Säit stinn, déi wierklech richteg grouss, wichteg Entwécklungsprojete fir dës Stad hei unhuelen – an dat an engem Dialog, an enger Zesummenaarbecht mat eis.

Grad well mer déi net wëlle bestrofen, ass dat hei elo och net de Wee, an eisen Aen, fir hei den Taux weider eropzesetzen.

Et hätt een hei eng Differenz kënnen hierstellen. Et hätt een eng Differenz hei kënnen hierstellen, wa mer eng Grondsteierreform gehat hätten, déi annoncéiert war, mee déi awer déi lescht Regierung net fäerdegbruecht huet. Dat hätt et och tatsächlech eng Differenz hei kënnen ustriewen a wierklech déi Leit viséieren, déi ze viséiere wieren, wa mer um nationalen Niveau eng Mobilisatiounssteier haten, déi zéng Joer laang am Koalitiounsaccord stoung. Déi awer net ëmgesat gouf. Zweemol d'ailleurs déi selwecht Ministesch, déi et net hikritt huet, fir dat ëmzesetzen.

An dat soen ech – dat ass jo aus eiser Siicht vun der Stad Esch wierklech bedauerlech an dat wëll ech och ouni Hon soen. Well ech mengen, dass entre-temps kee méi heibannen

eng Mobilisatiounssteier op eidel Logementer an op eidelen Terrainen awer wierklech op deene Plazen, wou mer se geziilt musse mobiliséiert kréien, déi Leit, déi mer genau mussen uspriechen, dass keen heibanne méi déi Tax a Fro stellt.

A genee dofir ass et och de Wee, wou mer als Stad Esch wëlle goen. Dat heescht, mir wëllen net den Impôt foncier generell fir jiddereen eropsetzen, mee mir wëllen an der Mobilisatiounssteier, déi mer an Esch hunn, un där wëlle mer schaffen.

Zënter Juli vun dësem Joer gouf et schonn eng ganz Rëtsch Versammlungen an Analysen, mat dem Zil, eeben eise Reglement vun der Taxe annuelle sur certains logements inoccupés et sur certains terrains à bâtir unzepassen. Déi gouf 2012 gestëmmt. Dir wësst, déi gouf ni applizéiert, a mir sinn amgaangen, deen ëmzeformuléieren, fir dass mer dann tatsächlech déi Tax kënnen op deene problematesche Situatiounen upassen.

Et goufen Echangen tëschent dem Inneministère an tëschent eise Juristen. An dëse Mëttwoch, virun dann zwee Deeg, krut mer dann e schréftleche Retour mat der Konklusioun, dass sech un deem Prinzipp vum Reglement, un deem, wat mer elo alles eraginn hunn als Pabeier, dass sech deem näischt an de Wee stellt, dass mer dee Wee kënnen elo goen. Dass et elo nach formtechnesch Formuléiere sinn, déi mer mussen upassen.

An ech mengen, dass d'Fraktiounsspriecher de Rendez-vous och scho geschéckt kritt hunn, den 10. November hu mer eng Versammlung, wou mer da solle genau iwwer dat do Taxereglement diskutéieren.

Well wann dat Reglement ugepasst ass, vläicht schonn am nächste Gemengerot am November kéinten hei stëmmen. Zesumme mat de Remarke vum Interieur zu eise Konten, wou mer wëssen, dass do och erëm e Sujet ass.

An dass mer da wierklech hei géingen op e richtegen an op e faire Wee déi Terraine probéieren, ze mobiliséieren an Drock op déi Leit ze maachen, déi tatsächlech betraff sinn. An et eeben net richteg an net fair wier, fir e Generalverdacht auszeschwätze fir alleguer d'Acteuren, déi am Moment um Escher Terrain aktiv sinn.

Dat waren eng ganz Rëtsch Ausféierungen, gëtt et Wuertmeldungen heizou?

Den Här Pulli huet d'Wuert.

M. Sascha Pulli (LSAP)

Merci fir d'Wuert.

Bon, et sinn elo e puer nei Entwécklungen, wou Der elo gesot hutt. Ech wollt am Fong am nächste Punkt eng Kéier ganz kuerz dorop zeréckkommen.

Ech wollt eeben elo just froen, dass mer, wéi mer et d'lescht Kéier gemaach hunn, de Vote séparé kënne maache mam B6. Ob dat méiglech ass dee Moment.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann den Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter.

Dir hutt eng ganz Rëtsch Zuele genannt an eng ganz Rëtsch Entwécklunge benannt, déi

an deene leschte Méint effektiv geschitt sinn. Och zum Deel opgrond vun Initiativen, déi hei am Gemengerot geholl gi sinn.

Wësst Der, prinzipiell kéint ee soen, mir gi weider mam B6 erop, esou laang mer dat anert Taxereglement net hunn. Dat kéint jo eng Positioun sinn. A wa mer dat anert Taxereglement hunn, da kënne mer nach eng Kéier à tête reposée iwwer de B6 diskutéieren.

Et ass jo awer am Moment esou, datt mer eropgaange si vu 600 op 1200. An Dir hutt do och Beispiller genannt vun anere Gemengen. Schëffleng ass am héchste mat 4000 – dat ass eis Nopeschgemeng. Ech mengen, wann ech richteg informéiert sinn, wäert haut am Gemengerot zu Diddeleng, wäerte si vu 1400 op 1600 eropgoen. Dikrech ass 1500.

An Dir hutt probéiert, och relativ andrécklech, ze soen, ma wien ass dann iwwerhaapt dovu betraff. An dat éischt Argument, wat Der da sot, ma am Fong, déi Haaptacteuren, déi dovu betraff sinn, dat sinn ëffentlech Acteuren. Dat ass entweeder d'Gemeng, Fonds du Logement, Agora.

Wou ech soen, jo, mee déi betrëfft et jo awer am Fong just indirekt, well et wier héchstens en Transfert – an immens vill Sue sinn et jo net. Dat muss ee jo och éierlecherweis soen. Et wier en Transfert vun der ëffentlecher Hand bei d'ëffentlech Hand.

Wou et méi interessant ass – an dat, wat mer jo wëlle bewierken domat –, dat sinn dann déi 55, déi iwwreg bleiwen. Wat éischter Baulücke sinn, wat net grouss, nei Quartiersprojete sinn. An déi sollten éischter domat viséiert sinn.

Dir hutt selwer virdru gesot, déi Erhéijung, déi Verduebelung, déi mer gemaach hunn, huet dozou gefouert, datt eigentlech just ee privaten Acteur doduerch konnt mobiliséiert ginn.

Dofir mengen ech, datt awer zumindest dat Zeechen, wat mer hei kéinte setzen, wäertvoll wier, fir ze soen, mir gi vun 1200 op – wann Dir Dikrech als Virbild huelt – 1500 erop. Wou mer zumindest awer en Zeechen no bausse setzen, wat kloer ass.

En attendant vun engem aneren Taxereglement wäerte mir deen dote Wee beschreiden. A rien n'empêche, datt een, wann dat Taxereglement en place ass, déi Diskussioun iwwer de B6 nach eng Kéier féiert.

Nawell ass et awer esou, och wann dat neit Taxereglement, wou mer jo dann an engem Mount ongeféier, oder vläicht souguer e bëssen éischter d'Konture gewuer ginn, wéi et funktionéiere soll. Mee datt dat jo viraussiichtlech – well ech ka mer et schwéier anescht virstellen – parallell zum B6 funktionéieren. Dat heescht, doduerch gëtt de B6 prinzipiell net ofgeschaf.

Dat heescht, datt mer egal wéi dat Zesummespill tëschent B6 an dem neien Taxereglement och mussen diskutéieren.

Dofir mengen ech, et ass e symboleschт Zeechen, wa mer hei géifen dat weider eropsetzen. Dee Schrëtt weidergoen. Och wann ech begréissen, datt am Moment Beweegung an deem Dossier ass.

Bon, ech wäert – dat kënnt Der lech jo virstellen – elo net d'Mobiliséierungssteier, d'Roll vun enger anerer eemoleger Regierungspartei iwwerhuelen an op d'Grënn agoen, firwat et mat der Mobiliséierungssteier näischt ginn ass.

Sou ganz onschëlleg ass d'CSV awer och net dorun. Dat muss ee vläicht zumindest awer der Éierlechkeet hallwer bäifügen.

Bon, ech begréissen déi Entwécklungen, déi amgaange sinn, wäert awer och, wat de B6 ugeet, e Vote séparé froen an deementspriechend dat dann net matstëmmen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Baum.

Den Här Schmit huet d'Wuert.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Et ass e ganz sensibelt Theema. An ech muss soen, ech hu mer och oft a laang Gedanken doriwwer gemaach, wat dann do déi néideg, solle mer soen, Astellung wär.

Schëffleng, am Fong geholl, ass jo op 4000. Dat schéngt mer héich ze sinn, mee de Wee awer schéngt mer de richtegen ze sinn. Dat heescht, mir hunn e Problem mam Wunnen. Dir wëllt jo och anscheinend nach kräftege Wuesstum hunn. Dat heescht, dee Problem gëtt ëmmer méi akut.

Also mir, wat de Wuesstum ubelaangt, sinn der Meenung, datt deen net méi esou kräfteg ausfale wäert wéi dat, wat Dir virhutt. Mee solle mer soen, ech kucken elo d'Realitéit an ech kucken elo, wéi d'Majoritéitsverhältnisser sinn, also gi mer a Richtung vun engem grousse Wuesstum.

A wann een deen Aspekt mat an d'Rechnung eranhëlt, da muss een eppes maachen, fir datt do méi Wunnraum entsteet. An dann ass et logesch, datt een hei mat där Tax an d'Luucht geet, fir datt am Fong geholl do gebaut gëtt, fir datt eppes geschitt. An net fir datt Proprietären einfach just a Wartepositioun ginn an oftauchen a waarden, datt d'Präisser an d'Luucht ginn a fir iergendwann emol, éierlech gesot, ofzesanen.

Also wann een de Aspect public vun där heiter Saach gesäit, da kann een, menger Meenung no – do ginn ech dann de Kolleege vu lénks Recht -, do kann een nëmmen eng Decisioun dann an d'A faassen an do muss een dann erhéijen.

Wéi gesot, 4000 ass vläicht elo net onbedéngt dat, wou ee sech sollt orientéieren. Och wa Schëffleng, fannen ech, an deem Fall couragéiert war, fir esou eng Decisioun ze huelen, géif ech trotzdeem hei de Wee als wichteg empfannen.

A wann dës Majoritéit de Wee vun enger Erhéijung géif goen, sief et op 1500, dat géif ech als dat richtegt Signal fannen. An dat sollte mer an deem heite Fall maachen.

Mir sollten elo net parteipolitesch déi Saach ugoen, wat ech och meeschtens net maachen, op mech emol bezunn. An ech géif hoffen, datt déi aner Leit hei um Dësch dat och vläicht méi oft sollten esou gesinn.

Wéi gesot, fir eis dat hei eng kloer Saach. Mat e bësse Mënscheverstand, mengen ech, wär dat ze erkennen.

A wéi gesot, wann dat neit Taxereglement jo dann do ass, da géif ee gesinn, datt een do nach kann ajustéieren, et kéint een dat maachen. Mee an deem heite Fall an esou, wéi et elo haut ausgesäit, géif ech och dofir plädéieren, datt do misst eng Erhéijung kommen.

Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Bermes freet nach d'Wuert.

M. Pascal Bermes (CSV)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter. Ech mengen, dat hei ass och e ganz wichtegt Theema. Mee ech mengen, mir hunn d'lescht Joer d'Tax verduebelt, de B6. Also hu mer domat en Zeeche gesat. An et ass wer och wichteg, datt een iwwerleet, wat muss ee maachen – well dat Zil däerf een net aus den Ae verléieren.

Et geet net nëmmen duer, en Zeechen ze setzen, mee och d'Zil. An ech mengen net, wann een elo hei op 4000, wat weess ech geet, datt een do méi Terrainen op de Marché kritt. Au contraire.

Ech mengen, et muss ee wëssen, elo hu mer wichteg Acteuren, déi amgaange sinn, Projeten ze maachen. Do kommen Terrainen an deenen nächste Joren. A wann déi elo méi Impôt foncier bezuele mussen, da gëtt ganz einfach un de Keefer weidergeleet. Net un en aneren. Dat heescht, dat ass net de Wee.

Ech mengen, et muss een en anere Wee fannen, fir Terrainen ze kréien. Dat si jo da vun deene 55 Terrainen, Parcellen, wou mer hei schwätzen. An ech mengen net, datt dat iwwer eng groussaarteg Erhéijung vum Impôt B6 geet. Ech mengen, do mussen aner Weeër ageleet ginn, fir dat ze erreechen.

Ech soen Iech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Bermes.

Ech soe Merci fir d'Diskussioun.

Wou et einfach ass, dass verschidde Weeër skizzéiert ginn a wou een dann iwwer déi Weeër ofstëmmt, vun deem een iwwerzeegt ass, fir en ze goen.

Ech mengen, dass alles gesot ginn ass. Ech wëll och net op Detailer agoen, déi net derwäert wieren, fir nach eng Kéier unzeschwätzen. Dowéinst proposéieren ech dann, dass mer als éischt den Impôt foncier fir A an da B1 bis B5 stëmmen.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An da stëmme mer de B6.

- ☒ **Enesa Agovic**
- ☒ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☒ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☒ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☒ **Steve Faltz**
- ☒ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff** ↷ (Daliah Scholl)
- ☒ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

10.3.2. Évolution des prix des loyers sur le territoire communal

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei de Punkt, deen d'Oppositioun a Form vun der LSAP op den Ordre du jour setze gelooss huet.

Als éischt huet den Här Pulli d'Wuert, duerno äntwert de Schäfferot an da maache mer den Debat op fir jiddereen.

M. Sascha Pulli (LSAP)

Merci als éischt emol, dass Der de Punkt no eiser Demande hin op den Ordre du jour geholl hutt.

Fir unzefänken, géif ech gär e bëssen de Kontext erklären, firwat mer déi Demande gemaach hunn. Wéi ech rezent Artikelen, Etüden iwwert d'Loyerspräisser zu Letzebuerg, zu Esch awer och am Verglach mam Ausland gelies hunn, hu mir eis d'Fro gestallt als LSAP, och nodeems mer eis e bësse consultéiert hunn, ob dat en Theema ass, wat een eng Kéier hei am Gemengerot kéint diskutéieren.

A mir sinn zum Entschloss komm, dass eigentlech all Problem, wou d'Escher Biergerinnen a Bierger betrëfft, eigentlech hei misst thematiséiert an och diskutéiert ginn. An och well grad bei de Loyerspräisser vill Leit drënner leiden, déi zum Deel awer keng wierklech Lobby hunn an oft net gehéiert ginn. Dofir steet de Punkt dann haut um Ordre du jour.

A vläicht fir direkt ze preziséieren, et geet eis elo net drëm, dass mer hei eng Diskussioun hunn Oppositioun géint Majoritéit, wou een deem anere Virwërf mécht. Nee, et geet eis éischter drëm, dass mer, wéi mer et eigentlech schonn oft an der Lescht an der Logementspolitik haten, e gemeinsame Constat hunn an duerno vläicht eng gemeinsam Propos maachen.

Dofir hate mer och d'Iddi, fir haut keng Motioun ze proposéieren, mee eng Resolutioun am Numm vum ganze Gemengerot, déi lech grad ausgedeelt gëtt an op déi ech nach am Detail wäert drop zeréckkommen.

Ugefaange vläicht mat enger Fro: Wat hu Stied wéi London, Paräis, Dublin, Barcelona, Oslo, Madrid an am Ganze 77 Stied gemeinsam? Ma si hu Loyerspräisser, déi ënnert deene vun der Stad Esch leien.

Dat geet aus engem rezente Property-Index vun Deloitte ervir. Do ass nämlech Paräis op der Plaz 2 mat 32 € de Meterkaree, Dublin op Dräi mat 31,7 € de Meterkaree oder och nach Barcelona mat 29 € de Meterkaree.

An Esch? Zu Esch si mer am Moment dem Obervatoire de l'Habitat no bei 39 € de Meterkarree. Déi eenzegt Stad an där Etüd, wou d'Loyerspräisser nach méi héich si wéi zu Esch, dat ass d'Stad Lëtzebuerg, wie wonnert et, mat 43 € de Meterkaree.

Wann een also d'Evolutioun vun de Loyerspräisser kuckt – ech hunn dat schonn eng Kéier hei gesot – vun 2019 op 24 € de Meterkaree op elo 39 € de Meterkaree, dann ass dat dach eng besuergniserreegend Entwécklung.

An och am nationale Verglach leie mer do e Stéck iwwert den Nopeschgemengen, a souguer e Stéck iwwert Gemengen aus dem sougenannte Speckgürtel vun der Stad Lëtzebuerg.

Ech weess, dass de Buergermeeschter dat och scho gesot huet, et ginn natierlech Differenze par rapport zu de Quartieren, wat och net falsch ass, an awer wësse mer, dass déi Präisser grad zu Esch vill Leit ganz haart treffen. Wat och den Observatoire social gesot huet.

Firwat? Ma well zu Esch de Ratio eigentlech tëschent Locatairen a Proprietären e bëssen en aneren ass wéi am Rescht vum Land. Zu Esch si mer nämlech bei 40 % ongeféier Locatairen, wat dach e Krack méi héich ass wéi am nationalen Duerchschnëtt. A well d'Populatioun zu Esch jo eeben och an der Moyenne manner verdéngt wéi am Rescht vum Land.

Dobäi kënnt, dass den Taux d'effort, also deen Deel vum Salaire, dee fir Loyer, Chargen, Taxen dropgeet an der nationaler Moyenne mëttlerweil bei 39 € ass. A bei deem äermsten Quintile, zu deene leider och vill Escher an Escherinne Locatairë gehéieren, bezuelen 42 % vun hirem Revenu fir de Loyer a 67 % fir de Loyer a Chargen. Dat war eng Etüd, wou nach gëschter, mengen ech, an der Logementskommissioun vun der Chamber presentéiert ginn ass. Eng Etüd vun der Uni Lëtzebuerg.

Dat erkläert dann och, wat virdrun hei iwwer den Office social gesot ginn ass, wat d'Madamm Agovic gesot huet a wat den Här Cavaleiro och gesot huet, firwat déi Situatioun esou ass. Ma well mer eeben och déi héich Loyerspräisser hunn, wou d'Leit ëmmer méi drënner leiden an och e Grond eeben ass, firwat mer haut iwwer dee Sujet solle schwätzen an awer och handelen.

D'Fro ass also, wou mer eis och scho gestallt hunn: Wat kann d'Stad Esch maachen?

An ech mengen, och do si mer eis gréisstendeels eens. Weiderhin an de lokative Wunnraum investéieren, wéi mer dat zum Beispill op der Rouder Lens oder och op den Nonnewisen maachen.

An ech zitéieren do den Här Buergermeeschter aus senger Budgetsried, wou hie gesot huet: „Ech kenne keng aner Stad oder Gemeng hei am Land, déi en änleche Wee ageschloen hätt ewéi deen, dee mer elo ginn". An ech mengen, dat ass och richteg an dat solle mer och weider maachen.

Zweetens kann een eppes géint de Leerstand an der Gemeng maachen. Do hate mer am Januar déi dräi Motioune vum Här Baum hei, wou mer gestëmmt hunn. A wou mer eigentlech och do eis zesummen d'Wuert ginn hunn, dass mer weider Efforte maache souwuel beim Leerstand um kommunalen, um staatlechen an awer och um privaten Niveau.

Drëttens, an do kommen ech zeréck op de Punkt virdrun, kann een eeben eppes beim Taux vum B6 maachen. Wou mir jo schonn d'lescht Joer proposéiert haten, deen op dee vu Schëffleng unzepassen, a wou mer eis

eigentlech erhofft haten, dass haut eppes an déi Richtung géif goen.

Fir do nach eng Kéier zeréckzekommen. Natierlech geet et net nëmmen drëms, fir do méi Suen eranzekréien, mee et geet einfach drëms, fir och en Zeechen ze setzen, dass Leit mat eppes spekuléieren, wou aner Leit an d'Logementspräisser betrëfft. An et ass och éischter eng Gerechtegkeetsfro, fir do ze agéieren.

An dofir si mer eeben e bëssen enttäuscht, dass mer do net den Taux nach e bëssen ugepasst hunn.

A just fir beim B6 ze bleiwen, ass et och wichteg, dass een d'Proprietären informéiert. Ech weess elo net, ob Der dat maacht. Zum Beispill, wann ee säin Terrain un d'Gemeng verkeeft, dass een dann net un der Plus-value besteiert gëtt.

Ech bezweiwelen, dass vun deene 55 Proprietären, wou Der elo genannt hutt, ob do jiddwereen dat weess, wat fir steierlech Virdeeler och wären, wa se géifen den Terrain un d'Gemeng verkafen an esou dann eventuell och neie Wunnraum kéint entstoen.

An da komme mer bei e véierte Punkt. An dat ass, mengen ech, e grousse Problem, wat d'Loyerspräisser ugeet. An do huet d'Gemeng awer och eng gewëss Verantwortung. Dat ass nämlech de Fonctionnement vun der kommunaler Mietkommissioun.

Mir wëssen, aktuell ass d'Situatioun esou, de Loyer ass gedeckelt op 5 % vum Capital investi. A fir ze kucken, ob dat agehale gëtt, hu mer eigentlech eng kommunal Mietkommissioun, déi menges Wëssens no awer net wierklech aktiv ass.

Ech hu mat engem geschwat, deen do Member war eng Zäit. An déi ganz Zäit, wou hie Member war, ass déi, mengen ech, eng Kéier zesummekomm. An dat kann, mengen ech, eigentlech net sinn.

An och wa se aktiv wär, kommen natierlech da Problemer op se zou, dass d'Locatairen, an anscheinend esouguer d'Proprietäre guer net wëssen, wat de Capital investi ass. A mir hunn also hei e Problem, dass mer e Gesetz hunn, dat net ugewent gëtt, well et an der Praxis net funktionéiert.

A wat awer, mengen ech, fir d'Gemeng, fir d'Stad Esch e Problem ass, well mer eigentlech déi Missioun oder dee Rôle hunn, dass mer eng Mietkommissioun hunn, déi funktionéiert oder déi Responsabilitéit huet.

An et ass natierlech och e Problem an engem Rechtstaat, wann ee seet, mir hunn e Gesetz, et funktionéiert net, et ass net praktikabel, et besteet awer. Et ass nämlech dat, wat de Logementsminister nach d'lescht Joer op eng Question parlementaire geäntwert huet, dass dat Gesetz eigentlech zu all Moment muss respektéiert ginn.

Dobäi kënnt, dass och eng Resolutioun an der Chamber gestëmmt ginn ass, wéi och an der Motioun steet, am Juli 2024. Eng Motioun vun der grénger Partei, déi do ugeholl ginn ass, an där de Minister eigentlech opgefuerdert ginn ass, fir bis Juli 2025 e Projet de loi ze deposéieren, wat awer nach ëmmer net de Fall ass.

Duerch all déi Entwécklungen, wou ech elo gesot hunn an déi zum Deel awer dramatesch Situatioun, an deene vill Escher Locatairë sech befannen, géife mir dofir de Gemengerot bieden, eiser Resolutioun zouzestëmmen, an där mir eigentlech just zwou Saache fuerderen.

Mir fuerderen e Gesetz mat engem Plafonnement vum Loyer, dat funktionéiert,

an zweetens, dass dat Gesetz, wat elo aktuell ass, kuerzfristeg esou ugepasst gëtt, fir de Locataire eebe besser ze schützen.

Et ass elo eigentlech näischt Aneres, wat d'LSAP och um nationalen Niveau fuerdert oder och wat nach zum Beispill nach den Här Sehovic de 25. September an der Logementskommissioun vun der Chamber proposéiert huet.

Dat sinn eigentlech déi zwee Punkten, wou mer fuerderen. A mir hoffen, dass déi Resolutioun eng grouss Majoritéit hei fënnt an dass mer dee Wee kënne weidergoen, dee mer am Beräich vum Logement amgaange sinn, ze goen.

Ech soen lech Merci a freeë mech dann op d'Diskussioun.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Pulli, fir Är Ausféierungen.

Ech hunn elo eigentlech geduecht opgrond vun deem, wat Der geschriwwen hutt, dass Der awer e puer Zuele méi en avant géingt setzen an tatsächlech d'Situatioun, wéi se ass a beschriwwe gëtt fir d'Loyeren hei zu Esch, dass Der dat géingt duerstellen.

Ech hu mer e puer Zuelen ugekuckt – ech baséiere mech do einfach op den Intitulé, dee mer kritt hunn, fir op deem ze schaffen a fir sech opgrond vun deem virzebereeden. An da wëll ech awer e puer Zuelen hei nennen, an och e puer Erklärungen, déi ech mer gi gelooss hunn. Notamment och bei Leit, déi mam LISER zesummeschaffen, fir déi awer hei kënnen ze nennen, fir d'Situatioun awer kënnen ze beschreiwen.

De Constat – an do huelen ech dann déi Zuelen, déi am nationalen Observatoire de l'Habitat genannt gi sinn. Dat ass, dass hei zu Esch de Meterkareespräis am Joer 2024 bei 39,90 € de Meterkaree de Mount war an dass mer domat 2,5 € iwwer der nationaler Moyenne leien.

Et ass awer och esou, wa mer kucken, wat de Loyer moyen hei zu Esch ass, dass mer dann am Joer 2024 bei 1.192,10 € de Mount waren. An dass dat souguer eng Baisse ass par rapport zum Joer 2023, wou mer iwwer 100 €, 120 € driwwer waren. An dass mer am Verglach zum Rescht vum Land awer de Loyer nach 500 € an der Moyenne méi bëlleg hu wéi am Rescht vum Land. Well do läit de Loyer moyen bei 1.746,90 € de Mount.

Dat heescht, jo, de Meterkareespräis ass ganz héich, deen héchsten, awer par rapport zu der nationaler Moyenne sinn eis Loyerspräisser och am Verglach mat anere Gemengen, mat den Nopeschgemengen a mat de Gemengen, wou ee kéint vergläichen, am Globale sinn déi méi niddreg. Bedeitend méi niddreg. Wann ech Déifferdeng, Diddeleng kucken, leie mer och nach eng Kéier 200 € drënner.

Dat huet verschidde Facteuren. Déi kann een erausliesen aus dem Dokument, dat annoncéiert gi war, dass mer haut driwwer schwätzen. Dat kann een awer och erausliesen aus eisem eegenen Observatoire social – de Rapport, wou mer publizéieren. Wou ech e bësse gefuddelt hunn a scho gekuckt hunn, wat an deem steet, deen elo publizéiert gëtt.

Mir hunn hei zu Esch eng enorm Baisse vun de Ventë vun Appartementer. Mir hunn eng Baisse gehat am Joer 2024 vu bal 36 % - um nationalen Niveau ass et just eng Baisse gi bei den Appartementer vu 5,2 % am Verglach zu de Virjoren.

Dat ass bei allem, wat verkaf ginn ass op Escher Terrain. Awer 82 % vun deem, wat hei zu Esch verkaf gëtt, dat sinn Appartementer.

A bei den Appartementer eleng hate mer eng Baisse vu 27 %.

Dat heescht, dass déi Leit, déi Appartementer hei zu Esch sichen, dass déi manner Offer hunn, fir ze kafen, an dass déi dann dee Moment och op dee Marché locatif mat drop gedréckt ginn.

Wat och erkläert gëtt, am nationale Monitor steet dran, dass wierklech och den Interêt d'investisseur ofhëlt, well einfach den Taux de rendement locatif an deene leschte Joren ënner deem vum Taux d'interêt war. An dass dat déi traditionell Investisseuren an de Logement ogehalen huet, fir ze investéieren.

Eisen Escher Observatoire stellt fest, dass mer bei den neien Appartementer vill méi kleng Appartementer hunn, wou d'Quadratmeterzuel erofgeet an dass d'Qualitéit besser ass, well se nei sinn. An dat spigelt sech virun allem am Quartier Universitéit eraus, wat den deierste Quartier dann hei an Esch ass fir investisseuren.

Dat ass e Quartier, wou traditionell kaaft gëtt, fir dann an d'Locatioun ze ginn. Wou de Public cible, ëm deen et soll goen, Studente sinn, qualifizéiert Expatten, Leit aus der Recherche, Leit vun der Uni. An do klëmmt de Meterkareespräis, wat net op alle Plazen hei an Esch de Fall ass.

Dann hunn ech nach eng Kéier nogekuckt, wéi dann d'Offer vun den Appartementer hei zu Esch evoluéiert huet, déi dann um Marché sinn, fir verlount ze ginn. 2022 waren 1.530 Appartementer, déi ugebuede si fir ze lounen hei zu Esch. 2024 waren et der nëmmen nach, an deenen éischten 10 Méint – do hu mer net déi komplett Zuelen –, 629. Dat heescht, manner wéi d'Hallschent. Wat einfach dann erëm en Effekt huet op de Präis, dee klëmmt. An dann ass de Constat, dass mir hei zu Esch bei deem, wat als Offer ugebuede gëtt, bei Wäitem déi klengst Surfacen hunn. Bei eis ass d'Moyenne vun de Surfacen, déi ugebuede gëtt, 32,2 m2 an der Moyenne. National Moyenne ass 50 m2. Dat ass bedéngt zum Beispill, dass och 15 % vun deem, wat ugebuede gëtt um Marché fir ze lounen, dass dat zum Beispill Kummere sinn, dass dat Studioe sinn. An dat dréckt dat Ganzt erof.

An do schreiwen dann och d'Chercheure vum LISER selwer, „rappelant que le loyer moyen par mètre carré à tendance à diminuer avec la taille des bien alors que le loyer total lui augmente bien sûr avec la taille des biens."

An dann ass natierlech de Loyerstaux, dee grad a verschiddene Quartiere klëmmt – also de Meterkareespräis –, dann ass dat och e Resultat dovun, dass déi Quartieren eng aner Attraktivitéit hunn, eng nei Attraktivitéit kritt hunn an nei Profiller unzéien. Leit, déi och geziilt an déi dote Quartiere ginn an do dann och dee Meterkareespräis bezuelen.

Mir hunn eng Logementspolitik, wou mir als Stad Esch, mengen ech, esou aktiv si wéi keng aner Gemeng am Lëtzebuerger Land am Moment. Dat droe mer mat Fändel vir an do si mer, mengen ech, alleguer ganz houfreg drop.

Mee et gëtt Evolutiounen, op déi een hei zu Esch geziilt eleng eeben nëmme schlecht intervenéiere kann. An déi do Fro vun de Meterkareespräisser, dat ass notamment esou eng, wou een einfach d'Evolutioun, déi mer an der Stad kennen, dass dat och en Impakt op dat doten huet, op déi do Situatioun huet.

An dass dat, wou mir tatsächlech kënnen handelen, dass dat dat ass, dass mer déi Linn, déi mer ugestrieft hunn, fir nämlech Offer ze schafe mat Partneren zesummen, fir ze mobiliséieren, dass dat déi ass, wou mir kënne goen.

Wat Dir elo uschwätzt, dat ass eigentlech en nationale Sujet. Dat ass eigentlech e Sujet, deen an der Chamber misst diskutéiert an debattéiert ginn. Dat geschitt och do. Dat ass deenen hir Kompetenz. Dat ass eppes, wat geschitt tëschent Regierung a Parteien an der Chamber, an do de Majoritéitsverhältnisser.

Mir kéinten eigentlech deen doten Exercice, wou Dir haut maacht, och a ganz villen aneren Dossiere goen, well d'Majoritéitsverhältnisser hei am Gemengerot anerer sinn, wéi se an der Chamber sinn. An da géinge mer vun der Escher Gemeng aus ganz vill Motiounen an d'Stad schécken, wou mer soen, Esch hätt gär, dass et esou an esou gemaach gëtt.

Mee à la base muss ech lech awer soen, dass dat net eis Kompetenz ass. Dass ech et net empfannen, dass et eis Kompetenz ass, fir sech do méi an déi Dossieren anzemëschen. Op jidde Fall net op deem dote Wee.

Mir hunn aner Weeër. Mir hunn eis Vertriedung am Syvicol zum Beispill, wou Avise gëtt. Mir hunn eis Deputéiert, wou zwar net vun eis de Message kréien, mee awer vun den Escher gewielt sinn, mat gewielt sinn an dann do en Optrag hunn, dat mat ze vertrieden, fir dat mat an d'Chamber ze huelen.

Ech gesinn dat awer elo ganz onopgereegt hei a vu mir aus kënne mer dat do och stëmmen, well wat Dir hei fuerdert, dat ass à la fin du compte dat, wat de Minister Meisch elo rezent souwisou gesot huet, dass en et géing maachen. Wat e souwisou annoncéiert huet an der Chamber, dass e genau déi dote Punkte wéilt ugoen.

Et ass e bëssen an deem Sënn gehopst wéi gesprongen – nee, ech huelen dat do zeréck. Mee et ass awer op jidde Fall keen neit Element, wou mir eppes géingen eng aner Awierkung an d'national Politik maache wéi dat, wat souwisou schonn annoncéiert gouf. Dowéinst gesinn ech dat do ganz onopgereegt.

An ech denken, wa mer an den Ordre du jour gi mam Sujet vun der Situatioun vun de Loyerspräisser hei, dass een dat dann och soll oder kann an deem Sënn thematiséieren.

Just nach eng Remark wëll ech awer och maachen. Ech sinn eigentlech dovun iwwerzeegt, dass mir hei zu Esch eng vun deenen am beschte funktionéierende Loyerskommissiounen am ganze Land hunn. Ech sinn amgaangen, ze sichen, wéi vill Fäll mer hunn.

Also et muss ee fir d'éischt emol cessiséiert ginn, fir iwwerhaapt kënnen do ze befannen. Ech kenne Leit, déi do dra waren, déi ganz aktiv waren.

Wou mer net gutt sinn – an dat ass eppes, wou ech och zouginn a wou mer am Koaltiounsaccord drastoen hunn, dass mer dat nach wäerte maachen an dëser Legislatioun –, dat ass d'Promotioun vun der Loyerskommissioun. D'Sensibilisatioun vun der Loyerskommissioun. Drop hinzeweisen, dass se funktionéiert. Awer ech mengen, dass mer eis do wierklech net nostinn am Verglach zu anere Gemengen.

Ech géing den Debat opmaachen, wa Conseillere wéilten d'Wuert huelen.

D'Madamm Weyrich.

Mme Joy Weyrich (CSV)

Merci fir d'Wuert.

Et ass kloer, dass d'Locatiounspräisser an de leschte Joren och bei eis hei zu Esch an d'Luucht gaange sinn. Dat gesäit jo am landeswäiten Trend an och iwwerall am

europäeschen Trend. An dofir handelt et sech eeben ëm e wichtegen nationale Problem, wéi den Här Weis scho gemengt huet.

D'Demande ass grouss, d'Offer bleift limitéiert, et ass de selwechte Problem. An dofir klammen och d'Präisser. An dat ass dramatesch virun allem, wat dat fir d'Eenzelschicksaler bedeit vun de Bierger vun Esch.

Mee wat och scho gesot ginn ass, wann ee ganz genau kuckt, ass et virun allem hei zu Esch, dass d'Wunnenge mat deene klenge Quadratmeter de Mietspigel no uewen drécken. An de leschte Joren huet sech genau an där Kategorie jo am meeschte gemaach zu Esch. Wann ee gesäit de Belval, wou eng Rei nei, modern, awer relativ kleng Wunnengen a Studioen entstane sinn.

Déi sinn elo dacks u Studenten a Leit mat kuerzfristegem Openthalt verlount ginn a beaflossen och domat natierlech de globalen Duerchschnëttspräis hei zu Esch.

Als Gemeng hu mer natierlech keen direkten Afloss op de Maartpräis, mee mir kënnen awer d'Konditioune schafen, fir dass méi a méi divers gebaut gëtt. Mir brauchen nämlech un d'Konzepter vun den Nonnewisen, Rout Lëns a Metzeschmelz denken.

Eleng viru kuerzer Zäit goufe jo dowéinst och 340 Wunnenge vun der Escher Gemeng op der Rouder Lëns kaf, mee och de Locatiounspark vun der Escher Gemeng gëtt gefleegt an et gëtt ëmmer eppes probéiert, géint de Leerstand ze maachen, wou Der och schonn drop ugeschwat hutt.

Et sinn eleng 250 Milliounen Euro schonn dragefloss, sou vill wéi nach ni an enger Mandatsperiod, an d'Renovéierung an an d'Instandhaltung vun de Locatiouns-wunnengen. Et gëtt also esou vill renovéiert aktuell, wéi nach ni kann ee soen.

Mir dierfen awer och net vergiessen, dëse Präiswuesstum ass awer och e positiivt Zeechen. Et ass nämlech en Zeeche vun der steigender Attraktivitéit zu Esch.

Faktoren, déi och mir als Gemeng beaflosse kënnen. Also eng international Schoul, eng Uni, kleng Waardelëschte bei de Maison-relaisen, also familljefrëndlech Bedéngungen, déi geschaf ginn. Gréngflächen, ëffentlechen Transport, dee gutt funktionéiert an Esch mam Rescht vum Land verbënnt, an nach vill méi.

Dat kann een dann als positiv Entwécklung gesinn, well Esch souzesoen dann och nei Awunner vu verschiddene Länner heihin unzitt. An dat ass d'Resultat vun enger aktiver Politik, déi an der Escher Gemeng an deene leschte Jore gefouert ginn. Et ass also och klengt Stéck Verdéngscht vun der Escher Gemeng, datt Esch haut nach esou gefrot ginn ass.

Villmools merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Weyrich.

Den Här Ramdedovic.

M. Dejvid Ramdedovic (CSV)

Merci fir de Wuert.

D'Fro vu Wunnen ass och eng Fro vu Mënschewierdegkeet a sozialer Gerechtegkeet. Och wann et zu Esch nach net esou schnell geet, gesi mir awer och hei, wéi iwwerall am Land, dass de Loyer ëmmer méi séier klamme wéi d'Akommes vun de Leit.

De Demande ass vill méi héich wéi den Offer. An de Kris vum Logement ass och eng Kris vum Kafkraaft.

D'Stad Esch handelt. Mir hunn Noheet, Solidaritéit an Transparenz als Goldlack geholl. De Service Logement hëlleft de Leit, hir Rechter kennen, a schützt si géint e héich Loyer.

Eng Cellule de médiation fërdert den Dialog tëschtent de Proprietären a Locatarien. A mir ënnerstëtzen de Marché virun de Loyerskommissioun, well de Plafong vu 5 % vum investéiert Kapital ze dacks iwwerschratt gëtt.

Mee de Logementpolitik ass net nëmme Kontroll, se ass och konkreet Hëllef. Mir stelle Wunnengen zur Verfügung – dat als Stad Esch a mat eisem Partner, dem Fonds du Logement an der SNHBM.

Mir fërdere Renovatioune fir leerstoe Wunnengen a mir investéiert an nei ëffentleche Residenz, wou de Logement e sozial Public bleift, an net d'Spekulatioun.

Haut sinn d'Investissementer esou héich wéi nach ni an der Geschicht vun der Stad Esch. A wéi de Buergermeeschter virdru sot, wëlle mir méi geziilt géint de Leerstand virgoen.

Mat dëser Politik wierke mir op de Marché an. Mat dëser Politik probéiere mir, awer méi kënnen de Loyerspräisser ze drécken. All bezuelbar Wohnung ass eng Famill méi sécher an eng Stad méi stabill. Eise Ambition ass kloer: Esch soll eng Stad bleiwen, wou jidderee ka wunnen, ouni ënner de Präis ze leiden. Logement ass a bleift e Recht, kee Luxus.

Ech soen Iech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Ramdedovic.

Den Här Baum, duerno den Här Schmit.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci, Här Buergermeeschter. Merci och dem Här Pulli, fir déi Initiativ geholl ze hunn.

Also wat ech awer e bëssen elo vermësst hunn, ass, datt een awer ganz kloer de Constat muss maachen: D'Situatioun um Logementsmaart ass dramatesch. A se ass dramatesch fir ëmmer méi Leit hei zu Esch. An déi Moyenen, déi mer eis bis elo ginn hunn, sief et um kommunalen oder nationale Plang, gi bei Wäitem net duer, fir déi sozial Exklusioun, déi déi héich Loyere mat sech bréngen, fir där kënnen entgéintzewierken.

A mat deem Constat, mengen ech awer, datt een ufänke soll.

An natierlech mécht d'Gemeng. An dat huet, mengen ech, och nach keen a Fro gestallt. Och dëse Schäfferot mécht immens vill, wat de Logement ugeet.

Mee et kann een, mengen ech, awer net soen, jo, doduerch datt mir elo awer Saache maachen, ass de Problem beemol fort. Nee. Mir stelle just fest, datt net genuch gemaach gëtt.

An dat ass sécherlech net eleng d'Responsabilitéit vun dësem Schäfferot, mee dat huet e Rateschwanz vu Geschicht. Nämlech datt zu Lëtzebuerg bis viru ganz, ganz Kuerzem emol net de Bris vu Bewosstsi ginn ass, datt de fräie Marché de Wunnengsmaart net seriö an net sozial organiséiere kann.

An eréischt an deene leschte Joren drëpst et lues a lues an d'Bewosstsi vun ëmmer méi

Politiker a politesche Parteien eran, datt de Marché muss reguléiert ginn. A Regulatioun vum Marché bedeit zum Beispill, datt et Obergrenze musse gi fir Loyer, dee ka gefrot ginn.

Mir hunn e Gesetz, wat dat zwar schonn undenkt, mee wat net applikabel ass. Well déi Begréffer, déi do benotzt ginn, net wierklech d'Staang riicht halen. An dofir och vu Geriichter, wou een et invoquéiert, ëmmer erëm a Fro gestallt ginn.

Wat kann eng Gemeng also maachen? Eng Gemeng kann op de Mietmarché awierken, andeem se selwer baut. Jo, dat mécht d'Escher Gemeng. An deene leschte Joren och verstäerkt. An och d'Zukunft plangen. Nämlech, datt se ëffentlech baut. Datt déi Wunnengen, déi do geschafe ginn, och an ëffentlecher Hand sinn an domat eng ganz aner Wierkung op d'Präisdynamik innerhalb vun enger Stad kënnen hunn.

Wat mer nach kënne maachen um kommunale Plang – an do sinn ech wierklech net d'accord mat lech, Här Buergermeeschter. Dat ass déi vum Gesetz virgeschriwwe Loyerskommissioun, éischtens, populär ze maachen. Datt d'Leit wëssen, datt se Rechter hunn. A mir wëssen, datt zu Esch mer eng Stad si mat engem vun deenen héchsten Undeeler vu Locatairen. An déi Proprietäre si meeschtens keng Escher.

Datt mer eis Escher Leit schützen, andeem mer hinnen mol iwwer d'Méiglechkeet informéieren, wat eng Loyerskommissioun duerstellt.

Ech hat viru fënnef Joer eng Motioun eraginn, déi am Ufank gesot ginn ass, et ass superfetatoire. Mir hunn déi bescht Loyerskommissioun aus dem ganzen Universum. A se ass herno awer ugeholl ginn, mengen ech, fir mir dann eng kleng Freed ze maachen, wou näischt anescht drastoung, wéi maacht public, datt et eng Loyerskommissioun gëtt.

Déi ass ugeholl ginn, déi Motioun, viru fënnef Joer. Geschitt ass awer bis elo nach relativ wéineg. Mam Resultat, datt eng Stad wéi Déifferdeng, där hire Bestand vu lokative Wunnengen ongefëier vergläichbar ass mat Esch. Zumindest an der Proportionalitéit.

Déi hu pro Joer – an ech hat elo nach eng Kéier de Message kritt – 35 Fäll, déi virun déi kommunal Loyerskommissioun kommen. Datt déi kommunal Loyerskommissioun nach kee Geriicht ass an och just begrenzt Befugnisser huet, jo, dat ass alles an der Rei. Mee et ass awer e Bewosstsi geschafen och fir Locatairen, datt och si Rechter hunn.

Zu Esch, déi lescht Zuelen, déi ech hat, datt dräi Fäll virun déi kommunal Loyerskommissioun komm sinn. Also dat ass e Verhältnis vun 1:10. Da kann een net soen, mir hunn déi bescht Loyerskommissioun am ganze Süden.

Ech mengen, datt dat bei alle Meritten, déi Der vläicht an anere Beräicher hutt, datt dat do awer einfach, mengen ech, objektiv net stëmmt.

Dat heescht, wat kënne mer als Gemeng maachen? Op d'Loyeren awierken. Déi Instrumenter, déi mer hunn, staark maachen. Selwer bauen, jo, dat geschitt zu engem Deel. Eis Loyerskommissiouns populariséieren. Och vläicht hir d'Moyenen ze ginn, déi se brauch, fir och wierklech kënne gutt ze schaffen.

An drëttens, an dofir begréissen ech d'Resolutioun vun de Kollleege vun der LSAP, mer kënnen en Zeeche setzen. An ech begréissen awer och d'Bereetschaft vum Schäfferot, mat op dee Wee ze goen.

An en Zeeche setzen ass, datt mir als Escher Gemengerot hei soen, mir wëllen déi Situatioun um Loyersmarché net einfach wéi e Schicksal iwwer eis ergoe loossen. Mee mir sinn en Acteur doran an appelléieren an invitéieren och déi national Instanzen, hir Verantwortung ze iwwerhuelen.

An deem Sënn ënnerstëtzen ech och déi Motioun vun der LSAP.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci.

An ofschléissend den Här Schmit.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter.

Wat déi Resolutioun ubelaangt, sinn ech am Fong geholl voll domat averstanen, datt een d'Loyerspräisser soll a muss bekämpfen.Dat ass eppes, wat wichteg ass.

An hei zu Esch, vu que datt mer eng Situatioun hunn, wou d'Leit net, solle mer soen, mat deene Räichsten hei gehéieren, ass dat jo logesch, datt een dann och wëll dee Wee goen, fir jiddwereen am Fong geholl raisonablement ënner Daach ze bréngen.

Dat gesot, hunn ech awer e Problem mat dem zweeten Invitt. Well ech jo virdrun och scho vu Pragmatismus geschwat. Do kënnt en erëm, de Pragmatismus. Well am zweeten Invitt steet am Fong geholl bei mir op jiddefalls, datt de „Montant précis du capital investi" soll genannt ginn.

Dat fannen ech irrealistesch. Aus ville Grënn. Juristesche Grënn, anere Grënn. Dat schéngt mer net de Wee ze sinn, wou een do ka reell an déi richteg Richtung goen. A vläicht sinn do nach e puer Erklärungen néideg, wéi dat da genau geduecht ass.

Mee dat fannen ech – also wéi ech de Marché kennen, ass dat eppes, wat net méiglech ass. Also wat op jiddefalls déi Acteuren, déi wou concernéiert sinn, doutsécher net géifen dee Wee wëlle goen. A wou vläicht duerno nach méi Problemer schaaft, wann een do onbedéngt se wëll forcéieren, fir do haart Zuelen ze nennen, déi wou souwisou ëmmer och evoluéieren.

Jo, dat war meng Meenung zu där Resolutioun.

Am Fong geholl ass d'Iddi richteg, eppes wëllen dogéint ze maachen. Awer esou wéi et hei formuléiert ass, sinn ech op jiddefalls net honnertprozenteg domat averstanen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

Well soss kee Conseiller méi schwätzt, géing ech nach eng Kéier schwätzen. An dann hutt Dir dat lescht Wuert, éier mer ofstëmmen, Här Pulli.

Ech hunn och nach eng Kéier mat eiser Juristin gekuckt. An ech wëll do, opgrond vu Remarken a wou ech elo Echangen hat mat de Kolleegen, eng Propositioun maache vu verschiddenen Adaptatiounen.

Och wann Der elo kënnt soen, dat do ass elo wierklech de Punkt op den i gesat. Eisen Ordre interieur gesäit net vir, dass mer Resolutioune stëmmen, dofir musse mer den Titel awer a Motioun änneren. Dat dierft jo net de Problem sinn.

Dann ass et esou, de Conseil communal invitéiert net de Minister. Dat ass net seng

Kompetenz. Dat heescht, dass mer schonn eng Ëmformuléierung géinge proposéieren, „le conseil communal invite le conseil des Bourgmestre et échevins à inviter“. Dass dat schonn eng Grondformulatioun ass.

An dann, fir dass mer elo net einfach de Message ginn – mir wëllen eis jo do an den nationalen Debat mat abréngen. Da mengen ech och net, dass et just ka sinn, dass de Minister déi national Reform muss op engem nationalen Niveau proposéieren.

Wat mer hei fuerdere kënnen, dat ass, de Fanger auszestrecken an ze soen, mir wëlle gär méi mat agebonne ginn an den Debat. Sou dass mir proposéieren, dass mer et ëmformuléiere géingen, „le conseil communal de la Ville d'Esch-sur-Alzette invite le collège des Bourgmestre et échevins à inviter le ministre du Logement à présenter et à mettre en discussion aux et avec les représentants des communes ses réformes annoncées du régime actuel du plafond de loyer“.

An de selwechte Sproochgebrauch da géingen och applizéiere fir den zweeten Deel. „Invite le ministère de Logement dans cette même démarche à proposer et mettre en discussion un article dans la législation actuelle obligeant le bailleur à stipuler dans le contrat de bail le montant précis du capital investi“.

Elo ginn ech lech d'Wuert.

M. Sascha Pulli (LSAP)

Also ech kommen nach als éischt op e puer Punkten zeréck gär, wou gesot ginn ass.

Vill Saache si mer eis jo eens. Ech mengen, mir hunn lech jo och gelueft fir dat, wat Der maacht am Beräich vum Logement.

Ech mengen awer just, fir zeréckzekommen op déi Fro, ob dat eis Kompetenz ass oder net. Ech menge schonn, dass mir grad an eiser Situatioun zu Esch, wou mer eebe vill méi Locatairen hu wéi am Duerchschnëtt, mussen deenen hir Interessen och op nationalem Niveau vertrieden. Als Gemengerot. An dass dat och e staark Zeechen ass vis-à-vis vun deene Leit.

An an der Politik geet et awer esou, dass een heiansdo muss e bëssen Drock opbauen. Vläicht si jo och déi eng oder aner Gemeng, wou dann och op deen Zuch sprangen a wou da soen, okee, mir setzen och do gär en Zeechen, dass do endlech eppes geschitt. Well eebe jo och deelweis Motiounen an der Chamber gestëmmt gi sinn.

Dat dozou.

Jo, fir de Rescht ass villes gesot ginn. A fir eeben och zeréckzekommen op déi Loyerskommissioun. Do sinn ech awer trotzdeem ganz beim Här Baum, wat hie gesot huet. Mir kënne jo net soen, dass mir déi bescht hunn aus dem Süden, déi dann een, zwee Mol zesummekënnt. Dat ass jo einfach net richteg dee Moment. Dat muss een awer och éierlech mat sech selwer sinn.

An eeben – et deet mer leed, Här Sehovic. Well déi Logementskommissioun ass eeben elo online. An et ass ganz interessant, dat ze kucken. An ech hunn dat nogekuckt. A wéi gesot, et ass ganz interessant, wat Der do gesot hutt.

Dofir wéilt ech nach ofschléisse mat engem Zitat, wou Der do gesot hutt. „Et ass eeben e Constat, dass d'Locatairen dës Regierung net interesséiert. An dass an deem Beräich guer näischt geschitt.“

A wa mer an esou enger Situatioun sinn, wou mer wëssen, dass guer näischt geschitt, da

musse mer eeben als Gemengerot dann handelen an eis do eis Responsabilitéit huelen.

Wéi gesot, et ass elo net, fir lech e Virworf ze maachen. Ech fannen et gutt. Dofir hunn ech et nach eng Kéier erausgeschriwwen.

A wéi gesot, déi Motioun do ass dann elo vläicht e bëssen ofgeschwächt ginn, mee mir sinn awer domat d'accord, se esou ze stëmmen. Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den Här Sehovic ass ugeschwat ginn. Hien huet mech gefrot, ob hien dierft reagéieren. Dat musst Dir him zougestoen, oder?

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Pulli, dass Der sou opmierksam meng parlamentaresch Aarbecht suivéiert.

Ech mengen, um Fong vum Dossier si mer eis alleguer eens. D'Diskussioun ass hei gaangen.

Ech kéint elo nach ganz vill iwwer d'Loyerskommissioun schwätzen, vun där ech eng Zäitchen de President war, wou ech einfach net d'accord sinn, dass mer dat just un der Zuel vun de Fäll maachen. Well déi Kommissioun och ausserhalb dovu ganz vill Aarbecht leescht, déi een eeben net quantifizéiert an de Fäll.

Mee de Fait personnel geet eebe par rapport zu deem, wat ech gesot hunn.

Dir hutt déi Kommissiounssëtzung ganz gutt suivéiert. An Dir hutt effektiv matkritt, dass ech mech immens vill asetze fir déi dote Saachen. An dass mer och do eng gewëss Konzessioun kritt hu vum Minister, dass hie genau op dee Wee wëll goen. Wat fir mech en Erfolleg ass an an déi richteg Richtung geet.

Ech hoffen dann, dass ech an der Zukunft an der Logementskommissioun, wann ech mech dofir asetzen, dann och nach méi Support kréie vun Äre Kolleeginnen a Kolleege vun der LSAP, déi dann do an der Kommissioun sëtzen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da stëmme mer d'Motioun sou, wéi se dann elo adaptéiert gouf.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ⊜ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Här Schmit, wëllt Der d'Abstentioun begrënnen?

M. Bernard Schmit (ADR)

Ech hat jo kuerz gesot. Den zweeten Invitt fannen ech e bësse falsch formuléiert. An dofir kann ech do net voll domat d'accord sinn.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Här Sehovic, ech wëll lech just nach eng Kéier soen, dass Dir net de Pressespriecher vun der Stad Esch an der Chamber sidd. An net alles, wat Der an Ärem jugendleche Liichtsënn heiansdo sot, komplett ënnerstëtzt gëtt vun dëser Majoritéit. Ech sinn awer frou, dass mer eis konnte mat dëser Motioun eens ginn.

Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Eng Motion d'ordre.

Well Dir et virdru gesot hutt, hei am Gemengerot hu mer scho Resolutioune geholl. Notamment en rapport mam Ukrainkrich.

Just fir et an e Verhältnis ze setzen. Och wann eise Règlement d'ordre intérieur et net virgesäit. Awer et mécht der Kaz kee Bockel, ob et eng Motioun oder eng Resolutioun ass.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da merci fir dat, nach eng Kéier drop hinzeweisen. Mir passen drop op dann elo.

10.4. Devis

10.4.1. Devis – Centre de vacances Jules Schreiner – home – raccordement électrique et fibre optique ; décision

10.4.2. Devis – Immeuble rue L. Metz, 18 – Centre d'intervention et des secours – rénovation des douches ; décision

10.4.3. Devis – Immeuble Grand-Rue, 6 – rénovation d'un logement ; décision

10.4.4. Devis – Réfection des façades des pavillons de la place de la Résistance ; décision

10.4.5. Devis – Immeuble rue des Artisans, 4 – bureaux service logement – aménagement ; décision

10.4.6. Devis complémentaire – Immeuble rue du Canal, 18 – local commercial – aménagement ; décision

10.4.7. Devis complémentaire – Aire de jeux – école Dellhéicht – remplacement, décision

10.4.8. Devis complémentaire – Rue du Moulin (Libération – Septembre) – canalisation – renouvellement E.U. et E.P. ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Ech proposéieren, dass mer elo nach d'Finanze fäerdegmaachen, éier dann de grousse Block opgeschafft gëtt.

Mir huelen dann d'Devisen. Do hu mer ganzer aacht Devisen an Zousazdevisen hei fir e Vott virleien.

En éischten Devis chiffréiert sech op 150.000 Euro fir de Centre de vacances Jules Schreiner

zu Ënsber. Hei gëtt Fibre optique geluecht. Also mir schléissen et dorun un. An och d'Elektresch gëtt verstäerkt op dëser Plaz.

En zweeten Devis iwwer 200.000 Euro, do renovéiere mer d'Duschen am Centre d'intervention vum CGDIS. E Gebai, wat eis gehéiert a wou mer dann och als Proprietär mussen op déi net gutt Zoustänn, déi deelweis do sinn, reagéieren.

En drëtten Devis ass fir d'Renovéierung vun enger Sozialwunneng. Dat ass um véierte Stack op 6, Rue de l'École. Dat ass hei just um Eck vis-à-vis.

Dat ass eng Wunneng, déi laang benotzt gouf als Archiv respektiv als Bürolokal, wat mer dann elo erëm als Wunneng wëllen notzen. Hei beleeft sech den Devis fir d'Aarbechten op 80.000 Euro. Et musse Kichen agebaut ginn, et muss d'Elektresch nach eng Kéier ëmgeluecht ginn, et muss e ganze Sanitär agebaut ginn.

De véierten Devis – an do leien zousätzlech Dokumenter och am Dossier – ass en Devis iwwer 140.000 Euro fir d'Refektioun vun de Fassade vun de Pavillonen op der Brill-Plaz. Dass déi deelweis iwwerstrach, deelweis erëm zesummegebaut, deelweis wierklech gefléckt musse ginn. Dat hutt Der op de Fotoe gesinn. Och wann eng Sprengung méi bëlleg géing ginn, wéi se hei scho suggeréiert gouf op dëser Plaz.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Dat ass wuel wouer.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

De fënneften Devis ass fir d'Amenagementer am Lokal 4, Rue des Artisans. Dat ass d'Lokal, wou virdrun d'Circulatioun zwar.

Do soll ugangs 2026 de Service Logement hikommen. An do gëtt dann ëmgebaut. Notamment fir eis Sozialaarbechter an deem Service, dass mer do och d'Büroen esou ëmgestalte kënnen an och Parloire kënnen hunn, fir dass awer déi Sozialaarbecht an diskreete Lokaler ka garantéiert ginn.

Do ass laang näischt geschitt. De Coût chiffréiert sech dann op 340.000 Euro. Do, mengen ech, loung och de Plang am Dossier bäi.

An dann hu mer nach en Zousazdevis fir den neie Restaurant social, deen an deenen nächste Wochen an der Kanalstrooss soll opgoen. Hei stëmme mer nach eng Kéier zousätzlech 20.000 Euro fir Aarbechten. Genau sou wéi mer och nach eng Kéier 20.000 Euro fir d'Amenagement vun der Spillplaz an der Bruch-Schoul zousätzlech …

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Dellhéicht.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dellhéicht-Schoul, pardon. Zousätzlech dropstëmmen.

Hei ware schonn 80.000 Euro gestëmmt ginn.

An dann de leschten Devis, dat ass en Zousazdevis iwwer 800.000 Euro. Déi zweet Phas vun der Refektioun vun der Millestrooss. Dat ass dann tëscht der Liberatiouns- an der X-Septembre-Strooss, wou d'Aarbechte weiderginn.

Hei ware scho 600.000 Euro un Devisë gestëmmt. An hei kommen dann elo nach 200.000 Euro bäi. Detailer, dat loung alles am Dossier vir.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

10.5. Crédits spéciaux

10.5.1. Demande de crédit spécial extraordinaire – TR – Administration – 2025-10-08 – initial 2025 ; décision

10.5.2. Demande de crédit spécial ordinaire – Office social – 2025 10 16 – initial 2025 ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei d'Demande vu Crediten. Do hu mer verschidden Upassungen, déi mer am Budget musse stëmmen. Ech presentéiere se zesummen.

Als éischt géinge mir gär en neien Artikel an de Budget aschreiwen, wou et dann eeben ëm d'Renovatioun vun de Büroe fir de Service Logement geet, wéi se elo grad hei beschriwwe goufen.

Den éischte Credit wier dann iwwer 100.000 Euro, dee mer nach fir 2025 géingen aschreiwen.

Den zweete Credit iwwer 60.000 Euro ass fir d'Refektioun vun de Fassade vun de Pavillonen op der Brill-Plaz. Deen hu mer och grad gestëmmt. Dat gëtt dann ageschriwwen am extraordinäre Budget 2025 als Credit.

An da bleift nach en drëtte Credit ze stëmmen. Do ass et eng Upassung vum ordinäre Budget. Hei geet et dann ëm, wou mer och gestëmmt hunn, d'Augmentatioun vum Fonds de roulement vum Office social.

Voilà, dat ass alles erkläert ginn. Mir mussen eeben hei dann den Artikel upassen op 368.225 Euro.

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

5.1. Convention chorale Uelzecht; décision

5.2. Convention Ensemble à Plectre; décision

5.3. Convention Harmonie Municipale; décision

5.4. Convention Le Gueuloir ASBL; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An da komme mer elo bei déi Punkten, déi den Här Knaff betreffen. Dat sinn d'Punkte 5, wou mer ufänken. D'Konventiounen.

Den Här Knaff huet d'Wuert.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter. An nach eng Kéier merci fir d'Flexibilitéit vun Iech all.

Mir hunn aktuell 15 Konventiounen am Kulturberäich. Dës ginn den Associatioune Planungssécherheet, fir méi laangfristeg Projete kënne virzegesinn. Ganz Saisonen, wéi d'Kufa, de Resistenzmusée oder ILL, oder recurrent Evenementer wéi déi vum Filmfestival vu Villerupt, d'Francofolies, de Kulturlaf, d'Gay Pride oder de Festival Sete Sóis.

Erstaunlecherweis haten eis historesch Museksensembelen nach keng esou eng Konventioun. Dat heescht awer net, datt mir se net ënnerstëtzt hätten. Se kréie vun eis aktuell bescheiden ordinär Subside vun e puer 100 € d'Joer.

Se kréien och Proufsäll zur Verfügung gestallt, kréie finanziell Ënnerstëtzung, fir am Theater ze spillen oder wa si ausserhalb optrieden. An da bezuele mer der Harmonie, der Chorale an dem Ensemle à Plectre och d'Gage vun hiren Dirigenten an d'Part patronale.

Dës Zort vun Ënnerstëtzung hat sech souwisou agebiergt, mee war e bësse wackeleg. Den Inneminstère fënnt, datt dat net ganz propper ass, wann d'Gemeng d'Gagë vu Leit vun engem Veräi bezilt.

Mir wëllen eis elo konforméieren a fannen dat och méi korrekt, wa mir de Veräiner d'Sue ginn, déi si dann als Patron hiren eegenen Dirigentë kënne bezuelen a si esou och déi aarbechtsrechtlech Situatioun kënne klären.

Dofir, mee och well mir si wëllen opwäerten an hinne weisen, datt mir hir Aarbecht an hiren Asaz fir d'Musekskultur schätzen a wëlle begleeden, hu mir virgesinn, dass dës dräi Associatiounen, also elo ab Januar 2026, eng eege Konventioun kréien.

Mir hunn eis mat eise Servicer zesumme mat hinne getraff, fir dëse Wee ze bespriechen. A si waren all frou iwwer dës Unerkennung, déi si och ofséchert.

An all deene Konventiounen, déi ëmmer no eisem geleefege Modell opgesat sinn, hale béid Säite fest, wat si ginn a wat si kréien. Bei der Associatioun sinn dat d'Missiounen, déi aus de Statutte stamen a sech an eis Strategie aschreiwen, an e puer administrativ Ofleef, wéi datt se mussen e Budget, e Bilan, e Rapport annuel eraginn. Dass mer gesinn, ob si sech och un dat Ofgemaachent halen.

Bei der Gemeng ass et virun allem de Finanzement.

D'Konventioune sinn all op dee Joer ausgelueft a sinn dann tacitement reconductible. Si betreffen de Finanzement vun den ordinären Aktivitéiten, net awer aner Virdeeler wéi d'Mise à disposition vu Proufsäll oder Hëllefe fir Optrëtter. Déi bleiwen d'selwecht.

Wann awer elo eng vun deenen Associatiounen en aussergewéinleche Projet huet, e Concert fir e Gebuertsdag zum Beispill, da kënne si natierlech eng Aide carte blanche ufroen. An de Montant, dee si dann do géinge kréien, géing dann an engem punktuellen Avenant mat der geneeër Bezeechnung vum Projet festgehale ginn.

Éier ech an den Detail vun de Konventioune ginn, wëll ech awer hei nach emol deene ville Benevollen an de Kommiteeë Merci soen, déi déi Veräiner mat vill Häerzblutt leeden a sech deelweis schonn zënter Joerzéngten als Sekretär oder President dofir asetzen, dass d'Museker an d'Musekerinne flott Wierker kënnen opféieren an dem Publikum vill Freed maachen.

Erlaabt mer, elo e puer Wierder zu deene verschiddene Konventioune mat de Museksensembelen ze soen.

Eis Stadmusek huet, wéi Der wësst, viru Kuerzem hir 150 Joer gefeiert. D'Buch dozou ass grad erauskomm. Si kréien aktuell vun eis 69.000 € fir hiren Dirigent an dee vun der Jugendmusek.

Hinne gi mer 6.000 € méi op 75.000 €. An dat ass dann, wéi bei deenen aneren och, hiren ordinäre Subsid. Vun allem mat dran. Plus e bësse Sputt, fir hinne bei hiren Aktivitéiten ze hëllefen.

Eis Chorale Uelzecht gëtt och e bëssen ugepasst vun aktuellen 21.000 € fir hiren Dirigent op 25.000 €. An eisen Ensemble à Plectre, quasi dee Kléngste vun deenen dräi, deen aktuell alles an allem 8.560 € huet, gëtt méi wéi verduebelt op 20.000 €.

Dat besonnesch, well si och e Jugendorchester wëlle maachen. Dës Augmentatioun erlaabt et hinnen och, dofir e Chef méi derbäizezéien an hir Formatioun weider ze entwéckelen.

Dann hu mer awer och nach eng véiert Konventioun an der Kultur um Programm vun haut. Dat ass déi vun der Associatioun Le Gueuloir, dee presidéiert gëtt vun engem Mann, dee mer gutt kennen. Dem Serge Basso de March, fréieren Direkter vun der Kulturfabrik.

Dës Associatioun gouf 2019 hei zu Esch vun enger Partie franséischsproochege Schrëftsteller gegrënnt, dorënner de Yann De Toffoli an d'Nathalie Renvau, mam Zil, an der Groussregioun e Kollektiv vu Leit opzebauen, déi Theaterstécker op Franséisch schreiwen.

Dat kléngt vläicht e bësse komplizéiert oder dréchen, mee wat dorauser entstanen ass, ass remarkabel. Si hunn ee vun deene wichtegsten a gelongenste Projete vum Kulturjoer 2022 op d'Bee gesat: de Rendez-vous vum Stammdësch.

Domat sinn d'Schrëftsteller an d'Schrëftstellerinnen duerch d'Gemenge vum Kulturjoer gezunn an hunn do d'Awunner an d'Awunnerinne getraff, fir mat hinnen iwwer Texter, déi nach an der Maach waren, ze schwätzen, a fir déi mat deem, wat d'Leit iwwer hiert Liewen ze zielen haten, ze beräicheren.

Doraus ass d'Iddi entstanen, de Prinzipp vun de Renconteren am Theatertext weider auszebauen. Dat nennt sech den MAAD, d'Maison des Auteurs et Autrices Dramatiques. A gëtt eng Pepinière vu Schrëftsteller a Schrëftstellerinne vun Theatertexter aus Lëtzebuerg, aus der Belsch an aus Frankräich.

Duerch den Austausch an hir Renconteren entstinn nei Stécker, entsteet intellektuellen Input an och nei Manéiere fir de Publikum, fir d'Literatur ze begleeden.

Dëse Reseau ass eng Aktivitéit, déi sech mat der Zäit entwéckelt, mee et gëtt elo scho konkreet Resultater. Nämlech en Zyklus vu

Liesungen, dee „Le Soufle“ heescht. Texter vun deenen Auteure konnten déi zwee lescht Joren um Festival vun Avignon, zwou Schauspillerinnen a Schauspiller, vun hinne virgedroe ginn. An dat an deem extraordinäre Kader vum Palais des Papes.

Sou kënne si sech och um internationalen Niveau moossen a weisen.

Wat heescht dat elo finanztechnesch? Am Kulturjoer krut de Projet vum Gueuloir 67.932 € vun Esch2022 an hat zousätzlech eng Konventioun vu 46.500 € mat FrEsch. Also ronn 114.000 €.

D’Joer drop, 2023, hate mer jo e puer Projete wëlle perenniséieren. Do krute si 50.000 € via FrEsch. An zanterhier froe si eng Konventioun mat der Gemeng, fir hir Projete kënnen nohalteg mat Liewen ze fëllen.

Mir proposéieren lech haut, deem Rechnung ze droen an dës Konventioun iwwer 50.000 € unzehuelen.

Wa mer eis Konventiounen, mee och eis eegen Haiser an der Kultur alleguer kucken, dann hu mer nämlech ganz vill Offer fir Musek, Theater, Danz oder Bildend Konscht, mee ganz wéineg Hëllef fir Literatur, nieft der Bibliothéik. Deemno géinge mer mat dëser Ënnerstëtzung deem och Rechnung droen.

Alles an allem maachen déi véier Konventiounen, iwwer déi mer haut schwätzen, e järlecht Engagement vun 170.000 € aus. Wat a mengen Aen nach relativ verstänneg ass.

Mer hunn d’Konventiounen alleguer mat deene betraffene Veräiner virbereet an am Austausch finaliséiert. Hir Begeeschterung war grouss. D’Konventioune kruten och den unanimen Aval vun eisem Conseil de gouvernance culturel an der Commission consultative aux Affaires culturelles.

An ech bieden, wéi gesot, deene Konventiounen zouzestëmmen.

Da maache mer d’Diskussioun op. Den Här Baum.

M. Marc Baum (déi Lénk)

Merci fir d’Presentatioun. Ech maachen et och ganz kuerz.

Ech mengen, datt dat hei e ganz gudde Schrëtt ass, dee mer maachen, fir Saachen ze vereenheetlechen. Fir Konventiounen ze maachen och mat Associatiounen aus dem Museksberäich, wou mer bis elo aner Accorden haten.

Ech mengen, dat hei mécht et méi transparent, mécht et méi vergläichbar. Et gëtt awer gläichzäiteg deenen Associatiounen och méi Planungssécherheet fir d’Zukunft.

An ech sinn och frou, an domat wëll ech ophalen, datt ee Punkt, wou ech ëmmer probéiert hunn, e bëssen ze insistéieren, am Artikel 5 dran ass, datt déi Associatiounen och Rapport-d’activitéë maachen. Datt mir och als Gemengeréit gesinn, wat hir Aarbecht ass.

An ech mengen, datt déi meescht Organisatiounen och ganz frou doriwwer sinn, well se domat hir Aarbecht och iergendwéi valoriséiert gesäit.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Baum.

Dann den Här Faltz.

M. Steve Faltz (LSAP)

Merci fir d'Wuert. Merci fir d'Presentatiounen.

Ech ginn natierlech dem Här Baum absolutt Recht. Et ass jo genau dat: E Club, wann deen am Ufank vum Joer sécher ass, mat wéi enge finanzielle Mëttelen dass e ka schaffen, dass dat vill Nuechte méi roueg mécht.

An ech ginn lech och Recht, wou Der sot, dass dat absolutt räsonabel ass u Suen, déi mer hei investéieren. An ech schwätze ganz bewosst vun Investéieren. Well mir wëssen, dass nieft deem Dirigent, dee bezuelt gëtt, ganz vill Benevoller am Sënn vun der Kultur, vun der Musek, vum Danz an och elo mat den Auteure schaffen. An doduerch sinn déi Suen am Fong multiplizéiert an am Retour, dee mer kréien.

Ech wëll awer nach eng Kéier drop hiweisen, wat Der jo scho gesot hutt, dass de Gueuloir deen Evenement um Festival zu Avignon um Festival des Cultures hat. Also dat kann ee schonn héichhalen, well dat ass elo net jiddwerengem esou ginn, fir do d'Dier opzekréien.

Dofir och vun der LSAP ënnerstëtze mer dat dote voll.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Faltz.

D'Madamm Scholl.

Mme Daliah Scholl (DP)

Merci villmools.

Wéi Der wësst, sinn ech och mat engem vun dëse Konventioune befaangen a wäert dann och erausgoe fir dëse Vott.

Wéi gesot, mir ënnerstëtzen dëst ganz. Wuelwëssend dass effektiv all déi Associatiounen eng Planungssécherheet kréien.

An dann, wéi gesot, och an der Kulturkommissioun gouf et en eenheetleche Vott, en unanimen, positive Vott. Ech wäert dofir och elo erausgoen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Scholl.

Den Här Schmit an duerno d'Madamm Weyrich.

M. Bernard Schmit (ADR)

Merci, Här Buergermeeschter.

Planungssécherheet ass effektiv eng vun deene wichtegste Saache fir ASBLen am Kulturberäich. An och souguer fir aner Gesellschaften. Also kann een dat am Fong geholl begréissen.

Natierlech, wéi och gesot ginn ass, begréisse mir och, datt d'Berichter dann awer ëmmer mat einher ginn. Dat heescht, datt ee genau gesäit, wou déi Suen am Fong geholl higinn a wat domat gemaach gëtt a wat dann déi Aktivitéite sinn.

Dat ass e ganz wichtegen Deel, well soss kann ee jo am Fong geholl absolutt guer näischt kontrolléieren. An dat ass am Kulturberäich heiansdo net ëmmer de Fall gewiescht an der Vergaangenheet. Datt ee sech do genau eng Iddi ka maachen, wat alles mat de Sue geschitt ass.

Datt do eng Verbesserung kënnt, kënne mer dann nëmme begréissen. Datt dat e gewëssen Deel u Sue kascht, ass logesch. Sou laang en

mesure vum Normale bleift, hu mir och kee Problem domat. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

An ofschléissend d'Madamm Weyrich.

Mme Joy Weyrich (CSV)

Mir ënnerstëtzen dee Schrëtt natierlech och.

Et geet hei virun allem ëm déi wichteg Escher Veräiner. An d'Förderung vun deenen ass immens onabdingbar. Virun allem wa mer d'Kultur an d'Veräinsliewen hei zu Esch weider ënnerstëtze wëllen.

Bis elo ass jo déi finanziell Ënnerstëtzung iwwer klassesch Subside gelaf an elo kréien d'Veräiner e fixe Montant, wat hinnen halt hëlleft, och Planungssécherheet bedeit an och Flexibilitéit op der aner Säit. Si kënnen esou hiert Personal an hir musekalesch Leedung esou astellen, wéi et am beschten an hir Organisatioun passt, an doduerch méi Fräiheeten an der Gestioun hunn.

Als Gemeng schreiwe mir hinnen domat Vertrauen a Verantwortung zou. Et weist, dass mir d'Aarbecht vun de Musekerinnen a Museker schätzen an hir Veräiner e besonnesche Statutt an domat eng grouss Autonomie zouspriechen.

Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Madamm Weyrich.

Dat waren alleguer d'Riedner. An da géinge mer déi véier Konventiounen zesummen ofstëmmen, wann dat okee ass. Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

5.5. Contrat de mise à disposition Porte Ouverte; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da behält den Här Knaff d'Wuert fir de Contrat de mise à disposition.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, do wäerte mer déi lescht Kéier dësen Avenant oder dëse Kontrakt stëmmen. Et geet ëm de Sall um éischte Stack vun der Porte Ouverte, dee gebraucht gëtt, notamment fir d'Danzcoursë vum Conservatoire ofzehalen.

Dir wësst, datt mer elo gläich wäerten d'Main mise vun deem Gebai kréien. An da géif sech och dee Kontrakt hei automatesch opléisen,

wann deen, deen et à disposition setzt, an deen, deen et à disposition hëlt, déi selwecht Persoun sinn.

Dat ass och esou am Kontrakt virgeschriwwen, datt déi Résiliation expresse géif dann zustane kommen, wann den Akt finalement ënnerschriwwen ass.

Fir de Moment geet et ëm e Loyer an Héicht vun 2.000 Euro, deen all Mount ze bezuelen ass. Fir, wéi gesot, eise Schüler a Studenten am Conservatoire a fir dem Danz d'Méiglechkeet ze ginn, hir Coursen ze absolvéieren.

Ech géif lech bieden, deem Avenant respektiv där Mise à disposition zouzestëmmen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Wuertmeldungen heizou? Dann au vote.

- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

7.1.7. Transactions immobilières ; Contrat de bail commercial COHSI ; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Den nächsten Dossier vum Här Knaff. Dat misst de 7.1.7 gewiescht sinn.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Jo, Här Buergermeeschter, et geet hei ëm de Contrat de bail tëschent der Stad an der Societéit K116 betreffend de COHSI.

De COSHI ass dat Lokal, wat mer un der neier Sportshal ugebaut hunn, wou mer en Exploitant gesicht hunn, fir kënnen do eng diversifiéiert Kichen unzebidden. Am Sënn vun deene Leit, déi an d'Sportshal kommen, mee natierlech net nëmmen.

Et soll och e Quartiersrestaurant ginn. E Quartier, wou mer wëssen, datt e wierklech e Restaurant nach ka verdroen. Et ass am Lallenger Quartier net esou ganz vill Méiglechkeet, fir sech do ze ravitailléieren, soudatt, mengen ech, jiddweree frou ass, wann dat Lokal da bis opgeet.

Wat d'Procedure ugaangen ass, do hu mer, wéi d'Lokal da bis bal fäerdeg war, vun Abrëll bis Mee 2025 dat Lokal ausgeschriwwen op der Säit vun der Gemeng. Wéi gesot, um Site vun eiser Administratioun, um Escher Blog. An déi Madamm, déi sech ëm d'Konzept vum Restaurant bekëmmert huet, d'Madamm Leydener, déi do mat eis ënner Kontrakt stoung, huet et och op hirer Säit publizéiert.

Mir hunn och der Madamm Leydener eng ganz Rei vu potenziellen Interessente kommunizéiert, déi si soll kontaktéieren en vue vun enger Kandidatur.

Et hu sech do awer finalement nëmmen dräi Interesséiert gemellt, woubäi am Fong nëmmen eng Kandidatur schréftlech deposéiert ginn ass. An dat ass déi justement vum K116.

Firwat war dat esou? Firwat hu sech net méi Leit gemellt, fir dat Lokal ze kréien? Dat Lokal ass e Lokal, wat à peu près 50 Sëtzplazen huet. Et ass also keen esou ganz grousst Lokal. Awer och kee klengt Lokal. Mee et ass e Lokal, wat natierlech muss probéiert ginn, ze rentabiliséieren.

An dann ass et och net esou ganz einfach, en neit Lokal am Horeca-Secteur un d'Goen ze kréien. Besonnesch net, wann een awer Virgaben hat vun enger diversifiéierter Kichen, déi à la fois soll eppes fir déi Leit, déi gär op hir Linn oppassen, fir deenen trei ze ginn. An dann awer och fir de Plaisir de la table, fir deenen dann och, wéi gesot, Rechnung ze droen.

Wéi gesot, déi zwou Saachen hu mer do am Fong verlaangt. A wéi gesot, de K116 ass keen onbeschriwwent Blat zu Esch. Et ass den Exploitant notamment vum Restaurant vun der Kufa.

No verschiddene Gespréicher, déi mer mat hinnen haten, ass de Loyer och adaptéiert ginn. En ass gestaffelt, sou wéi mer et elo ëfters maachen, wa mer selwer eppes kënne verlounen. An et ass och eng Staffelung, déi mer am Fong de Proprietäre bei deenen neie Lokaler och an der Uelzechtstrooss, wou mer hinnen dat ganz oft proposéieren, datt si sollen d'Loyere staffelen, fir am Ufank dem Bedreiwer entgéintzekommen. An dann hinnen eng Chance ze ginn, sech ze stabiliséieren um Marché.

Mir hunn eis à la Basis vum Lokal, well et à peu près déi selwecht Gréisst huet, hu mer d'Lokal an der Schwämm geholl. Dat huet à peu près déi selwecht Kapazitéit, déi selwecht Dimensiounen och. An et ass op Basis dovun, wou mer de Loyer elo fixéiert hunn. Also gestaffelt: éischt Joer, zweet Joer, drëtt Joer. An da bleift de Loyer esou, wéi Der en am Contrat de bail virleien hutt.

Ech géif lech bieden, deem Contrat de bail zouzestëmmen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Gëtt et Wuertmeldungen heizou? Den Här Funck huet d'Wuert.

M. Ben Funck (LSAP)

Merci, Här Buergermeeschter. Merci, Här Knaff, fir déi Explikatiounen. Wat eis dann elo och e puer weider Informatioune gëtt.

Ech muss awer soen, Dir sot, et war ee Mount ausgeschriwwen op Plaze wéi dem Escher Blog an op eisem Site. Ech fannen et e bësse kuerz. Et hu sech dräi Leit gemellt, nëmmen eng Kandidatur schréftlech. Dat heescht, mat Explikatiounen, d'Lokal wär net grouss genuch, vläicht ze kleng, Rentabiliséierung etcetera.

Ech mengen, wann Der nach zwee do sinn, déi aus deenen dote Grënn da vläicht dat do Lokal net geholl hunn, wär et jo vläicht eng Iddi, ob mer keen anert Lokal fir déi zwee hätten, déi do interesséiert gewiescht wären.

Déi aner Saach, déi eis e bësselchen, zemools an dësem Kontext, opgefall ass, ass déi Staffelung vum Loyer. Wou mir natierlech och bei anere Projete begréissen. De Punkt virdru war e Loyer ze stëmme fir e Kinesitherapiezenter an der Schwämm.

Okee, de Bail dauert net néng Joer, mee do hätt ee vläicht kënnen eng Staffelung

virgesinn op Monatsgréisst, fir deem och d'Chance ze ginn, fir sech lues a lues seng Clientèle opzebauen. Wa mer dat wëllen als Reegel virgesinn.

En anere Punkt, deen awer bei deem Restaurant hei eis wichteg ass, ofzeklären, as notamment dat: Wat geschitt mat der Buvette? Mir hunn do Personal agestallt, mir hunn do Leit, déi och Menüe wäerten ubidden.

Déi wäerte warscheinlech net vill Terrassméiglechkeeten hunn, wann ech dat richteg gesinn. Dat heescht, dat wäert bannena sinn. Oder ass virgesinn, dass déi Terrass eventuell kréien, wou een aus dem Parking erauskënnt? Ech weess et net. Dat kënnt Der eis vläicht erklären.

En sachant, dass an deem Plang, wou mer vun lech kritt hunn, vum Restaurant dobaussen Terrassméiglechkeete proposéiert gi 44 Leit. "Dont 20 places pour se restaurer et 24 places pour consommation boissons". Dat heescht, d'Leit kënnen do och eifnach just e Patt drénke goen.

Wann d'Leit de Choix hunn, fir dobaussen op der Terrass e Patt ze drénken oder bannen an der Buvette, wann et waarm ass, ech mengen, dat wësse mer, wou de Choix wäert hifalen.

Dat heescht, kënne mer do Erklärunge kréien, wéi d'Zesummeliewen tëscht der Restauratioun, dem neie Restaurant, an eiser Buvette, wéi dee soll am Alldag gereegelt ginn. Ech schwätzen do net, wann do samschdes oder sonndes grouss Matcher sinn, wou d'Leit an der Buvette séier e Bréitchen an eng Fläsch Béier drénke ginn an der Halbzeit. Ech schwätzen am Allgemengen am Alldag.

Fir de Rescht si mer natierlech frou, dass et relativ séier gaangen ass. Ech muss awer och soen, an dat ass vläicht just en administrative Punkt, wou ech e klenge Schock kritt hunn am Ufank, wou ech den Dossier gelies hunn.

Well op der éischter Säit dropsteet, dass d'Stad Esch géif mat enger Privatpersoun e Bail maachen. An ech si frou, dass ech herno gesinn hunn, dass dat net de Fall war.

Ech mengen, mir sollte just oppassen, dass mer vläicht déi administrativ Froen net an de Raum solle stellen. A, wéi gesot, ech sinn elo frou fir all déi Äntwerten, déi mer vun lech kréien.

An dann hoffe mer, dass dat dann och e Succès gëtt fir déi Leit, déi am Quartier wunnen, déi dee Besoin wierklech hunn, dass do eng Restauratioun hikënnt. Ech soen lech Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Funck.

Gëtt et nach Wuertmeldungen? Dann huet den Här Knaff d'Wuert.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Funck, fir Är Bemierkungen.

Ech mengen, dee Prinzipp vum gestaffelte Loyer gëtt am Fong surtout vun eis ugewant am Horeca-Secteur, wou elo d'Kinesitherapisten, déi Independantë sinn, am Fong net an déi selwecht Rubrick falen. Horeca-Secteur oder da Commerce, wéi gesot, dat ass eng aner Méiglechkeet.

Natierlech, et kéint een all Loyer staffelen. Mir probéieren, dat och esou am Développement économique ze maachen. Mee dat hei war en anere Volet, deen net am Fong den Développement économique elo concernéiert. Dee Fall, deen Dir mat ugeschwat hutt.

Mee et ass natierlech och alles eng Saach vun Negociatioune vun engem Kontrakt. Et huet een e Partner, deen dann och ka méi oder manner geschéckt negociéieren an dann och méi oder manner vläicht Konditioune kréien, déi gutt sinn.

Wat d'Buvette op der enger Säit an de COHSI op der anerer Säit ubelaangt, do war et am Fong eis Intentioun, fir e Plus ze schafen op deem Site. A mir wollte weeder un d'Fonctionnement vun der Buvette iergendeppes changéiere goen, déi eng Clientèle bien déterminée elo huet. Déi eng Clientèle huet, déi reegelméisseg kënnt an déi och net soll beanträchtegt ginn elo duerch d'Presenz vun deem neie Restaurant.

An de COHSI, deen och am Fong gesot huet, jo, mat der Buvette, deem hu mer och gesot, dat ass eng vun deenen Donnéeën, mat där der musst liewen. Dat ass, datt mer déi Buvette hunn an datt mer do och net wäerten elo iergendeppes um Fonctionnement changéiere goen.

Ech weess net, ob d'Buvette virum COHSI schonn eng Terrass hat. Et changéiert am Fong un hirer Situatioun näischt. Well laang vidrun hat d'Buvette eng Buvette. Do kann ech mech drun erënneren. Mir ware jo eng Zäitchen am Chantier. Mee effektiv waren do Plazen. Ech gesinn do d'Méiglechkeet, vläicht d'Buvette säitlech vun der Hal polyvalente ze installéieren, wann dat dee Moment gewënscht wär.

Ech mengen awer, datt déi zwou Entitéiten net wäerte concurrenciell sinn. Deen een huet seng Clientèle an och seng Kaart a säi Gedrénks, wat e proposéiert. An den neie Restaurant misst da kucken, datt en do, wéi gesot, eng nei Clientèle oder deelweis och dann nei Leit unzitt, fir bei hien ze kommen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Knaff.

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

8.5. Convention de collaboration avec l'Office national de l'Accueil; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da komme mer bei de Punkt 8.5. D'Konventioun mam Office national de l'Accueil. Den Här Knaff huet d'Wuert.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Mir bieden Iech, enger Konventioun zouzestëmmen, déi zesumme mat der ONA ofgeschloss ginn ass. Et geet an der Konventioun, déi iwwer néng Joer fixéiert ass, surtout drëm, d'Zesummenaarbecht tëschent der Administratioun an der ONA ze definéieren.

Et ass an där Konventioun festgehale ginn, wéi vill Refugiéen am Fong op Escher Territoire an deene Sturkturen, déi aktuell do sinn, solle maximal ënnerbruecht ginn.

An ech mengen, déi ganz grouss Erneierung ass, dat soll eng richteg Zesummenaarbecht, e Suivi vun den Informatiounen, en Echange vu Bons procédés gemaach ginn. Dat an engem Comité de suivi, deen en place gesat gi wäert, tëschent der ONA an de Gemengeresponsabel, fir datt een am Fong d'Informatioune besser kann austauschen.

Et ass och virgesinn, datt d'Escher Gemeng kann déi verschidde Strukturen an no gewësse Krittäre besiche goen an och sech dann d'Aarbecht vun der ONA ukucken.

Wéi gesot, déi Konventioun ass net mat iergendwellche finanzielle Fuerderunge verbonnen. Et ass e Procédé de bonne intention, deen echangéiert gëtt a wou, wéi gesot, gekuckt gëtt, datt d'Zesummenaarbecht verbessert gëtt tëschent der Gemeng an der ONA.

Ech géif lech bieden, där Konventioun zouzestëmmen.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Knaff.

Wuertmeldungen dozou? Den Här Ramdedovic.

M. Dejvid Ramdedovic (CSV)

Merci fir de Wuert.

Zu Esch an och an anere Gemengen am Land spillt den Office national d'Accueil eng wichtige Roll bei der Betreiung vu Leit, déi internationale Schutz sichen oder a grousser sozialer Nout sinn.

Eise Stad huet verschidde Strukture fir Opnam vun dëse Leit. Dat si keng einfach Ënnerthinnen, mee e richtig Liewensraum, wou d'Integratioun an d'Zusameliewe gefërdert ginn. Mir wëssen, datt esou Situatiounen heiansdo kënne Suergen ausléisen. Mee et ass eise Roll, ze erklären, ze nolauschteren an d'Verstoe géigesäiteg ze verstäerken.

Esch war ëmmer eng oppen an divers Stad. D'Zusamenaarbecht mam ONA ass dofir en Entscheed, eng gutt Koordinatioun mat de Gemengeservice, ënnerstëtzt vun der Associatioun, déi sech fir d'Integratioun asetzen a stänneg Dialog mat eise Biergerinnen a Bierger.

Dat weist, datt Solidaritéit a Verantwortung zusamme kënne goen. Eisen Zil ass kloer: An Dignitéit ophuelen, a Solidaritéit integréieren an de sozial Kohäsioun erhalen.

Mat eiser Ënnerstëtz vun ONA soe mir kloer: Mënschlech Dignitéit ass net verhandelbar. Eng gutt Integratioun ass e Gewinn fir déi ganz Gemeinschaft.

Esch soll eng beispillhaft Gemeng bleiwen. Oppen, solidaresch an organiséiert. Zusamme maache mir aus den Opnam net nëmmen eng Politik, mee eng Wäert an e Stolz vun Esch.

Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Ramdedovic.

Da ginn ech dem Här Knaff d'Wuert.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Jo, merci, datt mer déi Konventioun kënne mat der ONA stëmmen. A mir wäerten och elo méiglechst séier dee Comité de suivi elo op d'Bee setzen. An da mat den Aarbechten ufänken.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

8.6. Convention de collaboration Hive; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An dann d'Konventioun mat Hive. Den Här Knaff.

M. Pierre-Marc Knaff (DP), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn haut d'Freed, Iech d'Convention de collaboration tëschent der Stad Esch an Hive Services SARL virzestellen. Dësen Accord ass e weidere wichtege Schrëtt an der Entwécklung vun eiser Stad als Zentrum vun Innovatioun, Gesondheet a Wëssen.

Wat ass Hive Services? Hive Services ass eng lëtzebuergesch Plattform, gegrënnt am Joer 2024, déi hire Sëtz am House of Biohealth huet, op 27, Rue Henri Koch hei zu Esch.

D'Firma ass de Fortschrëtt an der Innovatioun am Gesondheetssecteur op europäeschem Niveau gewidmet. Se handelt als Katalysator, deen Innovateuren, Déngschtleeschter, Investisseuren an Institutiounen zesummebréngt, fir en dynamescht a kollaboratiivt Ekosystem ze schafen.

Zil vun Hive ass et, den Zougang zum europäesche Marché fir d'Acteuren am Gesondheetsberäich ze vereinfachen, andeem si Partnerschaften, Finanzéierungsoptiounen an en individuelle Begleedungsservice ubitt.

Hive positionéiert sech als Bréck tëschent Innovatioun a Gesondheet, mat engem staarke Fokus op d'Kooperatioun, Wëssensaustausch an Entwécklung. Si dréit domat dozou bäi, d'Lëtzebuerger Land als europäesche Centre d'excellence am Beräich Healthtech ze positionéieren. Eng Zilsetzung, déi och an der nationaler Strategie verankert ass.

Firwat elo dës Kooperatioun mat der Stad Esch? Dës Konventioun baséiert op enger gemeinsamer Visioun. Esch-Alzette wëll d'Innovatioun am Beräich vun der Gesondheet a vun der Life-Sciences aktiv förderen.

Hive Services, déi schonn zu Esch am House of Biohealth implantéiert ass, deelt dës Ambitioun a schaaft eng Plattform fir Austausch, Entwécklung an Zesummenaarbecht tëscht der Fuerschung, der Ekonomie an den Institutiounen.

Et ass am Interesse vun der Stad, all Initiativ ze ënnerstëtzen, déi d'Implantatioun vun Acteuren aus dem Gesondheetssecteur op hirem Territoire férdert. Besonnesch am Kontext vum besteeënde Cluster am Beräich vun der Gesondheet an der zukünfteger Installatioun vum Südspidol, dat d'Gesondheetsinfrastruktur vun eiser Regioun zousätzlech stäerke wäert.

Mat dëser Partnerschaft dréit Esch dozou bäi, eng wirtschaftlech, wëssenschaftlech an technologesch Dynamik ze verstäerken, déi d'Attraktivitéit vun eiser Stad weider erhéicht.

Wat ass den Objet vun der Konventioun? D'Konventioun huet als Objet, e partnerschaftleche Kader tëschent der Stad Esch an Hive Services opzestellen, mat dem Zil, d'Innovatioun an de Beräicher Gesondheet a Life-Sciences ze ënnerstëtzen an ze férderen, d'Roll vum Lëtzebuerger Land a speziell d'Roll vun der Stad Esch als europäeschen Healthtech-Zentrum ze ënnersträichen, d'Kooperatioun tëschent Hive an der Stad ze strukturéieren, fir gemeinsam Initiativen ze realiséieren.

Dëst ass eng Kooperatioun mat strateegescher Bedeitung, déi sech un der nationaler Wirtschaftsentwécklungsstrategie orientéiert.

Wat sinn d'Verflichtunge vun de Parteien? Fir de Budgetsexercice 2025 engagéiert sech d'Stad Esch, eng eemoleg finanziell Participatioun vun 20.000 Euro HTVA un Hive Services ze leeschten. Dëse Bäitrag gëtt nom Ënnerschreiwe vun der Konventioun bezuelt.

Am Géigenzuch engagéiert sech Hive Services, der Stad eng Rei konkreet Leeschtungen zouzesécheren. D'Organisatioun prioritär vun Evenementer zu Esch, déi d'Stad als Destinatioun fir Innovatioun an Entrepreneuriat am Gesondheetssecteur stäerken, d'Promotioun vun der Stad Esch an den nationale wéi och internationale Kommunikatiounen, fir hir Visibilitéit als europäeschen Innovatiounszentrum ze verstäerken, d'Presenz vum Partenariat op alle Marketing- a Kommunikatiounsmedien (Websäiten, Broschüren, Newsletteren, Communiquéen, Sozial Netzwierker a Pressekonferenzen).

Eng strateegesch Zesummenaarbecht fir Entreprisen an Experten, déi vu Lëtzebuerg ugezu ginn, dozou ze animéieren, sech zu Esch ze installéieren, d'Ofliwwerung vun engem detailléierte Rapport bis spéitstens den 1. November 2026, wou d'Aktiounen, déi am Kader vun der Konventioun ëmgesat goufen, prezis dokumentéiert ginn. Dëst garantéiert d'Transparenzeffizienz an d'Nohaltegkeet vun der Zesummenaarbecht.

Wat ass d'Dauer vun der Rechtsgrondlag vun dësem Text? D'Konventioun trëtt a Kraaft nom Accord vum Gemengerot a bleift gëlteg bis zur Erreechung vum Objet, also bis d'Aktiounen ofgeschloss sinn an de Schlussrapport virgeluecht ass.

Se ënnerläit dem lëtzebuergesche Recht. D'Parteie verflichte sech all, am Sträitfall, am Geescht vun enger frëndlecher a konstruktiver Léisung unzegoen.

An dann nach e klengt Wuert zum Schluss. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dës Konventioun ass méi wéi just e symboleschte Partenariat. Se ass eng konkreet wëssenschaftlech a wirtschaftlech Investitioun an d'Zukunft vun eiser Stad.

Se verbënnt d'Innovatioun, d'Gesondheet, d'Fuerschung an d'Territoiresentwécklung a weist, datt eis Stad net nëmme profitéiert vun der Veränderung, mee se aktiv matgestalt.

Mat dëser Kooperatioun weist Esch seng Funktioun als Laboratoire fir nei Iddien

an Technologien a spillt eng aktiv Roll am nationale wéi och europäeschen Healthtech-Ekosystem. Dofir géif ech Iech bieden, léiwe Gemengerot, dës Konventioun ze approuvéieren.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Knaff.

Wuertmeldungen? Den Här Schmit huet d'Wuert.

M. Bernard Schmit (ADR)

Déi Konventioun mat Hive ass am Fong geholl eng Geleegenheet. Dat ass och an enger Kommissioun beschwat ginn an do hunn ech dat och ervirgestrach. Dat kéint a mengen Aen eng Successstory och ginn.

Wéi dat dann iwwer déi nächst Jore sech entwéckelt, dat gesäit een dann nach. Mee wann dat méiglech wär a wann dat wierklech eppes géif ginn, da géif ech souguer begréissen, datt mer domat och nach dann iwwer dat nächst Joer eraus kéinte fortféieren.

D'Biotechnologie ass e Secteur, dee wou wierklech Porteur ass a wou ëmmer méi, solle mer soen, Fortschrëtt och erreecht gëtt. An duerno visibel fir d'Leit sech och nidderschléit a Form vu Medikamenter an Therapien op laang Wëll.

An dat ass wierklech fir Esch e gudde Wee, fir sech ze positionéieren an och fir Acteuren ëmmer méi hei unzezéien. Datt déi sech hei kënnen usidelen.

Et ass jo oft esou, datt an engem Beräich e Succès entstanen ass, datt sech dat dann ëmmer méi erauskristalliséiert. An dat ass zum Beispill e Wee, op deem et, solle mer soen, clever ass, wann ee versicht op jiddefalls, déi Spuer do ze huelen.

An hoffe mer, datt et dann och positiv esou weidergeet. A vläicht souguer nach besser, wéi mer eis dat elo kënnen erhofffen. Merci.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Merci, Här Schmit.

Här Knaff, wëllt Der äntweren?

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

10.6. Relevé et rôle supplétif impôt foncier; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Da maache mer de Sprong op den 10.6. De Relevé et rôle supplétif. Deen hate mer net ofgestëmmt.

Gëtt et Wuertmeldungen dozou? Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

11.1.1. Règlement général de la circulation; modification du règlement de la circulation ; Rue Barbourg ; décision

11.1.2. Règlement général de la circulation; modification du règlement de la circulation ; Rue de Belvaux ; décision

11.1.3. Règlement général de la circulation; modification du règlement de la circulation ; Avenue des Hauts-Fourneaux; décision

11.1.4. Règlement général de la circulation; modification du règlement de la circulation ; Boulevard Pierre Dupong ; décision

11.2. Confirmation des règlements temporaires de circulation; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

An da komme mer bei d'Verkéiersreglementer. Den Här Sehovic huet d'Wuert.

M. Meris Sehovic (déi gréng), Schäffen

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech géing dem Gemengerot gär proposéieren, d'Punkten 11.1.1, 11.1.2., 11.1.3., 11.1.4. an 11.2, also all déi permanent an déi temporär Ännerungen am Verkéiersreglement, zesummen ze diskutéieren an och en bloc ofzestëmmen.

Mir hu véier permanent Ännerungen. Dës Kéier näischt Spektakuläres. Et sinn eng Kéier op Demande vum Interesseveräin Hiehl en zousätzleche Foussgängeriwwergang an der Rue Barbourg beim Busarrêt op der Héicht vun der Audun-Strooss.

Eng Kéier e Foussgängeriwwerwee an der Bielesser Strooss tëscht de Busarrête bei deem Autosconcessionaire, deen do ass. Eng Kéier e Foussgängeriwwerwee an der Rue des Hauts-Fourneaux, fir d'Unisgebaier mateneen ze verbannen.

An dann eng Kéier, och op Demande vun engem Interesseveräin, dës Kéier vum Interesseveräin Lalleng, eng zousätzlech PMR-Parkplaz bei der Annex vum BiBBS zu Lalleng. Wéi gesot, eng Demande vum Interesseveräin Lalleng, déi mer als ganz utile befonnt hunn an dowéinst déi Propos maachen.

Bei den temporäre Verkéiersreglementer hu mer der siwen dës Kéier, déi all en relation si mat Chantieren an diverse Stroossen. Dir hutt am Dossier d'Erklärungen zu all eenzelen, soudass ech lech déi géing erspueren.

Ech bieden ëm Zoustëmmung.

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Gëtt et Wuertmeldungen heizou?

Au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

12. Contrats de bail et avenants; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

D'Contrat-de-baillen. Do hu mer der véier haut ze stëmmen. Een neien an dräi Avenanten. D'Detailer waren am Dossier.

Gëtt et Wuertmeldungen? Nee, dann au vote.

- ☑ **Enesa Agovic**
- ☑ **Aldin Avdic** ↷ (Sacha Pulli)
- ☑ **Marc Baum**
- ☑ **Pascal Bermes**
- ☑ **Liz Braz** ↷ (Steve Faltz)
- ☑ **Tammy Anna Broers**
- ☑ **Bruno Cavaleiro**
- ☑ **Steve Faltz**
- ☑ **Ben Funck**
- ☑ **Pierre-Marc Knaff**
- ☑ **Sacha Pulli**
- ☑ **Mandy Ragni**
- ☑ **Dejvid Ramdedovic**
- ☑ **Bernard Schmit**
- ☑ **Daliah Scholl**
- ☑ **Meris Sehovic**
- ☑ **Christian Weis**
- ☑ **Joy Weyrich**
- ☑ **André Zwally**

13. Commissions consultatives; modifications; décision

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

A schlussendlech dann d'Commissions consulatives, wou et Modifikatioune gëtt bei der CSV a bei der LSAP.

Dat loung am Dossier. Mir géingen ofstëmmen.

[Vott]

M. Christian Weis (CSV), Buergermeeschter

Dann hu mer 17 Mol Jo.

Da soen ech lech Merci fir dës Sëtzung vun haut.

Dëse Sonndeg weie mer en Trainingsterrain an. E syntheeteschen Terrain um Gaalgebierg. Do sidd Der natierlech invitéiert. Soss steet, mengen ech, net esou vill un déi nächst Woch.

Ech wënschen lech eng schéin Allerhelljevakanz, déi eng hunn, an da gesi mer eis am November erëm. An engem spannende Mount mat ville wichtegen Dossieren.

CONSEIL COMMUNAL



Christian Weis
CSV



Pierre-Marc Knaff
DP



André Zwally
CSV



Meris Sehovic
déi gréng



Bruno Cavaleiro
CSV



Mandy Ragni
déi gréng



Daliah Scholl
DP



Ben Funck
LSAP



Steve Faltz
LSAP



Liz Braz
LSAP



Enesa Agovic
LSAP



Sacha Pulli
LSAP



Pascal Bermes
CSV



Joy Weyrich
CSV



Marc Baum
déi Lénk



Bernard Schmit
ADR



Tammy Anna Broers
déi gréng



Dejvid Ramdedovic
CSV



Aldin Avdic
LSAP